17. PEZZAN Sergio, né le 7 mai 1957 à Arta Terme (Italie), demeurant à Bergem

18. PICCO Innocente Floriano, né le 24 octobre 1967 à Luxembourg, demeurant à Kopstal

19. PIERINI Ermanno, né le 9 février 1969 à Lizzano in Belvedere (Italie), demeurant à Stadtbredimus

20. RAS Martin Frederik, né le 14 mai 1980 à Pembury (Grande-Bretagne), demeurant à Troine

21. ROLAND Christophe, né le 9 juin 1975 à Arlon (Belgique), demeurant à Oberpallen

22. SOARES SPENCER Sonia Maria, née le 28 septembre 1976 à Nossa Senhora da Lapa/Sao Nicolau (Cap Vert), demeurant à Ettelbruck

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de SOARES Sonia Maria.

23. THOMÉ Guy Nicolas Robert, né le 8 juillet 1978 à Metz (France), demeurant à Mondorf-les-Bains.

Déi nächst Sitzung ass dann de Mëtten um halwer 3.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.00 heures)

48e séance

Jeudi 13 juillet 2000

Présidence
M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Projet de loi 4677 modifiant et complétant

a) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat,

b) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'Etat ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat,

c) la loi du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2000,

d) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat,

e) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat,

f) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat,

g) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois,

h) la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,

i) la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif

(Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)

2. Projet de loi 4605 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension et modifiant

a) le code des assurances sociales,

b) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat,

c) la loi du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois *(Suite - Motion)*

3. Discours de M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Mme Lydie Polfer, MM. Fernand Boden, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.34 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da kéime mer direkt zur Diskussioun vum Projet de loi 4677 iwwert d'Gehälterverhandlungen am öffentleche Secteur.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Weiler, Di Bartolomeo, Rippinger, Jaerling, Bausch, Bisdorff a Sunnen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Gusty Graas.

1. Projet de loi 4677 modifiant et complétant

a) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat,

b) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'Etat ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat,

c) la loi du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2000,

d) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat,

e) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat,

f) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat,

g) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois

h) la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,

i) la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, den 20. Mäerz 1992 gouf de leschten Accord salarial an der Fonction publique ënnerschriwwen. Wéinst deene bekannten Evenementer, déi villen net onbedingt an der beschter Erënnerung sinn an op déi ech hei net méi wëll weider agoen,…

(Interruptions)

…war en Accord tëscht der CGFP an dem Patron Stat 8 Joer laang net méi méiglech. Zënter 1995 gi jo d'Gehälter beim Stat iwwert de Wee vun engem sougenannte Plan salarial geregelt.

De Regierungswiessel vum 13. Juni 1999 huet dunn awer eng aner Etapp agelaut, an ënnert der neier CSV-DP-Regierung ass nees e konstruktiven Dialog opgeholl ginn. Schonn an der Regierungserklärung vum 12. August 1999 konnt een dëse Wëllen erkennen, ech zitéieren: "Le Gouvernement négociera avec l'organisation syndicale la plus représentative du secteur Etat pour mettre en oeuvre une politique salariale continue dans le secteur public, s'inspirant étroitement de la situation économique et de l'évolution générale des salaires." A weider: "Les négociations seront menées en principe tous les deux ans. Les premières négociations de la nouvelle législature débuteront fin 1999."

Wéi also ugekënnegt, sinn effektiv de 17. Dezember 1999 déi regelrecht Gehälterverhandlungen tëscht der Regierung an der representativer Gewerkschaft am öffentlechen Déngscht, der CGFP, ugelaf. D'CGFP hat hir Revendicatiounen an engem Memorandum mat 16 Punkten den 28. November 1999 eragereecht. No nëmmen aacht Sëtzunge ware sech déi zwee Sozialpartner eens, an den 29. Mee vun dësem Joer ass nees en neien Accord salarial am öffentlechen Déngscht ënnerschriwwe ginn.

Et muss een op dëser Plaz ënnersträichen, datt déi zwee Titulairen am Ministère vun der Fonction publique, d'Ministerin, d'Mme Lydie Polfer, an de Statssekretär, den Här Jos Schaack, dës Verhandlunge mat vill Fangerspëtzegefill geleet hunn. Och huet d'CGFP eng ganz konstruktiv Roll gespillt. D'Kommissioun weist sech zefridden iwwert de kooperative Geescht, dee vun deenen zwee Sozialpartner bewise gouf. Et soll op dëser Plaz och drop higewise ginn, datt de Statssekretär, den Här Schaack, mat sengem Entrevue-Marathon, wou hie praktesch all d'Gewerkschaften aus dem öffentlechen Déngscht begéint huet, mat Sécherheet zu enger neier Dialogkultur bäigedroen huet.

Ier awer den Accord wéi gesot den 29. Mee ënnerschriwwe gouf, war deeselwechten Dag d'Kommissioun vun der Fonction publique an der Réforme administrative zesumme komm, wou d'Memberen nach de Contenu presentéiert kruten. Et war dat eng Première, well nach ni war en Accord salarial, ier en der Öffentlechkeet presentéiert gouf, och där zoustänneger Kommissioun virdru matgedeelt ginn. Ech mengen, och dat ass e kloert Zeeche vun Transparenz an Dialog, déi an dësem Dossier virgeherrscht hunn.

(Interruption)

De leschten 3. Juli huet d'Kommissioun dunn hir eigentlech Aarbechten ugefaangen, an et gouf eng éischt Lecture vun den Artikele gemaach. De 7. Juli krute mir den Avis vum Conseil d'Etat, dee vum Fong hier u sech keng gréisser Oppositioun ugemellt hat. Den 10. Juli konnt e Rapport virgeluegt ginn, dee mat 9 Jo-Stëmme bei zwou Abstentiounen, also mat grousser Majoritéit, ugeholl gouf. Den 11. Juli schlussendlech gouf nach à titre d'information un all Member vun der Kommissioun e voluminöst Dokument zougestallt, wou d'Etüden dran enthale sinn, déi d'Regierung fir dësen Accord salarial opstelle gelooss hat. Ech mengen also behaapten ze kën-

nen, datt d'Informatioun an dësem Dossier ouni Zweifel ganz ëmfaassend war.

Eenzelner stelle sech vläicht elo d'Fro, firwat datt déi lescht Wochen a besonnesch déi lescht Deeg nach de leschte Gang ageluegt gouf, also de 5. Gang, fir nach virun der Summervakanz dëse Projet ze evakuéieren. Dat huet awer virun allem eng praktesch Ursaach. D'Summerméint kënnen nämlech elo dozou genotzt ginn, fir déi néideg Berechnungen op Grond vun der Retroaktivitéit vun eenzelne Mesurë virzehuelen. D'Entrée en vigueur vum Gesetz ass jo op den 1. September vun dësem Joer festgesat.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ier ech dësen Accord wëll e bësse méi am Detail presentéieren, erlaabt mir awer trotzdem, kuerz nach eng Kéier op den Accord vum 28. September 1990 an dee vum 20. Mäerz 1992 zréckzekommen. Eng Rei vun deene Punkten, déi deemools festgehale goufen, sinn nämlech bis haut nach net ëmgesat a stellen also sougenannt Altlaste fir dës Regierung duer. Allerdings wäerten och déi elo an Ugrëff geholl ginn. Folgend Punkte stinn nach op der Lee:

- De Conseil de discipline soll de Charakter vun enger Juridictioun kréien.

- Eng Spezialkommissioun soll agesat ginn, fir eng Harmoniséierung vun den Accèsen a Substitutiounsgraden ze erreechen.

- Eng Reform vun den Examens-concours soll duerchgefouert ginn.

- Et war virgesinn, eng Dispens vum Déngscht vu véier Stonne pro Mount wéinst familiären oder gesondheetleche Grënn ze accordéieren.

- Schlussendlech stinn nach zwou Mesuren aus dem Accord vun 92 op, an zwar d'Erhéijung vun de Kreditter fir d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, fir hir Observateure bei den Examen ze indemniséieren a Moossname fir d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbecht am öffentlechen Déngscht ze verbesseren.

All déi Saache sollen elo am Kader vun der Commission des Statuts duerchdiskutéiert ginn. Enn dëses Jors wäert d'Revisioun vum Statut dann och schonn eenzelne Punkten deementspriechend Rechnung droen.

Wat deen neien Accord salarial ubelaangt, dee mir haut duerch d'Ëmännerung vun net manner wéi ning Gesetzer guttheeschen, sou waren d'Reaktioune ganz positiv, och wann an eenzelne Kreesser domat eng Signalwierkung fir weider ustehend Gehälterverhandlungen an anere Secteure verbonne gëtt. Am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics kann een ënner anerem liesen: "La Chambre des Fonctionnaires et Employés publics se félicite de ce que, après la période sombre que la fonction publique a vécue depuis 1995, le présent accord salarial renoue avec la tradition en ce qu'il a été conclu d'un commun accord après des discussions qui se sont déroulées dans un climat de travail marqué par la franchise et la compréhension réciproques."

D'Regierung huet bei der Ausschaffung…

Interruption)

…vun dësem Accord salarial der ekonomescher Entwécklung wéi och dem Ofschloss vu verschiddene Kollektivverträg Rechnung gedroen.

(Interruption)

D'Detailer goufe wéi gesot alle Kommissiounsmembere matgedeelt.

Ee vun de Kärstécker vun dësem Accord ass jo eng retroaktiv Erhéijung vun 2,5% vum Punktwäert op den 1. Januar 2000 an eng weider Erhéijung vun 1% op de Punktwäert vum 1. Januar 2001 un.

Eng wichteg Neierung an der Rémunératiounsstruktur ass d'Ersetze vun de Biennalen duerch Annalen. Dat bedéngt eng Verännerung vum Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert de Statut vun de Statsbeamten. Dës Moossnam erhéicht ouni Zweifel d'Attraktivitéit vum öffentlechen Déngscht, well doduerch all Joer eng automatesch Upassung vun de Gehälter kënnt. Eng Annale ass jo d'Halschent vun enger Biennale a gëtt gegebenenfalls no uewen opgeronnt.

Et gëtt an dësem Kontext dovu profitéiert, fir d'Ëmsetzung vum Artikel 23, deen d'Indemnitéite fir d'Stagiaires, d'Employés temporaires an aner Ugestallte regelt, an Zukunft iwwer groussherzoglech Reglementer virzehuelen, an net méi, wéi bis elo, duerch e Reglement vum Conseil de Gouvernement oder e Règlement ministériel. Dat ass jo d'Konsequenz vum Uerteel Faber géint de Commissariat du Gouvernement vum 6. Mäerz 1998, wat jo d'Cour constitutionnelle gesprach hat. Et muss ee soen, datt d'Aféierung vun Annalë sech positiv op d'Entwécklung vun deene Fonctionnairen auswierkt, déi nach net um leschten Échelon vun hirer Carrière ukomm sinn. Selbstverständlech muss d'Majoration d'indices, d.h. also d'Annalen, bei alle Promotioune berücksichtegt ginn.

Eng aner wichteg Mesure ass d'Erhéijung vun der Iessenszoulag vun 140 op 220 Frang, also ëm ronn 80 Frang. Dat mécht am Mount 4.400 Frang netto aus. Am August a während verschiddene Congéë gëtt dës Allocatioun selbstverständlech net ausbezuelt. Duerch dës Upassung gëtt en Niveau erreecht, deen enger Harmoniséierung mam Privatsecteur entsprécht.

Fir den öffentlechen Déngscht awer besonnesch fir déi méi jonk Fonctionnairen nach zousätzlech attraktiv ze maachen, gëtt d'Stagezäit vun dräi op zwee Joer erofgesat. Dofir muss d'Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Statut ëmgeännert ginn. Natierlech däerf duerch dës luewenswäert Mesure kee Beamten, deen de Moment am Stage ass, benodeelegt ginn. Am Gemengesecteur besteet

jo iwwregens schonn déiselwecht Stagezäit vun zwee Joer.

Ee vun de Schlëssele lementer vun dësem Accord salarial ass awer d'Aféierung vun neien Deelzäitbeschäftegungsmodeller, dem sougenannte Service à temps partiel, deen elo d'Form vum Travail à mi-temps ersetzt. Et gëtt de Beamten also méiglech gemaach, an Zukunft 25, 50 oder 75% vun enger ganzer Tâche ze schaffen. Hei brieche mer ouni Zweifel mat enger traditioneller Konzeptioun vum Fonctionnairesstatut. Mä och den öffentlechen Déngscht muss sech der gesellschaftlecher Entwécklung upassen. Besonnesch am Interesse vu Frae muss versicht ginn, déi berufflech an déi familiär Verflichtunge méi mateneen ze koordinéieren.

(Interruption)

Selbstverständlech och fir Männer, Här Huss!

Dës Flexibilisatioun entsprécht jiddefalls de Kritäre vun enger moderner Fonction publique a reflektéiert an engem gudde Mooss de Wëlle vun der Regierung, de soziale Veränderunge Rechnung ze droen.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Très juste!

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur*.- Et gëtt also e Lien mam Job-sharing am Privatsecteur hiergestallt. D'Kommissioun huet och Verständnis dofir, datt dës Méiglechkeeten an enger éischter Phas net fir Fonctions dirigeantes gëllen.

De Conseil d'Etat huet allerdings Problemer mat der Multitude vun Aarbechtsmodeller, also der Hallefdagsaarbecht, dem Service à temps partiel oder dem Congé parental. Hie weist op Schwieregkeeten aus der Praxis hin a schwätzt souguer, wat d'Gestioun vum Personal ubelaangt, vun, ech zitéieren, "des règles datant de l'immédiat après-guerre".

Wann een och seng Iwwerleeunge soll eescht huelen, sou besteet awer kee Grond, fir senger Fuerderung nozekommen, dës Dispositiounen aus dem Projet erauszehuelen. Villméi soll d'Aféierung vum Service à temps partiel als Chance genotzt ginn, fir effektiv méi eng flexibel Personalpolitik ze maachen, dat am Intérêt vun der allgemenger Effizienz vum Statsapparat, wou natierlech nach ëmmer d'Interesse vun deenen eenzelne Servicer musse respektéiert ginn. Op alle Fall sinn déi genee Aféierungskritären zu dësem Zäitpunkt nach net bekannt a mussen nach an der Statutekommissioun diskutéiert ginn, ier se da kënnen iwwert de Wee vun engem groussherzogleche Reglement ëmgesat ginn.

Eng weider interessant Neierung ass d'Aféierung vun där sougenannter Altersteilzeit vu 55 Joer un. Och hei huet de Statsrot eng méi reservéiert Haltung, déi een awer net onbedingt deele muss. Hie mengt, dës Moossnam wier nëmme fir Leit, déi eng geséchert finanziell Situatioun hätten. Dat mag vläicht stëmmen, wat awer net onbedingt en Argument ass, fir dës Méiglechkeeten net virzegesinn. Et gëtt ëmmer méi Leit, déi bereet sinn, op en Deel vun hirem Akommes ze verzichten an dofir awer déi zousätzlech Fräizäit derzou ze notzen, fir verschiddenen Interessen nozegoen.

Op där anerer Säit gëtt et natierlech och Leit, déi gewëllt sinn, iwwert de Pensiounsalter eraus vu 65 Joer weider schaffen ze goen. Dat gëtt elo duerch dësen Accord salarial méiglech, allerdings muss de Conseil de Gouvernement domat d'accord sinn. Bedéngt duerch déi méi grouss Liewenserwaardung fillt sech muncheree fit genuch, fir nach méi laang schaffen ze goen. De Conseil d'Etat mécht an deem Kontext drop opmierksam, datt duerch dës Moossnam Problemer mat der Pensionéierung vun de Magistraten entstinn.

An hirem Avis hält déi héich Kierperschaft fest, datt d'Chamber net kéint vum zweete Vote constitutionnel entbonne ginn, wann net zwou Modificatioune vum Gesetz vum 7. Mäerz 1980 iwwert d'Organisation judiciaire, respektiv vum Gesetz vum 7. November 1996 iwwert d'Organisatioun vum Ordre administratif virgeholl géifen. D'Kommissioun ralliéiert sech hei der Propositioun vum Statsrot. Deementspriechend kënnen d'Magistrate bis 68 Joer a Fonctioun bleiwen.

Och gëtt an dësem Accord salarial d'Zuel vun de Congésdeeg eropgesat. Sou soll all Beamte réckwierkend op den 1. Januar neierdings 28 Deeg zegutt hunn. Et ginn 30 Deeg vum 1. Januar vun deem Joer un, wou de Beamte 50 Joer kritt, an 32 Deeg vum 1. Januar vun deem Joer un, wou de Beamte 55 Joer al gëtt.

Weider gëtt an Zukunft en eenheetleche Kilometerpräis vu 15 Frang verrechent fir Déplacementer mam Privatauto, an dat onofhängeg vun der Gréisst vum Won. Dat ass eng Majoratioun vun 8,60, respektiv 4,50 Frang. Fréier si jo bekanntlech zwee verschidden Tariffer accordéiert ginn. Wat d'Déplacementsfräen ubelaangt, sou sollen dës emol enger Préifung ënnerzu ginn.

Eng aner interessant sozial Mesure ass de Relèvement vum Plafong vu véier op sechs Milliounen, wat d'Zënszouschëss ubelaangt am Fall, wou e Fonctionnaire fir de Bau, de Kaf oder d'Renovéierung vun engem Eegenheem e Prêt ofschléisst. Dëst erlaabt et virun allem jonke Leit, hiert Zil vun engem Eegenheem ze verwierklechen, an et stellt en zousätzlechen Ureiz fir den öffentlechen Déngscht duer.

Schlussendlech soll dann nach e Groupe de travail agesat ginn, dee sech Gedanke mécht iwwert déi méiglech Aféierung vun enger Zousazpensioun fir d'Beamten, déi nom 31. Dezember 1998 agestallt goufen. Virgesi war jo och, eventuell d'Affekotefräen ze rembourséieren an enger Affär, wou de Fonctionnaire géint de Stat gewonnen hätt. Dës Mesure ass awer, laut dem Avis vum Conseil d'Etat, contraire zum Artikel 10bis vun eiser Constitutioun. D'Kommissioun ralliéiert sech an dësem Fall der héijer Kierperschaft a proposéiert dofir, dësen Text ganz ze sträichen, hëlt awer Akt dovun, datt d'Regierung an dësem spezifesche Fall gewëllt ass, d'Diskussioun heiriwwer an engem anere Kader nach eng Kéier ze lancéieren.

Eens si sech d'Sozialpartner och, datt weider Ustrengunge gemaach musse ginn, wéi een de Stat nach méi effikass a méi biergerno gestalte kann. An deem Prozess fält der Verwaltungsreform natierlech eng wichteg Roll zou. D'Benotzung vun deenen neien Technologien ass dofir och eng vun de Viraussetzungen.

Ech wëll awer op dëser Plaz nach ervirhiewen, datt de Projet de loi scho mat enger ganzer Rei vu Règlements grand-ducaux begleet war. Et ass dat e weidert Zeechen, dass d'Auteure vum Gesetz e Maximum vun Transparenz wollten an dëser Diskussioun opbréngen.

Dësen Accord salarial huet selbstverständlech eng gewëssen Inzidenz op de Budget an deementspriechend muss och d'Budgetsgesetz vum Joer 2000 modifizéiert ginn. De Gesamtkäschtepunkt fir de Secteur Stat gëtt fir dat lafend Joer op 1,623 Milliarde Frang geschätzt. Aleng d'Adaptatioun vum Punktwäert kascht 938 Milliounen, d'Ëmännerung vun de Biennalen an Annalë bedréit 318 Milliounen, d'Erhéijung vun der Iessenszoulag 270 Milliounen an d'Erofsetze vun der Stagezäit op zwee Joer 62 Milliounen. 24 Millioune kaschten déi zousätzlech accordéiert Zënszouschëss an 11 Milliounen d'Erhéijung vum Kilometergeld. Finalement gëtt de Käschtepunkt fir de konventionéierte Secteur op ronn 144 Millioune geschätzt. Dëse Kredit ass fir de Budget vu konventionéierten Associatioune gegebenenfalls auszegläichen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Dësen Accord salarial, vun deem am Ganze ronn 40.000 Leit betraff sinn, ass ouni Zweifel e Resultat dat sech an d'Ligne de conduite vun der Regierungserklärung aschreift. Dësen Accord misst eng Basis duerstellen, fir an der Zukunft e fruchtbaren Dialog tëschent dem Patron Stat a séngen Ugestallten ze fleegen. Well nach sti wichteg Reformen am öffentlechen Déngscht aus. Ech denken zum Beispill un d'Reform vum Fonctionnairesstatut an un eng allgemeng Gehälterrevisioun. Dës Ziler kënnen éischter erreecht gi wann tëschent de Sozialpartner e konstruktiivt Klima virherrscht. Et ass dat net nëmmen am Intérêt vun der Fonction publique selwer, mä et ass och am Intérêt vun eiser Ekonomie, déi jo ofhängeg ass vun engem effiziente Stat.

Eng wierksam Fonction publique berout un éischter Linn op der Motivatioun vun hiren Ugestallten. Niewent dem Respekt, deen een opbrénge soll vis-à-vis vun alle Leit, déi engagéiert sinn am Déngscht vum Stat, de Gemengen an den assimiléierte Secteuren, ass awer och eng ugepasste Rémunératioun d'Viraussetzung fir d'Motivatioun. Dësen Accord dréit deem ouni Zweifel Rechnung. Leschten Enns ass dat jo och am Intérêt vun eiser ganzer Gesellschaft.

Ech hoffen, datt d'Chamber dësem Projet de loi, esou wéi e vun der Kommissioun proposéiert ginn ass, hire breeden Accord gëtt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den Accord salarial vum leschten 29. Mee fënnt selbstverständlech d'Ënnerstëtzung an d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a mir wäerten deementspriechend dee Projet, dee mer haut de Mëtteg hei diskutéieren, eestëmmeg stëmmen.

Wann ech, Här President, drop gehalen hunn dëst dès l'ingrès ze soen an eis Positioun kloer ze maachen, dann ass et aus deem Grond, well mer an deene leschten Deeg a Wochen d'Impressioun haten, op Grond vun enger Partie Artikelen an der Press, och Commentairen um Radio, wéi wann et sech bei dësem Accord ëm e Privataccord vun eisem Koalitiounspartner, der Demokratescher Partei, mat der CGFP gehandelt hätt. Or, Dir wësst alleguer, dass dat net de Fall ass. Et handelt sech hei ëm en Accord, deen tëschent der Lëtzebuerger Regierung, déi sech bekanntlech aus CSV an DP zesummesetzt, an där representatiivster Gewerkschaft ausgehandelt gouf.

Et ass evident, dass déi zwee Titulairen aus dem Ministère vun der Fonction publique, d'Mme Polfer an den Här Schaack, pour compte vun der Regierung dësen Accord ausgehandelt hunn, d'Verhandlunge gefouert hunn a versicht hunn - an ech mengen, dat ass hinne jo och gegléckt mat Succès -, fir béid Säiten en acceptable Kompromiss ze fannen. Mä dee gefonnte Kompromiss, Här President, huet der Zoustëmmung a virun allem der grénger Luucht vum Finanzminister an dem Budgetsminister bedarf, well all Mënsch weess, dass an enger Regierung de Finanzminister ee vun deene gewiichtegste Leit ass. Dat ass net nëmme bei eis esou, dat ass och am Ausland esou an deementspriechend war et selbstverständlech, dass de Finanzminister huet misse gréng Luucht ginn, well et ass schlussendlech hien, deen déi noutwendeg Kreditter muss virgesinn.

(Interruptions diverses)

Ech wëll also soen, dass et en Accord ass, dee vun deenen zwou Regierungsfraktiounen an der Regierung an hei am Parlament gedroe gëtt.

Dat gesot, wëll ech awer soen, Här President, dass eis méi de Contenu vun dësem Projet dozou beweegt, fir dëse Projet ze stëmmen. Ech wëll dem Rapporteur, dem Här Graas, merci soe fir säi schréftleche Rapport. Ech sinn och streckeweis mat sengem mëndleche Rapport d'accord. Ech sinn awer net ganz domat d'accord an ech muss soen, dass ech et net ganz korrekt fonnt hunn, dass den Här Graas hei als Rapporteur dee Passage zitéiert huet, deen am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics steet, dee mer an der Kommissioun eestëmmeg aus dem Rapport gestrach hunn, well mer der Meenung waren …

(Interruptions diverses)

Ech weess, dass den Här Bausch seng Reserven ugemellt hat, mä et misst een de Procès-verbal nokucken. Deen Absatz ass op jidde Fall majoritär gestrach ginn, well mir absolut net der Meenung waren, dass déi lescht Regierungsperiod vun 1994 op 1999 eng Période sombre fir d'Fonction publique gewiescht wär. Au contraire, mir hu ganz schwiereg Froe geléist. Et sinn haut ganz vill Statsbeamten, déi frou sinn, datt déi Reformen, déi gemaach gi sinn, do sinn an ech sinn iwwerzeegt, Här President, dass et souguer hei am Parlament deen een oder anere gëtt, deen deemools mat deene Reformen net terribel frou war, dat och hei op dëser Tribün Kund gedoen huet, deen awer im stillen Kämmerlein ganz frou ass, dass mer déi do Problematik, wéi déi lescht Koalitioun et gemaach huet, op déi Aart a Weis aus dem Wee geraumt hunn.

Här President, nodeem den Accord salarial bekannt war, hunn d'Mme Polfer, den Här Schaack an den Här Daleiden den Accord der breeder Öffentlechkeet virgestallt an Dir hutt erlieft, dass eng Hellewull vu Reaktiounen op dësen Accord komm ass.

Déi eng hunn iwwerschwénglech an heiansdo mat e wéineg Pathos vun engem besonnesch generéisen Ofschloss ge-schwat, deen d'Resultat wär vun enger neier Ära vun Dialog a vu Versteesdemech. Anerer hu gemengt, et wier eigentlech däers Gudden e bëssen zevill gewiescht an et wier och mat e wéineg manner duergaangen. Nees anerer hu behaapt, dat hei wier d'Enn vun der Lounmode-ratioun. Anerer hunn erëm gefaart, et géif eng fuerchtbar Signalwierkung fir de Privatsecteur doduerch kommen, also vill verschidde Reaktiounen op een an deeselwechten Accord.

Ech wëll awer soen, dass dësen Accord, sougutt vu sengem Wiesen hier wéi och wat de Contenu ubelaangt, sech net wesentlech vun Accords salariaux mat der Fonction publique aus der Vergaangenheet ënnerscheet. De Stat als Patron an d'CGFP als déi representatiivst Gewerkschaft hu matenee verhandelt. Si hunn ofgeschloss, dat Ganzt am Rumm vun deem wat mir am Koalitiounsaccord festgehalen haten, nämlech dass mer géife bei Gehälterverhandlungen der wirtschaftlecher Entwécklung, der Evolutioun vun de Léin am Privatsecteur an net zulescht deene budgetäre Contraintë Rechnung droen.

D'CGFP hat selbstverständlech hire Fuerderungskatalog, deen, wéi dat normal an esou Situatiounen ass, relativ héich geschrauft war an en fin de compte ass sech wéi esou oft a wéi och am Privatsecteur op engem Mëttelwee getraff ginn.

Mä och wat de Contenu ubelaangt, Här President, mat deem wat hei ofgemaach ginn ass fir déi nächst zwee Joer fir d'Fonction publique, si mir d'accord, wann ee gesäit, dass mir e Wirtschaftswuesstem hei am Land hu vun iwwer 5%. De Wirtschaftsminister huet a senger Ried op der Foire dat ënnerstrach, wäit iwwer 5%.

Et brauch een nëmmen de STATEC ze kucke mat de Previsioune wat de wirtschaftleche Wuesstem ubelaangt, da gesi mer, dass mer net nëmme fir dëst Joer, mä och fir d'nächst Joer e ganz héije Wirtschaftswuesstem hunn. Mir hunn eng brillant finanziell Situatioun vum Lëtzebuerger Stat. Mir hunn e Budget, deen am Equiliber ass.

Wie sech un d'lescht Joer erënnert bei de Budgetsdebatten a wien d'Avie gelies huet vun de Chambres professionnelles an dee gesinn huet, dass d'Chambres professionnelles higaange sinn a sech gefrot hunn, ob et iwwerhaapt nach moralesch vertrietbar wär, datt de Stat géif higoen an esouvill Reserven unhorten, wéi en dat de Moment mécht, well mer déi Gelder jo ëmmer erëm op d'Säit leeën als Reserv fir eis Infrastrukturen.

Wann ee gesäit, dass de Budgetsminister virun e puer Deeg e Projet hei virgeluegt huet fir d'Affektatioun vun de Plus-valuen a wann ee gesäit, dass déi brillant finanziell Situatioun vum Stat hierhält fir Fuerderunge vu ville Säiten an notamment vun eise sozialistesche Kolleegen, fir massiv Steierreduktiounen net muer, mä scho virgëschter…

(Interruption)

Jo haut, mä Dir hutt se och scho virgëschter verlaangt. Den Här Krecké huet seng éischt Méiglechkeet, déi en op dëser Tribün hat an deem gëeegente Kader genotzt fir ze froen, dass mer sollten zréckfuere mat de Steieren.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Louche mer dann do falsch?

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Mir maachen dat, wéi mer dat och ëmmer mat Iech gemaach hunn, fein, an der Uerdnung ...

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Bei eis ass et méi schnell gaangen!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Bei Iech ass et guer net méi schnell gaangen!

Dës Regierung wäert handelen an deem Zäitraum, déi déi viregt Regierunge sech ginn hu fir Steierreformen …

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Esou spéit hu mer nach nie eng Adaptatioun gemaach wéi dës Kéier, mä dat ass da vläicht net Äre Mérite, mä dee vun der DP, déi jo gesot huet, si wëllten dat massiv erofsetzen an all Joer upassen.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech huelen Akt dovun, Här President, dass den Här Krecké déi Deklaratioun, déi en elo just gemaach huet, och scho virun e puer Wochen eng Kéier op dëser Tribün gemaach huet. Si adresséiert sech net u mech, deementspriechend brauch ech se net ze kommentéieren.

Wann ee gesäit, dass déi brillant finanziell Situatioun vum Stat och muss hierhale fir streckeweis Augmentatioune vu Renten am Privatsecteur ze justifizéieren, dann ass et nëmme legitim, dass och de Secteur public, d'Statsbeamten, an engem Moment wou et hirem Patron,

dem Stat, finanziell gutt geet, säi Stéck mat ofkritt. Ech mengen, et géif keen dat berechtegterweis kënne kontestéieren.

A wann een emol higeet - de Rapporteur huet virdrun d'Accore vun 1990 a vun 1992 ugeschnidden - an et vergläicht een dësen Accord mat deenen Accoren aus der Vergaangenheet - ech géif souguer nach weider zréckgoen an d'Joren 1985/1986, no enger Austeritéitsperiod, déi e puer Joer gedauert huet, ass deemools en Accord ofgeschloss ginn iwwer zwee Joer vu 4%. 1990 ass en Accord ofgeschloss ginn, dee bei bal 7% louch iwwer zwee Joer.

Et weess ee jo, wann een hei mat Prozenter operéiert, dass dat relativ schwiereg ass, well eng Rei vu Mesuren, déi geholl ginn, sech net onbedéngt direkt am Prozentsaz ausdrécken, deen eben d'Adaptatioun vun de Léin ausmécht.

Deemools waren also bal 7% fir zwee Joer zougestane ginn.

Den Accord vun 1992 huet 6% iwwer dräi Joer virgesinn. A wann ee gesäit wéi d'wirtschaftlech Situatioun, d'ekonomescht Ëmfeld deemools war, da war dat de loin net esou héich wéi dat, wat mer haut hunn, praktesch nëmmen op der Halschent. Mir hunn eis deemools tëschent 2-3% Wirtschaftswuesstem beweegt. Wann ee gesäit wou mer haut stinn, wann ee gesäit wéi d'finanziell Situatioun vum Stat haut ass, wat eng ganz aner ass, eng vill méi zolidd, wou d'Accise vill méi breet ass, wéi dat deemools de Fall war, da fannen ech, dass ënnert dem Strëch deen Accord hei sech absolut am Kader an am Rumm vun deenen Accore beweegt, déi mer an deene Joren ofgeschloss hunn, ëmmer, wéi gesot, am Kontext vum Ëmfeld an deem ee sech beweegt an dofir menge mer, dass dat hei e berechtegten Accord ass.

An esouguer wann ech géif higoen an de Projet erunzéien, dee mer 1995 hei an der Chamber gestëmmt hunn, mat deene Verbesserungen, déi do virgesi sinn, well et jo net zu engem Accord salarial an der leschter Period komm war, mam Accord salarial vun haut vergläichen - ech kucken och d'wirtschaftlecht Ëmfeld vun deemools; de Chômage war an der leschter Legislaturperiod eng vun deene gréisste Suergen, déi déi Regierung hat, an et ass nach eng vun deene gréisste Suergen an Europa, wann ee gesäit, dass mer deemools nach keng Relance um Wirtschaftssecteur kannt hunn, wéi dat haut de Fall ass an deene leschten zwee Joer, da waren déi Augmen-tatiounen, déi deemools virgesi waren, déi sech och am Rumm vun 2% beweegt hunn, absolut an deem Ëmfeld comparabel mat deem, wat mer haut maachen, quitte dass ech elo gesot kréien: Et war en fin de compte awer nëmmen 1%, well 1% an d'Kotisatioune gaangen ass.

Ech wëll Iech soen, souguer wann nëmmen 1% ausbezuelt ginn ass, dee Prozent, deen an d'Kotisatioune gaangen ass, huet och de Statsbeamten eppes bruecht. Vill Statsbeamten an ech géif mengen, déi ekrasant Majoritéit vun de Leit an der Fonction publique, sinn haut frou, dass se grad wéi d'Leit aus dem Privatsecteur hir 8% Kotisatioun bezuelen an net méi ofgestempelt brauchen ze ginn als déi, déi keng Kotisatioune brauchen ze bezuelen an héich Pensioune kréien.

Deementspriechend war dat, wat an der leschter Legislaturperiod gemaach ginn ass, absolut an deem Kader wéi déi Accore vu virdrun a wéi deen Accord, dee mir dës Kéier virleien hunn. Ech wëll awer och soen, Här President, wann an deene leschten 20 Joer an der Fonction publique ëmmer erëm Accore konnte fonnt ginn, déi dem wirtschaftlechen Ëmfeld Rechnung gedroen hunn, an dat ouni vill Gedeessems, mat Ausnahm vun där leschter Period, op déi ech nach zréckkomme wäert, dann ass dat, well d'CGFP nach ëmmer bei esou Accoren eng responsabel Haltung ageholl huet. Dat muss ee fairerweis unerkennen. Dat soen ech och all Minister dee jee fir d'Fonction publique zoustänneg war an dat soen ech och all Statsminister, well bei deene Froen hunn d'Statsminister jo och ëmmer e Wiertche matzeschwätzen.

Wann déi Haltung esou responsabel war, da war et virun allem de Mérite vun hirem Generalsekretär, ee Gewerkschaftler, wéi der net allze vill op der Lëtzebuerger Gewerkschaftsszen ze fanne sinn. Dat ass e Gewerkschaftler mat Augenmaass, deen ëmmer de Sens de responsabilité an de Sens de l'Etat hat.

(Interruptions)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Verdeelt Dir elo de Weihrauch?

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, neen. Dat huet näischt mat Weihrauch ze dinn.

(Interruptions)

Här President, ech géif dem Här Bausch soen, datt ech bei der Pensiounsreform an der Fonction publique datselwecht op dëser Tribün gesot hunn, wéi dat wat ech elo widderholl hunn. Ech ëmfannen dat esou. Déi Leit, déi mat der CGFP ze dinn haten, hunn dat och ëmmer erëm esou gesinn. Den Här Daleiden ass e Mann, deen niewt den Intérêtë vu senge Leit, och ëmmer den Intérêt général an den Intérêt vum Land am A hat. Dat war an der Vergaangenheet esou an dat war och dës Kéier esou.

Här President, wann eis Fraktioun kee Problem huet mat dësem Accord, da muss ech awer soen...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Däerf ech ëm Är Opmierksamkeet bieden? Ech bieden Iech e bëssen nozelauschteren, well de Projet ass wichteg genuch.

Et huet jiddfereen d'Geleeënheet d'Wuert ze ergräifen. Et steet nach ganz vill Riedezäit zur Verfügung. Deen deen eppes ze soen huet, soll sech mellen an dann op Tribune schwätze kommen.

Mir sëtzen hei an enger Chamber, wou soll seriö iwwer Gesetzestexter geschwat ginn. Et ass haut dee leschten Dag an ech weess, datt mir eng schro Woch hannert eis hunn. Mir solle bis zum Schluss an Dignitéit hei sëtzen, nolauschteren an dann eis Entscheedung fir de Gesetzesprojet huelen.

Här Weiler, fuert virun!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, wann ech gesot hunn, datt mir kee Problem mat deem Accord hunn a mir en och stëmme wäerten, esou muss ech awer soen, datt ech mir nach vun de Regierungsmemberen déi eng oder aner Erklärung erwaarden. Notamment liesen ech am Exposé des motifs vum Projet, datt d'Regierung sech bei der Ausaarbechtung vun hirer Attitude op eng Rei Etudë baséiert huet, déi gemaach gi sinn.

Déi Etudë sinn eis an de leschten 48 Stonnen zougestallt ginn. Ech muss soen, datt eng transparent Lecture vun deenen Etudë relativ schwiereg ass, och well mir keng Geleeënheet haten, fir an der Kommissioun mam Statssekretär iwwert de Contenu vun deenen Etuden ze dialogéieren.

Déi Etudë si mir virgëschter per Courrier électronique zougestallt ginn. Ech muss soen, datt ech do gewësse Schwieregkeeten hunn, well ech do Problemer hunn, fir alles aus deenen Etuden do ze verstoen. Notamment, wann ech op där enger Säit gesinn, datt zum Beispill gesot gëtt - och am Rapport vum Här Graass -, fir zu enger Harmoniséierung vum öffentleche Secteur an dem Privatsecteur ze kommen, datt eng Avance vum Secteur privé op de Secteur public an enger gewësser Gréissteuerdnung besteet.

Virun allem muss ech soen, Här President, wann ech gesinn, datt d'Regierung sech och op dat baséiert huet, wat am Privatsecteur an deene leschte Jore geschitt ass, dann entsprécht et dem Tableau synoptique vun den Augmentations de salaire prévues a verschiddene Conventions collectives, dee bäiläit. Deen ass awer alles, just net transparent, well fir do dat erauszeliesen, wat de Statsminister a senger Erklärung gesot huet, datt mir am Privatsecteur eng Augmentatioun vun 2% bis 3% am leschte Joer haten, dat ass fir en normale Stierflechen net méiglech.

Ech ginn zwar gär zou, datt et relativ schwiereg ass, wann Dir an enger Convention collective op där enger Säit Augmentatioune vum Salaire hutt, op där anerer Säit Congé bäigitt, d'Prime particulière an esou weider, fir do e Prozentsaz ënnert dem Stréch erauszekréien, wéi dann elo d'Evolutioun war.

Ech liesen am Exposé des motifs, datt eng Etude détaillée des augmentations salariales et du nombre de jours de congé an esou weider virgeholl gi wär. Ech fanne keng esou eng Etude. Ech fannen en Tableau synoptique, wou dat nieftenee steet, mä wou awer en normale Stierflechen net kann erausliesen, wat dann elo genee am Privatsecteur geschitt ass. Am Sënn vu méi Transparenz hätt ech mir erwaart, datt een do effektiv eng Analys vun deem gemaach hätt, wat dann elo an där Convention collective do dra war.

Ech weess net ob et 1%, 2%, 3% oder 4% an der Moyenne sinn, wann een d'Saachen alleguer zesummenzielt. Dat ass relativ schwiereg fir erauszefannen. Dofir denken ech, datt d'Mme Minister, respektiv de Statssekretär vläicht kënnen e Wuert dozou soen.

Ech wëll e Wuert zu där ominöser Signalwierkung soen, déi esou een Accord wéi deen hei op de Privatsecteur soll hunn. Ech hunn dat nogekuckt, Här President.

Vill hunn der iwwer d'Signalwirkung geschwat, z.B. den Direkter vun der ABBL. Hien, an och anerer hun deen Terme ëmmer relativéiert a gesot, datt am Privatsecteur responsabel Patronen a responsabel Gewerkschafte sinn, déi egal wat am öffentleche Secteur geschitt, kukken, wat an deenen eenzelne Betriber a Branchë méiglech ass an dann deementspriechend handelen.

Déiselwecht Ängschte sinn 1990 an 1992 iwwert déi Signalwierkung gemolt ginn an et ass awer näischt geschitt. Am Privatsecteur sinn Ofschlëss gemaach ginn, déi absolut compatible ware mat de Méiglechkeete vun de Betriber. Dat waren Ofschlëss déi a kenger Hinsicht d'Kompetitivitéit vun eise Betriber a Fro gestallt hunn.

Ech hunn näischt dogéint, datt een dat Element vun der Signalwierkung ëmmer erëm an d'Diskussioun bréngt. Mä et muss een deem awer déi Valeur ginn, déi et en fin de compte huet. An der Praxis geschitt an där do Richtung ganz wéineg.

Ech wëll nach e Wuert zum Avis vum Conseil d'Etat soen, deen - wann een eng genee Lecture vun deem Avis mécht - dach awer méi kritesch war, wéi den Här Graass an enger éischter Reaktioun - ech hat hie moies um Radio héieren, wou hie ganz euphoresch gesot huet, datt dat e ganz positiven Avis wär - gesot huet.

Den Avis war jo awer trotzdem e wéineg méi kritesch. Net nëmmen, datt mir zwou Oppositions formelles haten, déi awer a Beräicher waren, mat deene mir kënnen eens ginn. Et waren awer eng aner Rei vun zolitte Reserven dran, wann ech bedenke wat en zum Travail à temps partiel, respektiv zum Kapitel vum Maintien en activité bis zu 68 Joer gesot huet. Do gouf gesot, mir sollen dat do eraushuelen an eppes anescht maachen. Dat war schonn zolidd.

Une voix.- Sidd Dir dann därselwechter Meenung?

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, mir sinn net där Meenung. Och wann een am Moment nach net genee weess wou ee bei all deene Mesuren hikënnt, well d'Reglementer nach net alleguer virleien, esou sinn awer Usätz dran - déi erkennt de Conseil d'Etat och -, déi an déi richteg Richtung ginn.

Ech wëll allerdéngs soen, Här President, datt ech gespaant sinn op déi Interventiounen déi nach komme wäerten, well mir wëssen - och aus der leschter Legis-

laturperiod -, datt et heibanne vill Leit gëtt, deenen d'Verfassung terribel um Häerz läit an déi sech als apart grouss Verfassungsverfechter hei ausweisen. All Kéier, wa sech och nëmmen dee geréngste Soupçon vun engem Verfassungsproblem gewisen huet, hunn déi sech zu Wuert gemellt. Ech si gespaant, wéi déi sech zu deene verfassungsméissege Froen, déi de Conseil d'Etat opwerft, stellen.

Ech wollt, Här President, d'Regierung froen, ob si sech well d'Gedanke gemaach huet - well mir hei an engem Accord salarial sinn -, wat d'Auswierkunge vun deem Uerteel sinn, wat tëschent der CGFP an dem Stat gesprach ginn ass. Wéi wäit huet dat Auswierkungen, respektiv wéi wäit muss een deem bei dësem, an och bei zukünftegen Accords salariaux Rechnung droen? Mir wëssen, datt dat Uerteel d'Problematik nëmme partiellement tranchéiert huet, well an där Affär war nëmmen e spezifesche Punkt ze tranchéieren.

Well mir elo dës Kéier erëm mat där do Fro konfrontéiert waren - nämlech bei deem Punkt, dee mir erausgeholl hunn, well de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet -, wat de Remboursement vun den Affekotekäschten ubelaangt. Dat war e Punkt vum Accord salarial. Dat war e Punkt vun deem Kontrakt, deen tëschent dem Stat an der CGFP ofgemaach ginn ass.

Den Här Statssekretär huet eis gesot, datt d'CGFP kee Problem hätt, fir dat erauszehuelen, esou datt de Problem sech fir dës Kéier geléist huet. Et bleift awer déi fundamental Fro fir ze wëssen: Un contrat salarial, c'est un contrat conclu par le Gouvernement et le syndicat. Op där anerer Säit ass et jo awer nëmmen en Engagement politique.

Well wann dat Parlament hei e Kontrakt oder en Accord net ratifizéiert - wann ech deen Terme mol däerf gebrauchen, well en ass hei net ganz richteg -, da stellt sech awer d'Fro wat géif geschéien. Ech denken awer, datt d'Regierung déi do Problematik ugeet, speziell well mir deen do Fall elo schonn erëm haten, mä sech glécklecherweis vum selwe geléist huet.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Hä Weiler, wat ass Är Konklusioun dozou? Deen Deel vum Accord salarial ass op Grond vum Avis vum Conseil d'Etat eraus geholl ginn. Wat ass dann Är Propositioun an deem do Beräich? Do ass jo awer de Législateur u sech domat d'accord.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech verstinn Är Fro net.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Majo, ech verstinn Äre Räsonnement net.

(Interruptions)

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, Dir sidd jo direkt uschléissend un den Här Weiler an d'Riednerlëscht agedroen. Da kënnt Dir jo nach Explikatiounen nofroen. Loosst den Här Weiler elo schwätzen! Et huet kee Wäert hien dauernd ze ënnerbriechen.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech hunn d'Regierung gefrot, wéi si déi Problematik gesäit. Ech gesinn am Moment keng Léisung. Mä ech huelen awer un, datt d'Regierung sech Gedanken doriwwer mécht. Wéi gesot, huet déi Fro sech schonn erëm ganz konkret mat deem do Punkt gestallt, a bei engem nächsten Accord salarial ka si sech erëm stellen. Also muss ee kucken, datt een eng Léisung dofir fënnt.

Här President, ech kéim zum Schluss. Well dee klimatesche Background ëmmer erëm opgewiermt gëtt an d'Fro vu Stil oder net Stil sech stellt - och de Rapporteur huet dat e wéineg ugedeit -, wëll ech soen, datt déi regelrecht Accords salariaux an der Vergaangenheet mat grad esou vill Stil a mat grad esou vill Verständnis ofgeschloss gi sinn wéi dësen.

Wann ech iwwert d'Fro vum Stil schwätzen, da géif ech mol den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires kucken. Fir net an e schlechte Stil ze geroden, dispenséieren ech mech, fir deen Avis ze kommentéieren. Well doriwwer wär ganz vill ze soen.

Den Här Graas als Rapporteur huet e jo praktesch integral hei virgelies. Ech mengen hien huet 7,5 Sekonne gebraucht fir dat ze maachen. Et hätt ee sech scho gewënscht, datt hei awer vläicht e wéineg méi zolidd argumentéiert gi wär.

Dat gesot, Här President, wéilt ech ofschléissen an nach eng Kéier rappeléieren, datt sech dësen Accord an e wirtschaftlecht, e finanziellt a soziaalt Ëmfeld aschreift. En dréit der Situatioun, déi mir hei am Land kennen - d'Statsfinanzen, d'budgétaire Situatioun -, absolut Rechnung. Mir gesi keng Gefor fir Dérapagen am Privatsecteur an deementspriechend hu mir kee Problem fir dësen Accord ze stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Mars Di Bartolomeo ass als nächste Riedner agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen a Kolleeginnen, d'LSAP wäert de Gehälteraccord mat der Fonction publique stëmmen. Net well deen een oder anere Minister oder déi eng oder aner Abteilung vun der Regierung sech méi oder manner domat profiléiere konnt, mä well en e gutt Resultat ass a well en e klore Message no bausse gëtt, datt d'Loun- an d'Gehaltsempfänger sollen un deem excellente Wirtschaftswuesstem, deen et am Moment hei am Land gëtt, participéieren an hiren Deel dovun ofkréien.

Ech sinn e bëssen doriwwer iwwerrascht, datt den Här Weiler d'Impressioun kritt hat, datt et hätt kënnen esou ausgesinn, wéi wann et e Privataccord tëschent der CGFP an der DP gewiescht wär. Ech mengen, deen aneren Deel vun der Regierung hätt haut och kënne méi staark ënnersträichen, datt en deen Accord voll dréit, an zwar doduerch, datt en op der Regierungsbänk mat vertruede gewiescht wär. Dat ass awer haut net de Fall.

Mir gesinn haut de Mëtteg just d'Ressortminister. Dat hei ass jo awer e ganz wichtegt Gesetz. Et ass dat lescht wat mir de Mëtteg hei stëmmen. Dofir, Här Weiler, wär et vläicht net schlecht gewiescht fir no baussen ze weisen, datt et en Accord vun der ganzer Regierung ass, an net nëmme vun engem Deel vun der Regierung.

Ech verstinn och e bëssen dem Här Weiler seng gereizten Attitüd vis-à-vis vum Koalitiounspartner an och vis-à-vis vum Rapporteur, deen eenzel Passagen aus dem Rapport erausgelooss huet, well dat Appréciatioune waren, déi - mengen ech - e Rapporteur net soll maachen.

An ech verstinn och dem Här Weiler seng Attitüd, well dem Här Rapporteur seng Aussoen iwwert dat erëm nei agekéiert gutt Klima implizit eng Kritik war un deem viregte Minister vun der Fonction publique, wou jo dann implizit gemengt gëtt, dass dee keng sou eng positiv-konstruktiv Approche vis-à-vis vun der Fonction publique hat, well fir dass eppes erëmkënnt, muss et fort gewiescht sinn! Dat, Här Graas, hutt Der jo och wahrscheinlech gemengt!

(Interruption)

Ah, den Här Rapporteur spillt elo seng Roll, andeem e keng Meenung méi äussert!

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir kënnt Iech sécher virstellen, dass d'Versuchung fir mech ganz grouss war, d'Geleeënheet vun den Diskussiounen iwwert de Gehälteraccord mat der Fonction publique ze notzen, fir op d'Inkonsequenz vun der DP am Dossier vun de Pensiounen am öffentleche Secteur anzegoen!

Déi Versuchung war grouss, well Dir wësst all, dass dës Partei duerch hir Oflehnung vun der Pensiounsreform, zu där déi viregt Majoritéitsparteie stoungen a stinn, während hirer Oppositiounszäit konnt Punkte beim öffentleche Secteur sammelen a bei de Wale gutt ofschneiden, während d'LSAP an d'CSV, déi fir d'Pensiounsreform Verantwortung gedroen hunn, Plomme gelooss hunn! D'Versuchung war grouss, well no de Wale vum leschte Joer ass d'DP an d'Regierung komm, krut de Ressort Fonction publique an huet am Dossier vun de Pensioune kleng bäiginn!

Et gouf keng Koalitiounsfro draus gemaach. Et gouf an deene leschte Méint vill, vill Kräid an d'DP-Zentral geliwwert, an ech hunn dat virdru bei der Diskussioun iwwert d'Koordinatiounsgesetz ënnerstrach, well dat méi nach wéi den Accord salarial eng Geleeënheet gewiescht wär, fir d'Oflehnung vis-à-vis vum Régime transitoire ze dokumentéieren. Or, il n'en est rien! Et ass keng Äusserung dozou gemaach ginn. Dat ass geflissentlech ignoréiert, also acceptéiert ginn! Vu dass d'DP deemools hir Meenung geännert huet, huet de Premier och ganz genësslech bei der Regierungsbildung matgedeelt, dass bei den öffentleche Pensiounen alles beim Ale géif bleiwen.

Wann een elo nach bedenkt, dass bei de Verhandlungen iwwert den Accord salarial déi gréisst Gewerkschaft aus dem Secteur public sech selwer trei bliwwen ass, déi Accoren - oder Net-Accoren - ënnert där viregter Regierung a Fro gestallt a verlaangt huet, dass souwuel d'Péréquatioun erëm géif hiergestallt, wéi de Régime transitoire réckgängeg gemaach ginn, da muss een zumindest feststellen, dass d'Verhandlungsdelegatioun vun der Regierung, wou jo offensichtlech d'CSV keng gréisser Roll gespillt huet, wou ganz eleng oder haaptsächlech d'DP d'Verantwortung hat, op déi dote Fuerderung net agaangen an déi dote Fuerderung ganz kloer net realiséiert ginn ass am Accord.

Ech wëll awer net meng Riedezäit fir déi Punkte gebrauchen, déi net am Accord salarial festgehale waren!

Dir verstitt also, dass d'Versuchung ganz grouss war! Wann ech trotzdem där Versuchung hallefweegs widderstanen hunn, dann net, well ech der Meenung sinn, dass et eng Bagatelle ass, wann eng Partei wéi d'DP hiren eegene "Pacta sunt servanda" brécht, mä well ech mengen, dass d'Zäit komm ass, fir iwwer all Vergaangenheetsbewältegung ewech de Bléck no vir ze werfen!

(Interruptions)

Mir hunn eis Verantwortung an deem doten Dossier iwwerholl,…

(Interruptions)

…a mir hu Streech missen astiechen! Dat ass e Fait!

(Interruptions)

Mir hu Konklusiounen aus deem doten Dossier gezunn, a mir ginn eis éierlech Méi, mat de Vertrieder vun der Fonction publique déi méi schwéier Momenter vun deene leschte Joren ze verschaffen! Mir bleiwen dem Service public fest verbonnen, an Dir wäert Iech sécherlech net iwwer eis Sozialiste wonneren, wa mer soen, dass mir net vill vum schlanke Stat halen, well de schlanke Stat op Käschte vun den Dingschtleeschtunge vum Stat geet a gutt Dingschtleeschtunge vum Stat en Element vun där Solidaritéit vis-à-vis vun alle Bierger duerstellen, fir déi mir antrieden. Mat eis sinn also keng Kompromësser ze fannen a Richtung schlanke Stat, mä och vum schlanke Stat héiert een am Moment net méi vill!

Ech hunn déi Erklärunge virun zwee Deeg vum Här Grethen zur Kenntnis geholl, firwat dass hien net vum schlanke Stat méi schwätzt, mä et sinn anerer vun Ären…

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie, Ministre des Transports*.- Dat ass e Wuert, wat ech ni an de Mond geholl hunn!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech weess! Dir hutt och Recht!

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Et ass och de Clou, wann Dir vu schlank si schwätzt!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Neen, dat net!

Plusieurs voix.- Oh!

(Interruptions diverses)

Une voix.- Et kann een net all Dag gutt sinn!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Accord salarial, deen eis haut virläit, wäerte mir stëmmen, well en an der Linn ass vun aneren Accoren, déi mer matgedroen hunn, a well en no baussen de klore Message gëtt, dass d'Loun- a Gehaltsëmfänger hiren Deel vum excellente wirtschaftleche Wuesstem solle kréien. Mir droen den Accord mat, well en och eng Rei Akzenter um soziale Plang enthält, déi mer ënnerstëtzen, wéi z.B. e weidere Schratt a Richtung sechst Congéswoch, méi eng grouss Offer a Saachen Deelzäitaarbecht, verbessert Wunnéngsbäihëllefen asw..

Ech wëll net nach eng Kéier op all déi eenzel Moossnamen agoen. De Rapporteur huet d'Erklärung vun de Moossname gutt gemaach. Ech schwätzen net vu sengen eegenen Appréciatiounen, wou e wahrscheinlech nach gär e bësse méi wäit gaange wär, mä dat wäerten d'mandatéiert Spriecher vun der DP elo maachen! Ech wëll awer drop hiweisen, dass den Accord fir d'Joer 2000 mat eppes méi wéi 1,6 Milliarden zu Buch schléit.

Dat sinn net eleng déi 2,5% Punktwäert, déi meeschtens an d'Vitrine gestallt ginn, mä den Accord salarial fir d'Joer 2000 beinhalt nach eng Kéier e Géigewäert vu Moossname vu ronn zwee weidere Prozent, wéi z.B. déi Moossnam vum Iwwergang vun de Biennalen zu den Annalen, d'Moossnam, déi d'Iessenszoulag duerstellt, wat ëmmerhin e Plus vun netto 1.600 Frang am Akommes ausmécht. Bei eenzelne Revenuen am Secteur public mécht dat e Géigewäert vu bal 2% aus, wann een déi ënnescht Carrièren hëlt! 1.600 Frang maache bei 80.000 Frang 2% netto aus! Dat muss een also och berücksichtegen!

Wann een dann d'Kilometerindemnitéit dobäi hëlt, d'Erhéijung vum Plafong bei de Wunnéngsbäihëllefen an d'Senkung vum Stage op zwee Joer, da kënnt bei déi 2,5% nach eng Kéier d'Klengegkeet vu bal 2% dobäi! Dobäi considéréieren ech net den Impakt vun deenen zwee zousätzleche Congésdeeg, déi och e Plus duerstelle vun deem, wat de Salarié gebuede kritt, well et net prestéiert Aarbechtsdeeg sinn an dofir de Revenu proportionell an d'Luucht geet. Och dat mécht e virtuelle Gewënn vun engem halwe Prozent aus!

Wann ech also alles cumuléieren, reell a virtuell, da komme mer fir d'Joer 2000 op e Gewënn - entweder netto an der Paitut oder virtuell duerch en zousätzleche Congésdag - vu ronn 4,5%! Wann een dann d'Resultat fir d'Joer 2001 dobäi hëlt, da komme mer op en Ofschloss, iwwer zwee Joer, vu 5,5%! Dat ass e gutt Resultat, an ech mengen, do kann ee roueg soen, dass déi, déi mat der Regierung verhandelt hunn, e gudde Match gemaach hunn! Et ass e gutt Resultat erauskomm, a mir gënnen der Fonction publique dat dote Resultat, well et gemäss dem wirtschaftleche Resultat vun eisem Land am Joer 1999 - an och wahrscheinlech am Joer 2000 - ze rechtfertegen ass!

Ech géif allerdings der Regierung an hirer Majoritéit ofroden, sech zevill op déi préalabel Etüden ze beruffen, déi se eis och op eis Demande hin zougestallt huet, well doraus kann een aner Konklusiounen zéie wéi déi, déi offensichtlech d'Regierung draus gezunn huet. Ech wëll net méi an den Detail goen! Jiddereen, dee sech fir déi Etüden interesséiert, ka sech déi Etüden ukucken, an ech sinn eigentlech därselwechter Meenung wéi den Här Weiler, dass déi Opstellung iwwert d'Convention collective zumindest nëmmen embryonär ass a kee gerecht Bild gëtt vun all deem, wat an deene leschten zwee Joer am Secteur privé geschitt ass.

Mä, wéi gesot, et gëtt e gutt Argument fir deen Ofschloss, a mir sollen net krampfhaft versichen, nach anerer sichen ze goen: Dat ass de wirtschaftleche Wuesstem! All déi aner hippen, wann een hinne bis op den Zannt fillt! Dat ass, fir no baussen d'Impressioun ze ginn, wéi den Här Weiler dat wollt maachen, dass mer zwar en excellent Resultat hunn, mä dass dat eigentlech keen Impakt op de Privatsecteur huet! Deen dote Spagat geet net op! Et ass en excellent Resultat, an et setzt d'Lat am Privatsecteur relativ héich! Do féiert kee Wee dolaanscht!

Ech wëll hei keng wëssenschaftlech Disputer féieren, déi vun engem Lucien Thiel gefouert ginn, deen a sengem Rôle ass, wann e seet, dass dat keng Signalwierkung huet, well e wëllt, dass et keng Signalwierkung huet! Dat ass, mengen ech, ganz, ganz kloer!

Ech fannen och, dass et zimlech oséiert war, wéi de Rapporteur a sengem Projet de rapport an enger Klammer drop higewisen huet, dass mer zwar op där enger Säit den Etüden an dem wirtschaftleche Wuesstem géife Rechnung droen, mä dass op där anerer Säit deenen Accore vun der Tripartite Rechnung gedroe géif ginn, déi a Richtung Modération salariale géife goen! Dofir war en och ganz gutt beroden, dass en déi Klammer do gestrach huet, well vu Modération salariale wëll ech an dësem Accord net schwätzen, och wann ech net wëll soen, dass hei iwwerdriwwe ginn ass!

Et kann een awer net méi soen, dass et deem entsprécht, wat sech d'Patronen ënner Modération salariale géife virstellen! Dem Här Glesener an anere Kolleegen hir Meenung iwwer Modération salariale ass doudsécher eng aner wéi déi vun de Patronen, déi dat an d'Accore vun der Tripartite eran diktéiert hunn. Och hei, mengen ech, gewënnt een dobäi, wann een net op zwee Tableaue spillt! Et ass e gutt Resultat, an et huet d'Lat fir de Privatsecteur op eng gutt Héicht gestallt! Kommt, mir soen dat! Dat ass esou!

Wat d'Verhandlungsprozedur ugeet, Här President, sinn d'Positioune kloer. Kee Mënsch heibanne beanstant - oder bal kee Mënsch -…

(Interruptions)

Ech hat Iech vergiess,…

(Interruption)

…an ech entschëllege mech…

(Interruption)

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Dir hat Iech ze spéit un eis erënnert!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- …dofir, dass ech Iech mat ageschloss hat bei déi, déi der Meenung sinn, dass d'CGFP eng Predominanz huet bei der authentescher Fonction publique an een an deem doten Domaine och net laanscht déi Predominanz kënnt! Well awer eng ganz Rei vun assimiléierte Secteuren un der authentescher Fonction publique hänken, wënsche mir eis, dass mer e Wee fannen, fir dës méi enk ze associéieren.

Mir hunn an der Kommissioun ënner anerem iwwert de Gemengesecteur geschwat. Et gëtt nach eng Rei aner Secteuren, déi direkt vun den Accoren an der Fonction publique betraff sinn a wou weder d'Gewerkschaften - zwar indirekt - nach d'Patronen - d'Gemengen - mat um Dësch sëtzen. Dir wësst och alleguer, wat den Impakt vum Accord salarial fir d'Gemengen ass. D'Gemenge sinn och implizéiert an d'Ëmsetzung vun deem Accord salarial.

Mir wënschen eis also, datt mir Weeër fannen, fir méi eng enk Associatioun an deem do Sënn ze fannen. Mir ënnerstëtzen och eng deementspriechend Motioun. Mir wënschen eis och, datt an där aktueller Situatioun de Ministre de l'Intérieur d'Zentralkommissioun an och de Ministre des Transports d'paritéitesch Kommissioun vun den CFL schnellstens zesummeruffen, fir d'Assimiléierung kënne kuerzfristeg ze realiséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gehälterofkommen ass an der zoustänneger Chamberkommissioun an zwou Sëtzungen evakuéiert ginn. Et ka kee soen, datt déi Chamberkommissioun net konstruktiv matgeschafft hätt. Mir hunn eis Méi ginn, fir déi unhänglech Froen opzewerfen. Mä et huet awer keen en Acharnement gemaach, fir deen do Projet zréck ze geheien. De Wëllen an der Kommissioun war ganz kloer, fir en esou séier wéi méiglech a Kraaft ze setzen.

An der Kommissioun hu mir och gär zur Kenntnis geholl, datt d'Regierung bei zukünftegen an och bei dësem Accord bereet war, fir d'Chamberkommissioun am Virfeld ze informéieren. Et ass eng kleng Pann passéiert, datt d'Kommissioun am allerleschte Moment informéiert ginn ass a mir d'Impressioun haten, datt eigentlech eng massiv Presenz vun der Kommissioun net gewënscht war. Mä mir hunn eis awer op Grond vun den Explikatioune vun der Regierung soe gelooss, datt mir an Zukunft géife probéieren, fir dat da méi a geregelte Bunnen ze maachen. Mä ech mengen, de Wee ass absolut richteg, wa mir mat abezu ginn, och wa mir net méi vill an där do Phas kënnen drun änneren.

Et ass also konstruktiv un deem do Projet an der Kommissioun geschafft ginn. Et gëtt allerdéngs e Klärungsbedarf zu eenzelne Punkten, an ech kommen herno nach kuerz drop zréck.

Zum Resultat wëll ech och am Telegrammstil schwätzen, well de Gros scho gesot ass. Et kann ee feststellen, datt de Gros vun de Fuerderunge vun där Gewerkschaft, déi verhandelt huet - d'CGFP -, konnt duerchgesat ginn. Et ass och positiv, datt de Gros vun deenen anere Gewerkschaften, déi vun der Assimiléierung betraff sinn, sech an deem Accord konnt erëmerkennen. Ech konnt op alle Fall keng gréisser Divergenzen héieren.

Ech brauch net nach eng Kéier drop zréckzekommen, datt eng Fuerderung net realiséiert ginn ass. Ech hunn dat direkt am Ufank gemaach.

Wat och virdru vum Här Weiler ënnerstrach ginn ass, respektiv och vum Rapporteur, ass, datt et enger Regierung gutt zu Gesiicht steet, datt, wa si en neien Accord salarial ofschléisst, si da soll dofir suergen, datt déi Punkten, déi aus fréieren Accords salariaux nach net erfëllt sinn, banne kierzester Frist erfëllt ginn; oder wa si net erfëllbar sinn, da soll si soen, datt dat net geet, an dann nach eng Kéier bei deem nächsten Accord salarial drop zréckkommen, fir eventuell de Gewerkschaften ze erlaben, fir nei Fuerderungen ze stellen, déi déi al, déi net realistesch oder realisabel waren, ze ersetzen.

Zum Inhalt vum Accord salarial wëll ech feststellen, datt zum Punktwäert alles gesot ass. D'Ersetze vu Biennalen duerch Annalen ass eng begréissenswäert Saach. Amplaz wéi bis elo am zwee-Jores-Rhythmus eng ganz Biennale ze kréien, kréien déi betraffe Fonctionnairen all Joer d'Halschent vun enger Biennale. Si kréien also eng Halschent e Joer éischter. Si hunn also während engem Joer de Bënëfiss vun der Halschent vun der Biennale a kréien herno dee ganze Bënëfiss dovun.

Et ass vum Conseil d'Etat mat Recht drop higewise ginn, datt duerch d'Aféierung vun Annalen déi Tableauen, déi op Biennalen opgebaut sinn, manner transparent gi sinn. Mir hunn eis awer soe gelooss, datt d'Regierung intern Tableauen opstelle wäert, fir déi richteg Adaptatioune kënnen ze maachen. Dat hënnert eis allerdéngs net drun, datt mir bei nächsten Adaptatioune sollen déi Tableauen upassen, fir datt mir an engem schonn net ganz transparente Beräich trotzdem e Minimum un Transparenz behalen.

Zu der Allocation de repas bleift just ze soen, datt et gewosst ass, datt déi Allocation de repas keen Impakt op dee pensionéierbare Revenu huet. Den Impakt vun der Erhéijung vun der Iessenszoulag ass net ze ënnerschätzen. Ech hunn dat virdru scho gesot.

Bei der Allocation de repas, anescht wéi bei deenen anere Verbesserunge beim Stat, kritt de Stat hei keen Undeel iwwert d'Steiere récupéréiert. Bei all deenen anere Verbesserunge fléisst en Deel iwwert d'Besteierung zréck an d'Statskeess. Bei deem hei Volet ass et en Nettobetrag. Also ass et och eng Nettoausgab vum Stat. Bei deenen anere sinn déi Chifferen, déi mir am Accord salarial genannt kréien, Bruttoausgaben. D'Nettoausgabe sinn doduerch, datt de Stat en Deel als Steiere récupéréiert, méi niddreg.

Positiv ass och déi allgemeng Reduktioun vum Stage op zwee Joer. Dat ass an der Rei, well d'Fonctionnairen doduerch hiren definitiven Ustellungsexamen e bëssen éischter kënne maachen. Allerdéngs muss een dann och oppassen - an dat ass vläicht en Appel un déi méi jonk Fonctionnairen -, datt si dann hiren Ustellungsexamen och packen, well dat ass net ëmmer de Fall, an dann deet et engem leed, datt dee Stage, dee verkierzt ginn ass, duerch en neie Stage muss ersat ginn.

Dann zum Temps partiel: 25%, 50%, 75%. Dat ass eng gutt Saach. Dat ass ënnerstëtzenswäert, well et méi Flexibilitéit bréngt. Dir wësst, datt bis elo keng Deelzäit-Fonctionnairë konnte rekrutéiert ginn. Et hu misse Ganzzäit-Fonctionnairë rekrutéiert ginn. Wann e Fonctionnaire wollt hallef Deeg schaffen, dann huet hie missen e Congé pour travail à mi-temps ufroen, wat net ëmmer onkomplizéiert war, well en als ganze Fonctionnaire rekrutéiert ginn ass, pour les besoins du service an esou weider.

An Zukunft kënne Plazen identifizéiert ginn, wou Fonctionnairen zu 25%, 50% oder 75% schaffe kënnen. Si kënnen dann och deementspriechend rekrutéiert ginn. Déi eenzel Plazen an déi eenzel Modalitéite bleiwen nach ze definéieren. Den Travail à mi-temps gëtt duerch den Travail à temps partiel ersat. De Congé pour travail à mi-temps bleift bestoen.

Et ass och net kloer, ob deen Temps partiel vu 25%, 50% a 75% fir nei Fonctionnairë gëllt a wéi déi bestehend Fonctionnairë vun där neier Regelung kënne profitéieren. Wéi kënne Fonctionnairen, déi am Moment am Déngscht sinn, vun där do Regelung profitéieren? Wann déi Plazen identifizéiert gi sinn, wou een zu 25%, 50% oder 75% schaffe kann, hunn dann déi Fonctionnairen, déi do schaffen, eng gewësse Prioritéit oder net?

Dat sinn eng Rei vu Froen, déi mir an der Kommissionssitzung net definitiv beäntwert kritt hunn, well och nach kee genee weess, wéi d'Implikatioune sinn. Hei ass e Kaderaccord mat der Fonction publique ausgehandelt ginn, an den Toun mécht herno d'Musék, esou datt mir gespaant sinn, wéi den Detail dann herno wäert ausgesinn.

Ënnert deeselwechten Artikel fällt och déi fräiwëlleg Deelzäitaarbecht fir Leit ab 55 Joer, wat u sech fir déi, déi fräiwëlleg bereet sinn, manner ze schaffen an doduerch manner Pei ze kréien, eng gutt Saach ass. Da ass e fräiwëllege Verzicht op Aarbechtszäit, mat engem fräiwëllege Verzicht op en Deel vum Traitement.

Mä an den Diskussiounen an der Kommissioun an och haaptsächlech am Avis vum Conseil d'Etat ass drop higewise ginn, datt et net vergläichbar ass mat Regelungen, wéi et se zum Beispill an Däitschland gëtt. Déi heeschen Altersteilzeitarbeit, wou entweder de Stat - fir d'Leit ze encouragéieren, fir Altersteilzeitarbeit ze maachen - en Deel vun de Verloschter, déi duerch d'Deelzäitaarbecht entstinn, kompenséiert, oder awer e progressiven Einstieg an d'Pensioun gemaach gëtt, wou en Deel vun der Pensioun de Relais vun deem Deel hëllt, dee beim Revenu verluer geet.

Et ass net dat do. Et soll ee sech net der Illusioun higinn, datt mir elo hei mat 55 an d'Pensioun oder an d'Deelpensioun kënne goen, en Deel vun der Pensioun kréien an de Rescht verdéngen. Dat ass et net! Dat soll ee ganz kloer soen!

De Statsrot fäert, datt dat nëmmen eng reng theoretesch Possibilitéit ass. Dat mag si fir déi Leit, déi doheem Alleinverdiener sinn oder méi e bescheidene Revenu hunn. Fir déi ass dat do wahrscheinlech nëmmen eng theoretesch Possibilitéit, à moins datt si ganz geréng Usprëch hunn. Bei Leit, déi zu zwee schaffe ginn a ganz gär op en Deel vum Revenu verzichten, ass dat do eng Alternativ. Och bei deenen, déi ganz héich Revenuen hunn, wär dat eng theoretesch Possibilitéit. Allerdéngs mengen ech, datt déi éischter, amplaz bis 60 oder 65 Joer bleiwen, kënne bis 68 Joer bleiwen.

Da sinn ech beim Iwwergank, fir den Déngscht net scho misse mat 65 Joer ze quittéieren, mä eréischt mat 68, wou d'Regierung, respektiv d'Verwaltunge kënnen den Accord ginn, wann et objektiv Ursaache gëtt, fir deen Déngscht ze verlängeren. Ech muss Iech allerdéngs soen, datt ech dee ganz déiwe Sënn vun där do Moossnam net esou richteg erkannt hunn. Ech sinn och net der Meenung, datt et dat Gielt vum Ee ass, wann een d'Aarbechtsliewenszäit iwwer 65 Joer verlängert. Et kann héchstens domat zesummenhänken, datt déi Possibilitéit och am Privatsecteur ginn ass.

Beim Congé widderhuelen ech nach eng Kéier dat, wat ech am Ufank gesot hunn. Ech considéréieren deen zousätzlechen Dag Congé fir jiddfereen an déi zwee zousätzlech Deeg Congé ab 55 Joer ganz kloer als en Einstieg an déi sechst Congéswoch.

Hei ass d'Regierung vun hirer e bësse méi virsiichteger Approche, déi si hat, wéi am Privatsecteur de Wonsch geäussert ginn ass, fir an déi sechst Congéswoch eranzegoen, zréck gaangen. Dat do wäert sécherlech am Privatsecteur eng Konsequenz hunn oder opgeraff ginn, fir mat méi Nodrock fir déi sechst Congéswoch ze plädéieren, wou ech och keen Hehl draus maachen, datt eis Partei kee Problem domat huet.

Ech wëll just soen, datt déi Erhéijung vum Congé eigentlech keng wäertneutral Décisioun ass, well beim Stat doduerch 17.000 Aarbechtsdeeg verluer ginn. Et muss ee sech wéinstens Gedanke maachen, wat fir Konsequenzen dat op de Rekrutement vum Stat an och vun deenen Assimiléierten huet. Ech ka mir jo net virstellen,

datt d'Regierung argumentéiert, datt 17.000 verlueren Deeg keen Impakt op den Oflaf vun de Verwaltungen hunn. Ech ka mir dat net virstellen.

Beim Kilometergeld ass et richteg, datt bei all Auto vu Fonctionnairen, déi fir Déngschtzwécker gebraucht ginn, eng uniforme Indemnitéit bezuelt gëtt.

D'Erhéijung vun de Plafonde bei den Aidë fir de Wunnéngsbau ass ze begréissen, well et entsprécht och Décisiounen, déi och scho virdru fir de Privatsecteur getraff gi sinn.

D'Institutioun vun deem Aarbechtsgrupp fir d'Préifung vun der Méiglechkeet fir d'Schafung vu Pensions complémentaires ass absolut ze begréissen. Mir si gespaant op d'Konklusioune vun deem Aarbechtsgrupp.

Ech mengen och, datt bei den Auteure vun där Propositioun, fir d'Affekotekäschten ze iwwerhuelen, wann e Fonctionnaire vis-à-vis vum Stat haaptsächlech en aarbechtsrechtleche Prozess huet an nogewise gëtt, datt de Stat Onrecht hat, net d'Absicht vun deux poids, deux mesures - de Stat vis-à-vis vum Privatsecteur - hannendru stoung.

(Interruption)

Voilà! Et ass méiglech, iwwer Accords salariaux, iwwer Kollektivverträg am Privatsecteur Ofschlëss ze maachen, déi net fir jidderee gëlteg sinn, wou ee ka soen, do huet deen een eppes, wat deen aneren net huet.

Nichts desto trotz war eng Opposition formelle vum Statrot op deem dote Punkt. Nichts desto trotz ass deen dote Punkt erausgeholl gi vun der Regierung, an d'Kommissioun huet dat och ënnerstëtzt, mä ech sinn awer dërselwechter Meenung wéi eenzel Kolleegen, dass, wann ee Volet vum Accord salarial erausgeholl gëtt, aus egal wat fir engen Ursaachen, dat en Deel vum Accord salarial war. Dat huet enger gewëssener Enveloppe budgétaire entsprach.

Wann ee sech konsequent wëllt bleiwen, da muss een nach eng Kéier mat der Fonction publique iwwert dat do diskutéieren, respektiv iwwer Alternativen, wann dat do net machbar ass, och wann ech der Meenung sinn, Här Weiler, dass, wann een esou eng Regelung mécht, déi Regelung doru wënnt, wa se fir jidderee geduecht ass a wann ee sech iwwerleet, op där dote Schinn weiderzedenken, wann een am aarbechtsrechtleche Beräich driwwer nodenkt, wat mat engem Salarié geschitt, deen zu Onrecht vum Patron benodeelegt ginn ass, deen da prozesséiert, wéi dat soll rembourséiert ginn, ouni dass d'Gewerkschaften dat automatesch mussen iwwerhuelen. Do si mir jiddefalls bereet, fir doriwwer ze diskutéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zur Konklusioun. Ech hunn am Ufank schonn ugekënnegt, dass eis Fraktioun dee Gehälteraccord wäert stëmmen, ouni schlecht Gewëssen, also anescht wéi eis liberal Kolleegen, déi wahrscheinlech de Moien d'Koordinatiounsgesetz mat engem schlechte Gewësse gestëmmt hunn, well domat eppes entérinéiert ginn ass, wat si awer iwwerhaapt net wollten.

Mir ënnerstëtzen deen heiten Accord salarial, well mer der Meenung sinn, dass en ze rechtfertegen ass an all senge Facetten, duerch déi excellent wirtschaftlech Situatioun, déi mer am Moment zu Lëtzebuerg hunn. An nach eng Kéier: Kommt, mir huelen an eiser Sproochregelung dat doten Argument a ginn net mam Briecheisen aner Argumenter sichen, déi schwéier ze vertriede sinn!

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Accord salarial, deen d'Regierung a virun allem d'Ministesch an de Statssekretär vun der Fonction publique, Lydie Polfer a Jos Schaack, zesumme mat der CGFP ausgehandelt hunn, huet a villen Hinsichten äusserst positiv Elementer.

An dofir, Här President, erlaabt mer, datt ech mat der Aart a Weis ufänken, wéi dësen Accord zustane komm ass, an erlaabt mer dobäi, e kuerzen Exkurs an déi méi rezent Geschicht ze maachen.

(Interruption)

Virun aacht Joer, méi genau den 20. Mäerz 1992, ass dee leschten Accord salarial mat där eenzeg representativer Gewerkschaft vum öffentlechen Déngscht ausgehandelt ginn.

Duerno koum eng Zäit, déi d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an hirem heitegen Avis als "période sombre" fir d'Fonction publique bezeechent huet. "Sombre" war dës Period, well et bis zum 29. Mee 2000 net méi zu engem négociéierten Accord komm ass, au contraire: Streik a Protest mat alle Konsequenzen, déi dat fir d'Fonction publique, fir d'Politik a fir eis Gesellschaft hat. An ech muss soen - a meng Partei bleift nach wie vor där Meenung -, et war en onnéidege Konflikt, dee méi futti gemaach huet, wéi datt en eis wesentlech virubruecht hätt. Ech kommen herno nach méi prezis op dëse Punkt zréck.

Ech mengen, datt mir eis net méi iwwert dës Period sollen ausloossen, mä mir dierfe se awer net vergiessen. Et ass gesot ginn, mir sollen an d'Zukunft kucken, a mir maachen dat och. Virun allem awer sollte mer déi richteg Konklusiounen aus dësen Erfahrungen zéien.

Datt et och anescht geet, beweist dësen Accord salarial, deen, wéi d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics zurecht an hirem Avis seet, an engem "climat de travail marqué par la franchise et la compréhension réciproques" entstanen ass.

(Interruption)

Ech hunn hei just nëmmen en offiziellt Dokument zitéiert, dat zu den Documents parlementaires gehéiert.

An dat, mengen ech, ass scho bal eng vun deene wichtegsten Erkenntnisser, déi een aus dësem Accord zéie kann. D'Vertrauen tëschent de Verhandlungspartner war do, an dat Vertrauen ass d'Fundament vun all Reform, déi ee wëllt maachen an duerchzéien. A genau do läit och d'Signalwierkung vis-à-vis vun der Fonction publique, well si weess, datt si erëm an der Regierung e verlässleche Verhandlungspartner huet. Sou wäert och d'Réforme administrative, déi just zesumme mat de Fonctionnairë kann ëmgesat ginn, besser an am géigesäitege Verständnis kënne realiséiert ginn.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, Dir hutt Är Ried jo gehalen, da lauschtert elo deenen aneren no!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).-* Entschëllegt, Här President, den Här Statsminister insistéiert op d'Spontanitéit vun den Debatten!

M. le Président.- Loosst elo den Här Rippinger schwätzen!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Ech wëll dem Här Weiler soen, dass ech ganz kloer nëmmen d'Regierung viséiert hunn an hirem Ganzen. Ech hu gesot, datt si erëm an der Regierung e verlässleche Verhandlungspartner huet, a wann ech schwätze vun der Regierung, dat sinn zwee Koalitiounspartner, an do ass d'CSV selbstverständlech mat dran.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Schwätzt weider, Här Rippinger, loosst Iech net provozéieren!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, loosst se schwätzen!

D'DP huet sech an der Vergaangenheet ëmmer fir den effiziente Stat agesat, woufir eng Reform vum Statut vun de Statsbeamten engersäits an d'Réforme administrative anerersäits noutwendeg sinn. Hei ass elo d'Vertrauensbasis geluegt ginn, fir zesumme mat der CGFP dës fir de Bierger a fir de Fonctionnement vum Stat wichteg Reformen ze realiséieren.

Nun, ech hu vum Vertraue geschwat, dat entstanen ass tëschent de Verhandlungspartner. Och hei wëll ech besonnesch ervirhiewen - an dat ass jo vu menge Virriedner och gesot ginn -, datt de Statssekretär Jos Schaack sech net ze schued war, an x Réuniounen iwwer Wochen a Méint mat alle Betraffenen aus der Fonction publique ze diskutéieren. Och dat war eng wichteg Prémisse, déi maassgeblech zum Erfolleg vun dësem Accord salarial bäigedroen huet.

(Interruptions diverses)

Wann den Här Schaack kënnt, dee seet Iech et!

Ausserdeem begréisse mir et, datt, ier d'Verhandlungen ugaange sinn, d'Fakten alleguer kloer um Dësch loungen. Béid Säite waren doriwwer informéiert, wat zum Beispill an de Kollektivverträg am Privatsecteur, bezéiungsweis mam Secteur public, vergläichbare Secteuren, ausgehandelt gi war. All déi noutwendeg Etüde loungen um Dësch. Jidderee wousst also, wou en dru war, ier d'Verhandlungen ugefaangen hunn.

Wat d'Verhandlungen u sech ugeet, sou hu muncher verlaangt, datt niewent der CGFP och nach aner Gewerkschaften, déi sougenannt assimiléiert, um Verhandlungsdësch sollte sëtzen.

Hei wëll ech bemierken, datt bis haut et nach ëmmer esou war, datt mat där representatiivster Gewerkschaft am öffentlechen Déngscht verhandelt ginn ass. Dat stoung och an de Koalitiounsaccoren, wéi d'LSAP nach an der Regierung war. Déi nei Regierung huet sech an hirem Koalitiounsaccord d'Wuert ginn, fir dat och esou bäizebehalen. Et pour cause!

An der zoustänneger Kommissioun ass den 3. Juli 2000 och iwwert dëse Punkt geschwat ginn, an do ass nach eemol kloer gesot ginn, dass bei de leschte Beruffskummerwalen d'CGFP 25 vun insgesamt 27 Sëtz an der Chambre professionnelle vun de Fonctionnairen an Employés publics gewonnen huet. Et ass dofir bal normal, dass d'Regierung mat der CGFP verhandelt an d'Gewerkschaften aus dem assimiléierte Secteur consultéiert huet. Dat heescht awer net, datt mat dëse jo guer net geschwat gi wier. Au contraire: Si konnten zu all Moment hir Doléancë virbréngen, a si waren och iwwert d'Verhandlungsresultater informéiert.

Et ass vläicht nach novollzéibar, dass deen een oder deen aneren aus der Gewerkschaftsszen verlaangt, mat um Verhandlungsdësch ze sëtzen. Et ass awer scho komesch, dass d'LSAP, elo wou se an der Oppositioun ass, dat op eemol anescht gesäit, woubäi si dat selwer nach virdrun an de Koalitiounsaccore mat hirem Koalitiounspartner matgedroen huet.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Dir gesitt awer och ewell verschidde Saachen anescht!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, erlaabt mer, dass ech hei e weidere ganz positive Punkt ervirhiewen, deen déi nei Regierung vis-à-vis vun der Chamber gesat huet.

Fir d'éischte Kéier an der Geschicht vun der Chamber ass d'Regierung, ier en Accord salarial an der Fonction publique ënnerschriwwe gouf, bei eis an déi zoustänneg Kommissioun komm, fir d'Chamber driwwer ze informéieren, wat d'Verhandlungsresultat wier.

Den Här Di Bartolomeo hat dat wuel vergiess, wéi en am Iwweräifer direkt bei d'Press gelaf ass, fir hir ze

erklären, dat wier e Skandal an eng Frechheet vis-à-vis vun der Chamber, datt d'Regierung si esou spéit géing informéieren.

(Interruption)

Neen, esou war et ebe just net. Et war en totalen Novum, datt d'Chamber an iwwregens och d'Gewerkschaften aus dem assimiléierte Secteur virun der Signature vun der Regierung an der Persoun vun der Ministesch Lydie Polfer an dem Statssekretär Jos Schaack informéiert gi sinn. Doriwwer ware sech iwwregens all d'Memberen an der zoustänneger Kommissioun eens, hunn ech mer soe gelooss, mat Ausnahm vum Här Di Bartolomeo. Dont acte!

Op alle Fall, dee Wee, deen den Accord salarial geholl huet, vu senger Entstehung bis zum Dépôt vum Projet de loi, weist, datt déi nei Regierung, Här Weiler, en neie Stil praktizéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nom excellente kompletten a schrëftleche Rapport vu mengem Fraktiounskolleeg Gusty Graas, deem ech häerzlech félicitéieren, brauch ech net méi op all déi wichteg inhaltlech Detailer vum Accord salarial anzegoen. Erlaabt mer dofir, dass ech just e puer Elementer dovunner hei relevéieren.

Dësen Accord dréit dozou bäi, datt d'Fonction publique Schrëtt hale ka mat verschiddene schonn am Privatsecteur erfollegräichen Entwécklungen. Ech denken do zum Beispill un d'Aféierung vum Service à temps partiel, mat der Méiglechkeet, 25%, 50% oder 75% vun enger voller Tâche ze schaffen, dat natierlech ëmmer, wann et am Intérêt vum Service ass. Dat ass jo eppes, wat et scho méi laang am Privatsecteur gëtt.

Ech sinn der Iwwerzeegung, datt d'Aféiere vum Temps partiel en immens positiven Echo fanne wäert, besonnesch bei deene Leit, déi hiirt Beruffsliewe mam Familljeliewe wëllen an Aklank bréngen.

Och hei muss ee soen, datt d'CGFP sech ganz wuel och als weltoffe gewisen huet a bereet ass, déi nei Realitéiten unzeerkennen. Fréier, wann ech esou däerf soen, gouf et ëmmer nëmmen de ganze Statsbeamten, also deen, deen eng voll Tâche huet.

Haut awer si béid Verhandlungspartner d'accord unzegesinn, datt de Besoin vun de Beamten, d'Familljeliewe mam Beruffsliewen an Aklank ze bréngen, eben och eng Adaptatioun vun der Definitioun vun der Tâche noutwendeg mécht. D'Unerkennung vum Prinzip vum Temps partiel ass e wichtege Schrëtt no vir.

Et ginn awer och nei, innovativ Zeeche gesat, sou zum Beispill wat d'Festhale vum Prinzip vum gleitenden Iwwergank vum Beruffsliewen an d'Pensioun ugeet. Dësen neie Wee, deen d'Regierung an d'CGFP zesumme wëlle goen, beweist, datt mir et mat zwee dynamesche Partner ze dinn hunn, déi am géigesäitege Vertrauen och bereet sinn, nei Léisungen ze sichen an ze fannen. Hei ginn also ganz nei Jalone gesat.

Och wat d'Attraktivitéit vun der staatlecher Carrière ugeet, sinn nei Zeeche gesat ginn, zum Beispill andeem dass d'Stagezäit fir déi angehend Fonctionnairen op zwee Joer reduzéiert ginn ass an d'Biennalen an Annalen ëmgewandelt gi sinn. Dat sinn zwee Elementer, déi besonnesch deene Jonken, mä net nëmmen hinnen, zegutt kommen. Och dat ass eng Mesure, déi mir begréissen, déi ganz sécher dozou bäidroe wäert, de Statsdéngscht méi attraktiv ze maachen.

Dann hu sech déi zwee Koalitiounspartner gëeenegt - dat hu meng Virriedner scho relevéiert -, de Punktwäert eropzesetzen op 2,5%, réckwierkend op den 1. Januar 2000, an zousätzlech 1% vum 1. Januar 2001 un.

Och dat ass eng gutt Saach, och wann e puer Leit elo ufänken ze jubiléieren, andeems datt si soen - dat huet jo och mäi Virriedner vun der sozialistescher Fraktioun gesot -, datt d'Zäit vun der Modération salariale elo eriwwer wier, oder souguer sou wäit ginn an der Regierung ënnerstellen, si hätt dëse Prinzip elo opginn.

Déi Wéinegst soen awer, wat d'Modération salariale eigentlech ass. Si ass ënner anerem am Plan d'action national pour l'emploi, dee sech un de Lignes directrices, déi deemools um Beschäftegungssommet vu Lëtzebuerg am November 1997 festgehale goufen, definéiert. An do ass gesot ginn, datt d'Augmentatioun vun de Salairen net iwwert d'Augmentatioun vun der Produktivitéit däerf erausgoen. Dozou hu sech d'Sozialpartner, déi de PAN ausgehandelt hunn, an der Tripartite verflicht.

Et ass schonn erstaunlech, datt e puer Leit mengen, datt den Accord salarial an der Fonction publique elo soll dëse Prinzip violéiert hunn! Au contraire, dat ass net de Fall, an dat heescht also och net, datt d'Sozialpartner am Privatsecteur dësen Accord salarial mussen als Ausgangsbasis unhuelen. Am Privatsecteur sinn et nach ëmmer déi eenzel Sozialpartner, d.h. d'Patronen an d'Gewerkschaften, déi op Grond vun de Spezifissitéiten an hirem jeweilege Secteur ganz onofhängeg an autonom solle Kollektivverträg ofschléissen.

An eisem Fall hei, an der Fonction publique, ass et jo och net anescht gewiescht: De Patron Stat huet mat senge Beamte fräi an autonom en Accord salarial ausgehandelt, dee sech aus de spezifesche Gegebenheete vun der Fonction publique erginn an der Regierung hir Richtlinien, wéi si am Accord de coalition festgehale sinn, respektéiert huet, nët méi an nët manner!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir, zum Schluss awer nach op déi Virwërf un d'Demokratesch Partei anzegoen - si waren zimlech staark estompéiert ginn -, déi soen, d'Demokratesch Partei hätt kleng bäiginn, andeems si nët probéiert hätt, d'Pensiounsreform vun 1998 réckgängeg ze maachen, beziehungsweis den Iwwergangsregime ofzeschafen. Ech fannen, datt déi Virwërf, déi mir do gelegentlech gemaach kréien

- mäi Virriedner huet dat jo och gemaach -, d'Realitéite verdréien!

Ech ka mech nach ganz gutt un déi Zäit erënneren, wou just zwou Parteien hei am Parlament - dat waren déi gréng Kolleegen a mir - fir hir Haltung an där Fro kritiséiert gi sinn. Mir stinn och nach haut zu där Haltung, a mir bleiwen dobäi. Mä jiddereen, deen an enger Demokratie liewe wëllt, muss och d'Regele vun der Demokratie respektéieren. Mir hunn ëmmer virun de Walen an och no de Wale gesot, datt een, fir eppes duerchzesetzen, fir eng Reform ze maachen, eng Majoritéit am Parlament muss hunn. Dat ass nun emol sou an der Demokratie! Mir stinn nach wie vor zu eisen Engagementer, a mir soen och haut nach, datt déi Pensiounsreform souwuel an der Aart a Weis, wéi se duerchgesat ginn ass, wéi och am Inhalt falsch war!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, genau wéi meng Virriedner kucken ech net zréck, sondern no vir!

(Interruptions diverses et hilarité)

Dofir erlaabt mir, zum Ofschloss vu menger Interventioun nach emol ze soen, datt dëse Projet de loi inhaltlech nei Weeër fir d'Zukunft an der Fonction publique opzeechent. Et ass e gudden Accord salarial, well et een ass, deen am Vertrauen an am géigesäitege Respekt entstanen ass. Et ass en Accord, deen eng nei Vertrauensbasis schaaft tëscht dem Stat an de Fonctionnairen an et erlabe wäert, an engem gudde Klima, zesumme mat de Beamten, nei Weeër a Richtung modernen an effiziente Stat ze goen. Meng Fraktioun wäert dofir, Här President, op alle Fall dësem Projet de loi voll a ganz zoustëmmen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems d'Chamber 1998 den ëmstriddene Projet iwwert d'Pensiounsreform an der Fonction publique an der Summervakanz gestëmmt huet, gëtt dëse Projet iwwert d'Gehälterofkommes elo am leschte Moment virun der Summervakanz gestëmmt, an dëst ënner Konditiounen, déi eng seriö parlamentaresch Aarbecht einfach net erméiglechen.

A Rekordzäit hunn déi zoustänneg Chamberkommissioun an de Statsrot hir Avien a Rapporen iwwert dëse Projet missen opstellen. Dem Statsrot säin Avis ass eis de leschte Freideg am spéiden Nomëtten zougestallt ginn, deen déi zoustänneg Chamberkommissioun dunn dëse Méindeg am Schnellverfahren duerchgeholl huet. De Projet de rapport ass eis eréischt an der Nuecht vum 9. op den 10. Juli zougestallt ginn, fir en an der Kommissiounssëtzung vum 10. Juli ze diskutéieren.

(Interruption)

D'Membere vun der Chamber hunn den definitive Rapport och eréischt kuerzfristeg zougestallt kritt, dëst obschonn et bis elo ëmmer d'Regel war, dass d'Deputéiert de Rapport spéitstens freides virun der Sitzungswoch zougestallt sollte kréien.

Här President, am Numm vum ADR wëll ech hei formell virbréngen, dass mir mat sou enger Prozedur vu parlamentarescher Aarbecht absolut nët kënnen averstane sinn. Et ass nët normal, dass dëst Parlament während Wochen am leschte Joer iwwerhaapt nët getaagt huet, well déi nei Regierung keng Projete fäerdeg bruecht huet, an elo, déi lescht Woch virun der Vakanz, ginn all d'Prinzipien an d'Viraussetzungen, fir eng gutt parlamentaresch Aarbecht kënnen ze maachen, manifestement violéiert.

Mir haten dofir proposéiert, d'Chambersessioun ëm eng Woch ze verlängeren oder de Projet direkt no der Summervakanz kënne virzehuelen. D'Angscht vun der Majoritéit virun der CGFP schéngt awer méi grouss ze si wéi de Respekt virun den Institutiounen. An et schéngt mer och,…

Une voix.- Oh!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- …datt eis sozialistesch, gréng a lénk Kolleege bei dësem Projet dem Drock vun der CGFP géifen no ginn, fir net u Wielerpotential ze verléieren.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Den Här Klein ass guer net d'accord!

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP)*.- Neen!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Tjo! Ech hat jo och net erwaart, datt jiddereen hei mat mir d'accord wär!

(Interruption et hilarité)

Här President, dëse Projet, wéi e vun der Regierung den 21. Juni deponéiert ginn ass, huet sech op aacht prinzipiell Punkte baséiert, déi ech awer elo net hei erëm eng Kéier wëll widderhuelen, well se vu menge Virriedner scho virgedroe gi sinn. Erlaabt mer awer, ier ech mech méi am Detail mat dëse Propositiounen ausenanersetzen, dass ech fir d'éischt nach verschidde méi prinzipiell Iwwerleeungen ustellen.

De Prinzip, fir en Accord salarial auszehandelen, ass fir eis als ADR en elementaart Gewerkschaftsrecht, wat mir och net wëllen a Fro stellen. Wat fir eng Gewerkschaft oder Gewerkschaften am Numm vum Salariat verhandelen, ass en anert Recht. Doriwwer ass bis elo vill hei am Land gestridde ginn, an et wäert deemnächst och sécherlech nach vill driwwer gestridde ginn, wa mer d'Gesetz vum 12. Juni 1965 iwwert d'Kollektivvertragswiese sollen hei reforméieren.

Wat d'Fonction publique ubelaangt, ass et awer kloer, dass alles, wat an engem Accord salarial tëscht der Regirung an der CGFP ausgehandelt gëtt, eréischt dann a Kraaft triede kann a rechtskräfteg gëtt, wann d'Chamber

iwwert de Wee vun engem Gesetz dëst décidéiert huet. Wat mer awer als ADR hei kloer uprangeren, ass, datt bei de Verhandlunge fir den Accord salarial d'Parlament ëmmer viru vollendet Tatsaache gestallt gëtt. D'Regierung ass eng Exekutiv vum Parlament, an et däerf net ëmgedréint goen!

D'Regierung verhandelt mat der CGFP, ouni datt…

(Interruption)

…d'Parlament vum Verhandlungsimpakt informéiert ass, ouni datt d'Parlament der Regierung e Mandat ginn huet, fir an déi eng oder déi aner Richtung ze verhandelen. Dat ass manifestement de falsche Wee, well de Patron vun der Fonction publique sinn nach ëmmer déi gewielte Volleksvertrieder, net déi designéiert Regierungsmemberen.

All eenzelne Parlamentarier huet eng Verantwortung ze droen, wéi déi wirtschaftlech Räichtemer hei am Land verdeelt ginn,…

(Interruption)

Dach, well mir wëssen nach, wéi Demokratie geschriwwe gëtt!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- All Är Membere sinn an enger Verhandlung dobäi?

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Selbstverständlech!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Très bien!

(Interruptions)

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Si ginn driwwer informéiert, am Virfeld!

(Interruption)

Dat ass esou beim LCGB, an dat ass esou beim OGB-L, dass d'Memberen am Virfeld informéiert ginn iwwert dat, wat geschitt, an och herno um d'Resultatsofschloss mat bedeelegt ginn!

(Interruption)

Dir musst Iech dann emol do e bëssen informéieren!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Mir wossten och, wat géif lafen!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Mä all eenzelne Parlamentarier huet eng Verantwortung ze droen, wéi déi erwirtschaft Räichtemer hei am Land verdeelt ginn, an e muss dofir d'office, vu vireran, en effektiivt Matsproocherecht kréien, a wat fir eng Richtung dass et geet. D'Parlament kritt awer elo en Accord salarial duergeluegt, dee blannemännches vun der Majoritéit an an dësem Fall sécherlech och nach vun der LSAP, de Gréngen an der Lénker wäert gestëmmt ginn. Den ADR ass mat sou enger Praxis net averstanen a wäert sech net als Exekutiv vun der Regierung hei manipuléiere loossen!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här Jaerling, d'Parlament huet eng Regierungserklärung gestëmmt, wou ganz genee dra stoung, wéi eng Schinnen datt géife gefuer ginn am Kader vun…

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- En Deel vum Parlament!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Jo, mä wann déi aner net d'accord sinn! Dat ass awer hire Problem!

(Interruption)

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, am Privatsecteur hu mer an deene leschte Joren a Méint misse feststellen, dass et schwéier ass, fir en Accord ënnert de Sozialpartner ze fannen, ouni datt d'Schlichtungsamt huet missen ageschalt a souguer mat Momenter mat Streik gedreet ginn. Dëst war sécherlech bedingt doduerch, datt an der Tripartite eng moderat Lounpolitik agelaut gi war, déi dann och um Terrain esou à la lettre applizéiert ginn ass.

Dësen Accord an der Fonction publique ass awer esou verdächteg roueg iwwert d'Bühn gaangen, dass ee sech nëmme ka wonneren! De Statssekretär huet iwwer Wochen a Méint all seng CGFP-Kolleeginnen a -Kolleegen, Gruppen an Ënnergruppen ëmfaangen, mat Fotoen an der Press veröffentlecht, soudass ee sech am Fong wierklech hätt kënne méi eng strukturell Reform erwaarden.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- Déi kënnt nach!

(Interruption)

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Mä iwwerraschenderweis waren no e puer Deeg d'Verhandlunge schonn eriwwer, an d'Resultat war bekannt.

An der CGFP…

(Interruptions diverses)

Jo, hannert de Kulissen, awer nëmmen e puer Deeg!

(Interruption)

…hirer leschter Zeitung schreift den Här Daleiden am Leitartikel, dës Verhandlunge wäre gefouert gi "comme au bon vieux temps",…

(Hilarité et interruption)

…sou wéi fréier, wann den Här Santer den Här Daleiden eng Kéier sonndes moies op den Apéritif invitéiert huet, fir gewuer ze ginn, wat d'CGFP gär hätt, a spéitstens beim Digestif ware se sech dann ëmmer eens!

Une voix.- Sot, Dir kennt de Secret des dieux, schéngt et!

(Hilarité)

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Mä dës Kéier war et net den Här Santer, an och net d'CSV, mä d'DP, déi e Walverspriechen hei huet missen aléisen. D'DP wollt mat alle Mëttelen erëm an d'Regierung kommen, an d'CGFP huet awer och voll heivu profitéiert! Si huet hirer Leit op d'DP-Kandidatelëschte gesat a virun de Wale verlaangt, dass, wann d'DP an d'Regierung kënnt, e CGFP-Mann zumindest misst Statssekretär am Ministère vun der Fonction publique ginn, wat jo och voll gegléckt ass!

Une voix.- Et ass net méiglech!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- D'DP an d'CGFP, vum August 98 un och ënnert dem Fusiounsnumm CGFDP bekannt, sinn de Wee zesumme gaangen.

(Interruptions)

D'DP ass an d'Regierung komm, an anerersäits konnt d'CGFP do mat sech selwer, aus Dank dofir, dësen Accord salarial aushandelen.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Dir liest zevill Feierkrop!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Der CGFP muss een e Kompliment maachen,…

(Interruption)

…wéi si et ëmmer erëm versteet, Parteie fir sech anzesetzen, ouni awer direkt vun hinnen ofhängeg ze ginn. Vill Leit hei am Land mengen och, d'CGFP hätt d'DP kaaft! Mä ech mengen, sou domm ass d'CGFP net, well si weess genau, dass, wann een eppes keeft, een dat huet, a wann een et erëm eng Kéier wëllt lass ginn, da kann dat onheemlech deier ginn!

(Hilarité)

D'DP wier och schwéier ze recycléieren, wa se bei der CGFP ausgedéngt huet!

Neen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sou domm ass d'CGFP net, fir eng DP ze kafen. Si huet d'DP dofir ganz einfach op Leasing geholl. D'CGFP benotzt d'DP esou laang, wéi d'DP dat mécht, wat d'CGFP gär hätt. Wann dat emol eng Kéier net méi de Fall ass, da leeft de Leasingsvertrag ganz einfach aus. Da gëtt d'DP erëm dohi geschéckt, wou se hier kënnt a besser bliwwe wier, nämlech an der Oppositioun.

(Hilarité)

Une voix.- Et ass sou einfach am Liewen!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Dass eng Gewerkschaft eng Partei fir hir Interesse sou benotzt, Här President, ass awer am Fong näischt Aussergewéinleches an och keen Novum hei am Land. Wa mer eis erënneren, dann huet viru 17 Joer den OGB-L mat de Sozialisten datselwecht gemaach, wéi déi erëm wollten an d'Regierung kommen. Den OGB-L huet 1983 manifestéiert a gestreikt, d'Sozialiste sinn erëm an d'Regierung komm, an den OGB-L-Exponent Johny Lahure ass Statssekretär ginn, an de John Castegnaro ass an de Statsrot komm!

Haut kann een elo scho feststellen, datt dat erëm an déiselwecht Richtung geet. Déi Gewerkschaft wäert keng Hemmungen hunn, fir eist Land vun engem Sozialkonflikt an deen aneren ze geheien, wann et heescht, hire sozialistesche Kolleegen ënnert d'Äerm ze gräifen, fir se erëm an d'Regierung ze bréngen!

Aussergewéinlech ass awer,…

(Interruption)

…dass eng Partei, a grad eng Partei wéi d'DP, sech sou vun enger Gewerkschaft mëssbrauche léisst. D'Sucht no Muecht schéngt hei méi staark ze si wéi all d'Prinzipien. D'Partei vum Mëttelstand ass d'Partei vun der Fonction publique ginn, e Mëttelstand, deen awer un dësem Accord wäert schwéier ze schaffe kréien, well och si net wäerten dolaanscht kommen, hire Mataarbechter missen déiselwecht Augmentatiounen zouzegestoen, wéi dat elo an der Fonction publique geschitt ass.

(Interruption)

Här President, domat kommen ech zu der Augmentatioun, eng Augmentatioun, déi, wann een alles zesummen zielt, fir d'Joer 2000 4,7% wäert ausmaachen, an am Joer 2001 zesumme 5,7%.

Den Här Statssekretär huet an der zoustänneger Kommissioun gesot, dëst Resultat wier datselwescht, wat am Privatsecteur an der leschter Zäit üblech wier. Dat hätt eng Vergläichsetüd erginn, déi mir awer net ze gesi kruten.

Dës Regierung priedegt ëmmer Transparenz. Elo schwätzt den Här Statssekretär hei awer iwwer eng Vergläichsetüd, déi dem Parlament grad bei esou engem wichtegen Dossier wéi deem heiten awer leider net virgeluegt gëtt, soudatt den eenzelne Parlamentarier sech kee richtegt Bild iwwert déi wierklech Situatioun hei konnt maachen.

Eis sinn awer am Privatsecteur keng esou Resultater bekannt, wéi den Här Statssekretär se hei ugekënnegt huet, oder wann iergendwou esou e Resultat sollt bekannt sinn, da war et mat enger Rei grousse Sacrificer fir d'Salariat verbonnen.

Sollt dem Här Statssekretär seng Ausso awer stëmmen, dass dësen Accord vergläichbar wier mat Accoren aus dem Privatsecteur, da musse mer dat spéitstens Ausganks des Jors jo ze gesi kréien, dann nämlech, wa fir

den 1. Januar 2001 den Ajustement vun de Renten an d'Erhéijung vum Mindestloun fälleg sinn. Heifir gëtt nämlech d'Lounentwécklung vum privaten an öffentleche Secteur vun deenen zwee leschte Joren als Richtlinn geholl. Wann also den Ajustement an de Mindestloun net vum 1. Januar 2001 un ëm 4,7% erhéicht ginn, da sinn dem Här Statssekretär seng Aussoe leider falsch gewiescht.

Et ass awer kloer, dass vun elo un all d'Gewerkschaften aus dem Privatsecteur sech wäerten un dësem Resultat orientéieren.

D'DP kann dann de Betriber am Privatsecteur erklären, wéisou dat esou ass. D'DP wollt nämlech nach weidergoen an am Accord salarial souguer nach méi ginn, mä si ass awer e bësse vun der CSV gebremst ginn. Dëst geet aus engem Artikel ervir, deen den 8. Juli 2000 am Wort ze liese war an ech wëll Iech deen net virenthalen: "Leider sei aus DP-Sicht nicht mehr möglich gewesen, da man ja in der Regierung nicht allein sei und demzufolge Kompromisse schliessen müsse. Allerdings stimmten der Stil und das Verhandlungsklima wieder".

Et ass kloer, dass d'Sozial- an d'Verhandlungsklima stëmme wann eng Säit vun de Verhandlungspartner, an dësem Fall d'Salariatssäit, wat ze begréissen ass, bal alles erpresst kritt wat se gären hätt. Do kann een nëmme soen: Bravo, Här Daleiden, Dir sidd mat Ofstand dee beschte Verhandlungsstrateg, deen et hei am Land gëtt.

Wann d'Leit am Privatsecteur elo datselwecht fuerderen, dann ass dat nëmmen hiert elementaart Recht, well et ka jo net esou sinn, dass déi, déi de Räichtum erschaffen, déi d'Ekonomie fonctionnéiere lossen, manner vum Benefiss vun hirer Aarbecht solle kréie wéi Leit aus engem anere Secteur.

Den Här Statsminister huet den 12. August 1999 bei der Regierungserklärung dat hei gesot: "D'Lounpolitik selwer wäert eng kontinuéierlech sinn a sech un där wirtschaftlecher Situatioun an un där allgemenger Lounentwécklung hei am Land ausriichten.

Dës allgemeng Lounentwécklung muss déi wirtschaftspolitesch Orientéierungen an déi beschäftegungspolitesch Leitlinne vun der Europäescher Unioun respektéieren. Dat heescht, dass d'Léin an alle Secteuren, och beim Stat, musse moderat bleiwen".

Den 10. Mee 2000, also virun zwee Méint, wéi d'Verhandlunge mat der CGFP voll amgaang waren, huet den Här Statsminister bei senger Erklärung zur Lag vun der Natioun gesot: "Lounmoderatioun wëllt soen, datt d'Léin am Rhythmus vun de Produktivitéitsgewënner wuessen. Näischt méi an näischt manner".

Also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wa fir bal 40.000 Leit aus der Fonction publique, respektiv Assimiléierter dëse Geste laut Regierung ekonomesch vertrietbar erkläert gëtt a mir kënnen e problemlos duerchzéien, dann ass et awer nëmmen normal, dass jiddereen am Land 4,7% dëst Joer an 1% d'nächst Joer a sengem Akommes muss dobäi kréien.

Mir fannen et e Skandal, dass déi erwirtschaft Räichtemer hei am Land op dës Aart a Weis verdeelt ginn. Wa mer esou vill Suen zur Verfügung hunn, si mer der Meenung, datt se sollten un alleréischter Stell deene Mannerbemëttelten hei am Land zoukomme gelooss ginn an net nëmmen deenen, déi scho genuch hunn.

Am Privatsecteur ginn et ëm déi 40.000 Leit, déi de Mindestloun hunn, deen elo 49.250 Frang brutto ass.

Besonnesch denke mer awer un d'Pensiounen am Privatsecteur, déi nach ënnert dem soziale Mindestloun leien. Wou dës, wéi och déi viregt Regierung, mat alle Mëttel an Tricke versicht, fir Argumenter ze fanne fir eng substantiell Erhéijung vun de Renten am allgemengen a besonnesch vun deene klenge Renten am Privatsecteur ze verhënneren.

No dësem Accord salarial gëtt et keen Argument méi fir dass d'Renten am Privatsecteur a besonnesch d'Mindestrenten net substantiell ugepasst musse ginn.

Als ADR stonge mir am Kampf fir besser Renten am Privatsecteur a Rentegerechtegkeet allgemeng bis elo ëmmer aleng do an et schéngt mer wéi wann dat och an Zukunft esou bleiwe wäert, och wann elo aner Organisatioune mengen, si kënnten an Zukunft aus dësem Thema Kapital schloen.

Als ADR fuerdere mer net nëmmen eng substantiell Erhéijung vun de Renten am Privatsecteur, mä prioritär eng Erhéijung vun der Mindestrent op d'Héicht vum Mindestloun fir qualifizéiert Salariéen.

Här President, mir deponéieren an deem Sënn eng Motioun, an där mer eng substantiell Erhéijung vun de Renten am Privatsecteur insgesamt an eng Erhéijung vun der Mindestrent op d'Héicht vum qualifizéierte Mindestloun fuerderen.

Motion 1

La Chambre des Députés

- considérant que si des fonds publics sont disponibles pour financer des augmentations de pensions considérables dans le régime statutaire intérimaire des fonctionnaires des fonds correspondants doivent être mis à disposition pour augmenter les pensions du secteur contributif;

- considérant que le projet de loi 4677 concernant l'accord salarial entraînera une augmentation des pensions des fonctionnaires entrant en pension à partir du mois de janvier 2000 de plusieurs milliers de francs par mois;

- considérant que par l'adoption de cet accord salarial les divergences entre le régime transitoire des pen-

sions statutaires et le régime contributif du secteur privé vont s'accroître davantage;

invite le Gouvernement

- à présenter dans les meilleurs délais un projet de loi:

• accordant une augmentation structurelle du régime général d'assurance pension du secteur privé;

• introduisant une pension minimale correspondant au salaire minimum garanti pour une personne qualifiée.

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Robert Mehlen.

(Interruptions diverses)

Dir sot jo ëmmer et géife keng ginn.

Här President, de Käschtepunkt vum Accord salarial fir deen Deel wat aleng de Stat betrëfft gëtt fir d'Joer 2000 op 1.623.000.000 geschätzt a fir all Joer duerno op 2.018.000.000 Frang. Et ass dëst sécherlech eng schwéier Belaaschtung an zwar eng permanent fir onse Statsbudget.

An d'Fro, déi sech stellt, ass déi, ob et net einfach onverantwortlech ass dës budgetär Mëttel all an ee Secteur ze investéieren, wou mer jo awer wëssen, datt eis Ekonomie nëmme vun anere Secteuren ofhängeg ass an och der internationaler Konkurrenz erbarmungslos ausgeliwwert ass.

Watfir eng drastesch Moossname musse mer nämlech ergräife wann eis Ekonomie an domadder och de Steierzueler dës finanziell Belaaschtung net méi kënnen droen? Sinn et dann och déi, déi elo hei esou liichtfankeg mam Geld ëmginn, déi virun d'Fonction publique triede fir hinnen ze soen, datt d'sozial Rechter mussen ofgebaut ginn? Oder geet et dann och erëm wéi schonn esou oft, datt dann erëm de Privatsecteur aleng muss bludden, wann drastesch Mesuren ergraff ginn?

Ech hunn dat hei elo virbruecht, well dat genau déiselwecht Argumenter sinn, déi hei ëmmer virbruecht gi wa mir als ADR froe fir déi kleng Renten am Privatsecteur ze héijen. Da gëtt ëmmer gefrot, wou mer d'Suen hierhuelen a mir wieren onverantwortlech, wa mer esou eng Fuerderung géife stellen.

Dat hei ass genau datselwecht Beispill. Wou ass d'Verantwortungsbewosstsinn, wann d'Gelder op déi Aart a Weis ausgi ginn?

Här President, dat gesot, wëll ech trotzdem zu deene verschiddene punktuelle Moossname Stellung huelen, well se jo awer haut wäerten hei gestëmmt ginn.

D'Augmentatioun vum Punktwäert ëm 2,5% dëst Joer, respektiv 1% dat nächst Joer. Eng linear Augmentatioun ass sécherlech dee System, deen am mannsten uneckt, ass awer net onbedéngt dee Modell, deen de spezifesche Problemer, och am Secteur public, Rechnung dréit.

Mir wëssen, datt et beim Stat Fonctioune gëtt, déi vis-à-vis vum Privatsecteur ënnerbezuelt sinn, virun allem a verschiddenen ieweschte Carrièren. Mir wëssen awer och, dass et eng Rei vu Fonctioune gëtt, déi vis-à-vis vum Privatsecteur méi wéi gutt bezuelt sinn.

Mir hätten dofir léiwer gesi wann déi linear Augmentatioun net esou héich gewiescht wär e méi punktuell Korrekture virgeholl gi wieren amplaz dass mer elo mam Géisskaneprinzip verfuer sinn a spéider da punktuell weider wëlle reagéieren.

Dir wësst alleguer, dass den ADR am Kader vun der Pensiounsreform am öffentleche Secteur géint den Iwwerganksregim war an och nach ëmmer ass. Fir ons kann et net sinn, dass vum 1. Januar 1999 u jiddereen déiselwecht Cotisatioune bezillt, déi am Iwwerganksregim awer méi Leeschtung fir déiselwecht Cotisatioune kréien, wéi de Rescht vum Land, well eben hir Rent nach ëmmer weider op d'lescht Gehalt berechent gëtt.

Doriwwer eraus ass mat all Gehälteraccord eng Pensiounserhéijung verbonnen. Heivu profitéiere wuel net méi déi pensionnéiert Fonctionnairen, mä all déi, déi nom Accord an d'Pensioun ginn. Ech wëll dat un Hand vun dräi Beispiller hei beweisen.

1. Ech huelen d'Carrière vum Buschauffeur bei den CFL:

D'Gehalt virum Accord salarial ass am Dezember 1999 156.916 Frang de Mount.

D'Pensioun virum Accord salarial am Dezember 1999 ass 130.763 Frang de Mount.

Nom 1. Januar 2000 ass d'Gehalt 160.839 Frang an d'Pensioun 134.032 Frang, e Plus vun 3.269 Frang.

Nom 1. Januar 2001 ass d'Gehalt 166.474 Frang an d'Pensioun 138.728 Frang, e Plus vu 4.696 Frang.

2. De Redakter mam BAC:

D'Gehalt virum Accord salarial am Dezember 1999 ass 229.013 Frang de Mount.

D'Pensioun virum Accord salarial ass am Dezember 1999 190.844 Frang de Mount.

Nom 1. Januar 2000 ass d'Gehalt 234.738 Frang an d'Pensioun 195.615 Frang, e Plus vu 4.771 Frang.

Nom 1. Januar 2001 ass d'Gehalt 242.954 Frang an d'Pensioun 202.461 Frang, e Plus vu 6.846 Frang.

3. E Professeur-Ingénieur

D'Gehalt virum Accord salarial am Dezember 1999 ass 278.492 Frang de Mount.

D'Pensioun virum Accord salarial am Dezember 1999 ass 232.076 Frang de Mount.

Nom 1. Januar 2000 ass d'Gehalt 285.453 Frang an d'Pensioun 237.877 Frang, e Plus vu 5.801 Frang.

Nom 1. Januar 2001 ass d'Gehalt 295.444 Frang an d'Pensioun 246.203 Frang, e Plus vun 8.326 Frang.

Un Hand vun dësen dräi Beispiller gesäit een, dass dësen Accord op Pensiounen, déi nom 1. Januar 2000 ugelaf sinn oder ulafen, schonn eng net ze ënnerschätzend Bedeitung huet.

D'Regierung fiert also monter weider mam Zwouklassesystem. Als ADR hu mir gesot, dass mir kengem Gesetz méi géifen zoustëmme wat d'Rentenongerechtegkeet nach weider verschäerft. Dëst Gesetz mécht dat awer kloer an dofir wäerte mir dësem Gesetz och net zoustëmmen.

Wat d'Transformatioun vu Biennalen an Annalen ugeet, Här President, hu mir als ADR ëmmer en eenheetleche Rentesystem verlaangt, deen op Cotisatiounsprinzip opgebaut ass an net op Grond vum leschte Gehalt.

Am Géigesaz hu mer awer och ëmmer gesot, et sollt een den Aktiven a besonnesch deene méi jonke Fonctionnairen hir Carrière méi attraktiv gestalten. Dës Moossnam, fir aus Biennalen Annalen ze maachen, geet an déi Richtung a fënnt dofir och eis Zoustëmmung.

D'Augmentatioun vun der Allocation de repas, besser ënnert dem Numm Iessprime bekannt, ass séngerzäit agefouert gi fir Gehaltsopbesserungen ze maachen, déi net pensionnabel sinn. D'Allocation de repas gëtt vun 2.800 op 4.400 Frang de Mount verbessert a kascht aleng de Statsbudget all Joer 270 Milliounen. Dës Allocatioun gëtt als Netto ausbezuelt, wier also, géif ee se op de Brutto héichrechne mat alle Soziallaaschte verbonnen, am Schnëtt ëm 30% méi héich.

Ech wëll kuerz op de Remboursement vun den Affekotskäschten agoen, déi och am Projet dra waren. Am Accord salarial, deen ënnerschriwwe ginn ass, stong, dass eng Kommissioun géif agesat ginn, déi d'Méiglechkeet géif studéieren ënner watfir enge Konditiounen d'Fonctionnairen Affekotskäschten zréckbezuelt kréien, wa se géint hire Patron, de Stat, e Prozess géife féieren. Dës Kommissioun muss séier geschafft hunn, well am Projet de loi, deen d'Regierung kuerz duerno deponéiert huet, stong dës Moossnam schonn dran. De Statsrot huet awer glécklecherweis eng formell Oppositioun dogéint gemaach, an dat eiser Meenung no mat wierklech berechtegten Argumenter.

Prinzipiell hält de Statsrot fest, dass den Accès zur Justiz duerch esou eng Moossnam de Fonctionnairë vis-à-vis vun anere Statsbierger géif erliichtert ginn an esou géint deen an der Verfassung verankerte Gläichheetsprinzip géif verstoussen.

Wann dat Praxis gi wier, missten och all aner Gewerkschaften dës Käschte vum Steierzueler erëmbezuelt kréien, well si sech jo och fir hir Memberen asetzen.

D'Kommissioun huet awer op Grond vun der Opposition formelle vum Statsrot dësen Artikel am Gesetz gestrach an d'CGFP huet och dës Fuerderung zréckgezunn a versprach, dat schréftlech matzedeelen. Bis elo, Här Statssekretär, hu mer awer dee Bréif nach net ze gesi kritt a mir hoffen, dass do net im Nachhinein nach iergendeng ausserparlamentaresch Magouille an deem Beräich gedréit gëtt.

Hei gesäit een och erëm, datt dëse Projet iwwert de Knéi gebrach ginn ass an datt, anstatt e Problempunkt oder eng Fuerderung vernünfteg kënnen auszediskutéieren, se einfach gestrach gëtt, esou wéi dat scho beim Artikel 36 vum Projet de loi 4605 iwwert d'Regelung vun den Assurancëportefeuiller de Moien hei de Fall war.

D'Reduktioun vun der Stagezäit, genau wéi d'Aféierung vun Annalë gesi mer als eng positiv Moossnam, fir virun allem de jonke Fonctionnairen hir Carrière méi interessant a méi attraktiv ze gestalten.

Wat d'Aféiere vun der Deelzäitaarbecht ubelaangt, sou hat de Fonctionnaire bis elo nëmmen d'Méiglechkeet fir à plein temps ze schaffen, ausser dass dat iwwer e Congé spécial konnt reduzéiert ginn. Mat dësem Gesetz gëtt elo d'Méiglechkeet geschaaft, fir Deelzäitaarbecht fir Fonctionnairen anzeféieren an zwar do wou d'Verwaltung et erlaabt. Dës Deelzäitaarbecht ka 25%, 50% oder 75% sinn.

Als ADR hu mir prinzipiell näischt géint Deelzäitaarbecht, well et virun allem Fraen erlaabt, hir Famill mat hirem Beruff besser ze koordinéieren an ze organiséieren. Mir verlaangen awer, dass de Betribsoflaf an de Verwaltungen heiduerch net däerf gestéiert ginn.

Et huet een heiansdo d'Gefill, wéi wann an der Diskussioun bei esou Verhandlunge géif vergiess ginn, dass de Stat als Verwaltung och eng Missioun an eng Responsabilitéit vis-à-vis vun der Gesellschaft ze erfëllen huet.

Wou mer net kënnen domat averstane sinn, dat ass, dass och bei den Deelzäitbeschäftegten aus dem Iwwerganksregime d'Pensioun op dat lescht Gehalt berechent gëtt. Wuel gëtt fir d'Joreszuel, wat d'Pensiounsberechnung ubelaangt, zum Beispill bei enger Deelzäitaarbecht vu 25%, véier Joer nëmme Recht op ee ganzt Joer Stagezäit, awer wéi gesot, als Referenzloun zielt d'lescht Gehalt.

Dëst kënnt zur Situatioun féieren, dass en Expéditionnaire, deen de Gros vu senger Carrière nëmmen zu 25% beschäftegt gewiescht wär, zum Schluss vu senger Carrière awer zu 100% schafft, dass da seng Pensioun net op 25% gerechent gëtt, mä mat 43,222% vun der voller

Tâche vum Expéditionnaire, sou wéi dat och vum Statssekretär vun der Fonction publique bestätegt ginn ass.

Dat heescht, fir eng Tâche, déi am aktiven Aarbechtsprozess laangjäereg 25% vun 142.397 Frang ausmécht, also 35.600 Frang, géif dann eng Pensioun bezuelt gi vu 74.024 Frang.

Déi selwecht Beispiller kënnt een opféiere bei der Carrière vum Redakter oder och bei der Carrière supérieure.

Dat ass einfach onverantwortlech, zumools och nach keen - an dat ass an der Kommissioun kloer ervirgaangen - d'Ausféierungsbestëmmungen an déi wierklech Ausmoosse vun dëser Mesure kennt. Wa mir als ADR mol hei verlaangt hunn, dass d'Mindestrent misst dem qualifizéierte Mindestloun ugepasst ginn, dann ass dat als net seriö duergestallt ginn. Ee vun den Argumenter war, dass een an der Pensioun dach net méi dierft hu wéi am aktiven Aarbechtsprozess. Dat waren ëmmer d'Ausrieden, déi eis entgéintgehale goufen, wann et geheescht huet, d'Mindestrent dem qualifizéierte Mindestloun unzepassen.

Dir Hären aus der Regierung, da loosst Iech awer elo eng Gutt afalen, wéi der dann de Leit erkläert, dass mat Ärer Mesure hei kann d'Pensioun méi wéi duebel sou héich sinn, wéi d'Gehalt am Duerchschnëtt oder während der gréisster Period vun der aktiver Zäit an der Fonction publique war, wann et sech ëm d'Deelzäitaarbecht handelt.

Am Privatsecteur gi bei enger Deelzäittâche nëmmen d'gesamt Cotisatiounsbeiträg geholl, fir d'Pensioun ze berechnen, an d'Pensioun kann dofir ni méi héich sinn, wéi d'Duerchschnëttsgehalt war. Anscheinend hutt Der ëmmer nëmme Problemer, wann et ëm d'Pensiounen aus dem Privatsecteur geet. Wann Der awer elo behaapt, dass Der keng Problemer hätt, fir och dem Privatsecteur entgéint ze kommen, da kënnt Der jo ouni Weideres eis Motioun iwwert d'Erhéijung vun de Pensiounen a besonnesch d'Upasse vun der Mindesrent un de qualifizéierte Mindestloun hei stëmmen. Da wäert Der zumindest emol eng Kéier op enger Linn!

Zu de Punkte fakultativ Aarbechtszäitverkierzung vum Alter vu 55 Joer un, respektiv Aarbechtszäitverlängerung bis 68 Joer hu mir keng prinzipiell Problemer. An deem Zesummenhang hoffe mer awer, dass déi Mesuren do net op Käschte vum Bierger ginn an de Service um Bierger net nëmmen erhale bleift, mä och nach ausgebaut ka ginn.

Här President, an dësem Accord sinn awer nach zwee Punkte festgehalen, zu deenen ech wëll Stellung bezéien.

Do ass éischtens deen zousätzlechen Dag Urlaub.

Den ADR ass net dergéint, dass d'Urlaubszäit ausgebaut gëtt, genau wéi dat och am Privatsecteur schonn de Fall ass oder, wéi et hei schonn ugeklongen ass, de Fall soll sinn. Den ADR kann awer net domat averstane sinn, wann den Här Statssekretär seet, dat géif näischt kaschten, wëll et géif jo keen doduerch weider agestallt. Iwwerall wou en zousätzlechen Dag Congé accordéiert gëtt, gëtt dëse mat 0,57% a Rechung gestallt. Bei deene vun eis errechente 4,7% Augmentatioun fir d'Joer 2000 hu mer dat och an deem Sënn mat gerechent.

Wann den Här Statssekretär awer tëscht 16.000 a 17.000 Fonctionnairë kann en Dag fräi ginn, ouni een anzestellen, da soe mir, dat ass net méiglech. Den Här Statssekretär soll emol matdeelen, wou en dann déi Reserven hier wëllt huelen, fir déi ausfalend Deeg ze kompenséieren, et sief, déi 16.000 bis 17.000 Leit hätten op d'mannst een Dag am Joer näischt gemaach,…

(Interruption)

…oder awer, d'Retarden an enger Rei vu Verwaltunge ginn nach méi laang, wéi se bis elo scho sinn. An, Här Statssekretär, wann deen Dag Congé näischt soll kaschten, da géif ech mengen, Dir sollt…

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- Dir wësst net, wat d'Statsbeamte fir Reserven hunn!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Jo, ech hunn Der och!

(Interruption)

Meng gesäit ee just besser!

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- Dir géift Iech wonneren!

(Interruptions et hilarité)

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Wann d'Regierung der Meenung ass, dass en Dag Congé näischt soll kaschten, da sinn ech der Meenung, dass ee soll den ordentleche Congé légal vu 25 op 26 Deeg erhéijen an dann de Betriber dobaussen erklären, dass et näischt kascht! De Stat soll dann d'Käschte vun deem iwwerhuelen, wat et zousätzlech kascht, Här Statssekretär! Da gesitt Der, wat dat géif kaschten!

Op jidde Fall, sou einfach wéi Dir Iech et maacht, Här Statssekretär, kann nëmmen eng Persoun et sech einfach maachen, déi nach ni eppes mat Betribswirtschaft ze dinn hat!

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- Dir géift Iech wonneren!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Jo!

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- Ech sinn oft a Privatbetriber komm!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Vun un dass ech hei sinn,…

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- Do kënne mir zwee eis eng Kéier ganz gär driwwer ënnerhalen!

(Interruption)

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- …kommen ech aus dem Staunen net méi eraus! Also, mech kann hei näischt méi erschütteren!

(Hilarité et interruption)

Eng Kommissioun fir Zousazpensioune soll agefouert gi fir déi Leit, déi nom 1. Januar 1999 beim Stat agestallt gi sinn, mam Zil, fir eraus ze fannen, ënner wat fir enge Konditiounen deene Leit eng Zousazpensioun kéint zouerkannt ginn.

Ech wëll drun erënneren, dass bei der Pensiounsreform an der Fonction publique kee Plafond cotisable agefouert ginn ass, mat deem Argument, well et jo an der Fonction publique keng Zousazpensioune gëtt. Wann elo also sou eng Kommissioun sollt zustane kommen, fir Zousazpensiounen ze schafen, wa méiglech och nach op Käschte vum Steierzueler, da gesi mir dëst als eng Krichserklärung vis-à-vis vun alle Rentner aus dem Privatsecteur un, a mir wäerten dann awer och deementsprechend reagéieren.

(Interruption)

Une voix.- D'Blutt wäert fléissen!

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- De Gros vun de Salariéen aus dem Privatsecteur huet keng Zousazpensioun a ka sech och keng leeschten, a wann en eng huet, da geet dat nach ëmmer op seng eege Käschten.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt et an dësem Projet eng Rei Moossnamen, déi eis Zoustëmmung fannen, awer och eng Rei Moossnamen, déi eise Virstellunge vu sozialer Gerechtegkeet a virun allem vu Rentegerechtegkeet diametral entgéint stinn.

Déi Suen, déi do sinn, ginn net sozial gerecht verdeelt. Dës Regierung ass net bereet, Rentenopbesserungen am Privatsecteur zouzegestoen. Dës Regierung weess, wat fir eng Konsequenzen dësen Accord salarial op de Privatsecteur huet, a leet keng Mesurë vir, déi de Betriber et géifen erméiglechen, hire Mataarbechter déiselwecht Augmentatiounen zouzegestoe wéi der Fonction publique. D'Ënnerscheeder tëscht de Renten aus dem öffentlechen an dem Privatsecteur ginn nach weider auseneen!

Den ADR léisst sech net als Exekutiv vun dëser Regierung mëssbrauchen an och net aus walpoliteschen Iwwerleeunge vun enger CGFP oder soss enger Gewerkschaft ënner Drock setzen. Dofir wäerte mir als ADR och déi eenzeg Partei sinn, déi hei am Parlament hir Verantwortung iwwerhëlt an zu dësem Projet ganz kloer wäert nee soen.

Ech soen Iech merci.

(Interruptions)

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur*.- Här President!

M. le Président.- Jo! Den Här Graas freet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur*.- Här President, wann ech awer trotzdeem ee Moment däerf op den Här Jaerling zréckkommen…

Hien huet virdrun Aussoe gemaach, déi ech awer net sou einfach kann am Raum stoe loossen, an zwar iwwert d'Prozedur, wéi dee Projet do an der Kommissioun evakuéiert ginn ass.

- Fir d'éischt wëll ech emol hei festhalen, datt den Här Jaerling mol net Member vun der Kommissioun ass.

- Zweetens war den 29. Mee mam Accord vu sämtleche Fraktiounen zréckbehale ginn, datt dëse Projet nach sollt virun der Vakanz evakuéiert ginn! Mir haten also selwer deen Délai respektéiert, an et ass och gesot ginn, datt, wa bis méindes de Rapport sollt fäerdeg do leien, dann och d'Gesetz nach sollt op den Ordre du jour kommen!

Ech sinn also e bësse verwonnert, datt den Här Jaerling elo hei aner Aussoe mécht! En hätt also vläicht sollen de Rapport vun deene Sitzunge vu virdrun duerchliesen, dann hätt e gesinn, datt dat awer och mam Accord vu sengem Fraktiounskolleeg, dem Här Gibéryen,…

(Interruption)

…sou iwwert d'Bühn gaangen ass, datt also d'Kommissioun schonn unanime, wéi gesot, festgehalen hat, fir dee Projet ënnert där dote Form ze evakuéieren, och wann dat, wéi gesot, an e bësse méi engem compriméierten Zäitdélai war.

Ech soen Iech merci.

(Interruptions)

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Bausch.

(Interruption)

Dann hätt Der sollen nolauschteren!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech gesinn, eng Minutt ass schonn op meng Riedezäit imputéiert. Ech hoffen, datt ech déi…

M. le Président.- Jo, mir halen déi Minutt of!

(Interruptions diverses)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen Accord salarial, dee mer haut hei virleien hunn, ass, wann een de Gesamtvolumen dovu kuckt - dat kann ech direkt virausschécken -, eiser Meenung no berechtegt, well en effektiv engem Deel vum Salariat zu Lëtzebuerg - d'Fonction publique ass en Deel vum Salariat zu Lëtzebuerg - et erméiglecht, iwwert deen dote Wee, iwwert deen Accord, deen haut hei wäert gestëmmt ginn, deelzehuelen un der wirtschaftlecher Entwécklung vun eiser Gesellschaft, un der Croissance vun eiser Gesellschaft.

Mir hunn - dat beleeën d'Chifferen - an deene leschten zwee Joer eng Moyenne gehat vu 5% Steigerung vum PIB. Et gëtt fir déi nächst zwee Joer mat enger Moyenne gerechent, déi éischter méi no bei 6% wäert leie wéi ënner 5%! Mir sinn hei also konfrontéiert, gesamtgesellschaftlech gesinn, mat enger zolidder Steigerung vum erschaffte Räichtum, mat enger zolidder Steigerung vun de Produktivitéitsgewënner an eiser Gesellschaft, an dofir ass et och fir eis als Gréng ganz kloer, datt déi Leit, déi fir Loun a Gehalt schaffe ginn, och un deem gesteigerte Räichtum do bedeelegt ginn!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Très bien!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech sinn der Meenung, datt de Secteur public en Deel, hunn ech gesot, dovun ass, vun deene Leit, déi fir Loun a Gehalt schaffe ginn. Ech sinn och e bëssen erstaunt iwwert d'Virriedner, déi ech elo héieren hunn, déi awer eigentlech och éischter aus engem gewerkschaftleche Milieu kommen - soit datt een aus dem Privatsecteur ass -, well déi Leit sech hei quasi opreegen doriwwer, datt en Deel vum Salariat berechtegterweis un deene Produktivitéitsgewënner vun der Gesellschaft soll bedeelegt ginn!

Ech hätt léiwer gehat oder géif et méi normal fannen, wann een dann hei op der Tribün géif soen: Mir fannen dat gutt, an am Privatsecteur soll dat doten nogeholl ginn! Mä ech mengen, dat huet vläicht éischter ze di mat gewëssene widderspréchleche Komponenten, déi an där Partei sinn, déi et mat sech bréngen, datt dofir keng kloer Linn do besteet, wéi een d'Produktivitéitsgewënner soll verdeelen.

Mir hunn op där enger Säit Leit wéi den Här Mehlen, déi nach bis…

(Interruption)

…viru kuerzem mat gréisserer Konsequenz hei géint all Erhéijung vum Mindestloun gestëmmt hunn,…

(Interruption)

…a Leit,…

Oh, Här Mehlen, mir kënnen dat emol an der Geschicht vun deene leschten zing Joer nokucke goen, wou Der hei soutzt!

(Interruption)

Ech ka mech erënneren, datt Dir - zumindest vun enger Kéier weess ech et -…

(Interruption)

…hei ganz däitlech géint d'Erhéijung vum Mindestloun gestëmmt hutt, an Äre Kolleeg Gibéryen huet dofir gestëmmt!

(Interruptions)

Dofir si mer ebe konfrontéiert mat deene Widderspréch, a Leit wéi den Här Jaerling, déi éischter aus engem gewerkschaftleche Milieu kommen,…

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- En huet och fir den ADR geschwat!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Oh, wësst Der, Här Mehlen, den Här Jaerling huet virdrun hei gesot,…

(Interruption)

…op dëser Tribün géifen d'Leit schwätzen am Numm vu verschiddene Gewerkschaften. Ech hat mer bal gesot, solls de elo direkt opstoen an den Här Jaerling froen, ob hien nach ëmmer Generalsekretär ass vum NGL, oder net.

Kommt, mir maachen eis awer näischt vir! Selbstverständlech sëtzt jiddereen hei als Deputéierten, en ass vum Vollek als Deputéierte gewielt, mä jidderee weess awer nach ëmmer, wou en hierkënnt, an och den Här Jaerling, mengen ech, weess dat nach ëmmer, nämlech aus dem gewerkschaftleche Milieu! Ech ginn éischter dovun aus, datt säin Häerz schléit bei Theesen, déi géife soen, datt de Privatsecteur och misst bedeelegt ginn un deene Produktivitéitsgewënner.

Dat ass vläicht den Ënnerscheed zu Iech, Här Mehlen, mä dat ass awer Äre Problem an Ärer Fraktioun! Dofir, w.e.g., wann Der hei am Numm wëllt schwätze vun deenen anere Fraktiounen alleguer - well Dir hutt eis och do mat abezunn -, da maacht emol fir d'éischt vläicht e bësse rengen Dësch an Ärer eegener Fraktioun zu deem dote Sujet! Mir wëssen op alle Fall, wat mer herno hei stëmmen, a mir wëssen, firwat mer dat herno wäerte stëmmen!

(Interruption)

Ech mengen awer, wéi gesot, datt et e ganz logeschen Ofschloss ass, deen hei gemaach gëtt. Iwwregens läit en och souguer an der Logik vun deem, wat de Moment op EU-Niveau stattfënnt! Dir kënnt roueg suivéieren, wat am Kader vun Accoren an der Bundesrepublik Däitschland oder an anere Länner ronderëm eis - wéi a Frankräich - de Moment passéiert. Och do fuerdere sämtlech Gewerkschaften, sougutt déi vum öffentleche wéi déi vum private Secteur, datt se bedeelegt ginn un deem Konjunkturopschwong, dee mer an Europa kennen. Dofir ass et eigentlech eng ganz normal Saach, déi hei passéiert!

Ech wollt awer am Ufank e puer Saache soen zu der Diskussioun iwwert den éischte Projet de rapport, dee mer virleien haten, an och zu verschiddenen Aussoen, déi elo hei gemaach gi sinn, haut de Mëtteg, vum Här Weiler, am Numm vun der CSV, iwwert d'Klima tëscht der Regierung an der Fonction publique, iwwerhaapt iwwert d'Verhandlungen, wéi se stattfonnt hunn, an och iwwert d'Vergläicher, déi gemaach gi si mat fréieren Accoren.

Et gëtt gesot, datt de Klima vum Dialog, dee beschriwwe gëtt am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires, sech verbessert hätt. Den Här Weiler huet gesot, datt dat eigentlech erstaunlech wär, well deen Accord, deen hei ofgeschloss gi wär, léig an der Traditioun vun deem, wat fréier Regierungen ofgeschloss hätten! Ech muss awer dozou soen, datt ech dat e bësse komesch fannen, Här Weiler, well déi lescht Regierung huet et net fäerdeg bruecht, en Accord ofzeschléisse bannent fënnef Joer! Do war en Non-Accord während fënnef Joer! Do huet d'Regierung sech iwwer…

(Interruption)

Neen, loosst mech emol gewäerden! Ech schwätzen domat net d'Pensiounsreform vun 1998 un, mä dat soidisant Diktat vun 1995, dat Dir gemaach hutt,…

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Deemools ass d'Pensiounsreform ugaangen!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- …woufir et do net konnt zu engem Accord kommen, Här Weiler! Dat hu mer Iech och deemools hei gesot!

1995 hätt effektiv sollen en Accord salarial ausgehandelt ginn, mä wat ass passéiert? D'CSV an d'LSAP sinn higaangen an hu gesot: Mir dehnen d'Diskussiounen iwwert den Accord salarial aus an integréieren doran en éischten Deel vun enger Pensiounsreform! Wann awer aus heiterem Himmel - do géif awer wierklech quasi keng Gewerkschaft méi wëssen, ëm wat et elo schlussendlech geet -…

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Oh, dat war jo kloer!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- …, Här Weiler, ouni datt an iergendengem Walprogramm vun deenen zwou Parteien, déi deemools an der Koalitioun waren, e Saz doriwwer stoung, ouni datt deemools am Koalitiounsaccord vun CSV an LSAP e Saz doriwwer stoung, de Statsminister hei op der Tribün sou pang ukënnegt, den Accord salarial gëtt ausgedehnt op eng Pensiounsreform: Datt dat zu engem Éclat huet misse féieren, do huet een net brauchen Hellseher ze sinn, fir dat ze gesinn!

(Interruption)

Dat ass dat - dat wëll ech Iech awer soen -, wat awer d'Differenz ass,…

(Interruption)

…Här Weiler, tëscht deem, wat elo hei négociéiert ginn ass, wou et doduerch och effektiv zu engem Accord komm ass - et ass jo net nëmme wéinst der Héicht vum Accord, deen ofgeschloss ginn ass -, an deenen doten Tricken, muss ee scho soen, déi 1995 do gedréint gi sinn!

Ech wëll mech emol net ausloossen - dat ass jo genuch hei diskutéiert ginn - iwwert d'Berechtegung oder d'Net-Berechtegung dovun! Mä eleng wat d'Aart a Weis ugeet, wéi dat deemools passéiert ass: Et deet mer leed, dat hätt a kenger Hinsicht e Verhandlungspartner mat sech maache gelooss!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Wéi ass et mat der Péréquatioun? Sidd Dir nach ëmmer dofir?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här Weiler, ech hu jo gesot: Et geet emol guer net drëm, fir sech driwwer auszeloossen, ob een dat richteg oder falsch fënnt! Et geet reng ëm de Prinzip!

1995 hätt sollen en Accord salarial négociéiert ginn, an Dir hutt dat deemools einfach aus heiterem Himmel ausgedehnt op eng Pensiounsreform. Dat - an dat hu mer Iech och deemools gesot -…

(Interruption)

…fanne mer net korrekt!

Dofir kënnt Dir net hei maachen, wéi wann et keng wesentlech Differenz géing ginn tëschent deem, wat mir haut diskutéieren, an deem, wat 1995 diskutéiert ginn ass, wou, wéi gesot, Dir et mol net fäerdeg bruecht hutt, fir en Accord zustanen ze bréngen, a wou deemools huet hei missen eppes vun uewen erof diktéiert ginn.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Dir hutt ni gesot, ob Dir d'accord wäert oder ob Dir net d'accord wäert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dach! Mir hunn dogéint gestëmmt, Här Weiler! Méi däitlech geet et jo awer net!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, d'Augmentation salariale, déi deemools am Projet dra war: Dir hutt ni gesot, ob et zevill war, ob et net genuch war, oder ob et gutt war. Dir hutt Iech ni doriwwer ausgeschwat.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Déi Augmentation salariale war eiser Meenung no deemools net genuch. Dat hu mir och hei gesot. Mir hunn zwar gesot, datt mir eis zu deem Moment net onbedéngt op d'Punktwäerterhéijung versteift hätten, mä éischter op Qualitéitsfuerderungen. Ech kommen iwwregens och nach eng Kéier an deem hei Kontext dorop zréck. Mä dat, wat deemools reell als Augmentation salariale ofgeschloss ginn ass, war net grad de Glanz. Dat muss een awer soen. Dir hutt et jo eigentlech och selwer hei zitéiert.

Deemools ware vläicht méi Problemer um Niveau vun der Europäescher Unioun, mä wann een awer d'reell Situatioun 1995 hei zu Lëtzebuerg gekuckt huet, da muss

ee soen, datt och 1995 d'wirtschaftlech Lag vun eisem Land guer net schlecht war. Dofir hätt et awer kënne méiglech sinn, fir do méi eppes Substanzielles erauszehuelen.

Et war deemools gewollt, fir esou virzegoen, wéi Dir virgaange sidd. Dofir huet dat säin historesche Laf geholl, wéi mir e jo haut kennen, a mat de Konsequenze bei de leschte Walen.

Ech war eigentlech driwwer erfreet, wéi ech de Projet de rapport kritt an och gelies hunn, wou menger Meenung no mat Recht vun der Chambre des Fonctionnaires déi do Saachen nach eng Kéier rappeléiert gi sinn. Ech war awer ëmsou méi enttäuscht, wéi dat erausgeholl ginn ass. Ech sinn och net d'accord mam Här Di Bartolomeo, wann en hei seet, datt et net Usus ass, datt mir hei an engem Rapport Zitater vu Beruffskummeren iwwerhuelen.

(Interruptions)

Do sichen ech Iech awer hei honnerte Rapporen erëm, wou mir gréisser Abschnitter iwwerholl hunn.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här Bausch, Dir hutt mech komplett falsch zitéiert. Ech hu gesot, datt dat net üblech wär, datt e Rapporteur seng perséinlech Commentairen an e Rapport setzt. Eppes anescht hunn ech net gesot! Da lauschtert de Verbatim!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass kee perséinleche Commentaire vum Rapporteur, mä eng Citatioun vun der Beruffskummer. Ech kann nëmme soen, datt ech Iech kann honnerten Texter bréngen, wou mir hei d'Rapporen diskutéiert hunn a wou och de Rapporteur en long et en large zitéiert huet, wat d'Beruffskummere gesot hunn.

Ech hat proposéiert, fir Citatiounen an de Rapport anzesetzen. Ech war deen Eenzegen, deen där Meenung war, a sinn dunn an der Kommissioun ënnert den Dësch gestëmmt ginn.

Ech wëll awer elo op dee Punkt zréckkommen. Ech ka verstoen, wann Dir als CSV Bauchwéi kritt, wann dat do esou zitéiert gëtt. Dofir kann ech awer och grad esou wéineg verstoen, datt d'Demokratesch Partei, déi jo der fester Iwwerzeegung ass, datt dat do richteg ass, d'accord war, fir dat do aus dem Rapport erauszehuelen.

Ech hat den Här Graas staark ënnerstëtzt an der Kommissioun. Et hat zwar net vill genotzt. Ech wëll op eppes zréckkommen, wat schonn haut de Mëtteg hei ugeklongen ass, wou gemaach ginn ass, wéi wann deen Accord salarial evident gewiescht wär tëschent deenen zwee Koalitiounspartner, datt déi esou domat zefridde wären. Wann ech de Verlaf kucken, wéi mir no an no matgedeelt kritt hunn, datt en Accord ofgeschloss ginn ass, dann hunn ech awer do eng aner Impressioun.

Ech ka mech erënneren, datt den Här Statssekretär op engem Parteikongress gesot huet, datt den Accord mat der Fonction publique esou gutt wéi ofgeschloss wär, datt et nach eng Saach vun e puer Deeg wär. An der Woch duerno hunn ech e Statsminister erlieft, deen zimlech mat den Zänn geknirscht a gemaach huet, wéi wann et nach laang keen Accord wär. Ech hu mech du gefrot, ob et dann elo en Accord ass oder ob et keen ass. Do huet ee gespuert, datt do scho gewëss Spannungen tëschent de Koalitioune waren.

Wann een noliesen an nolauschtere geet, wat de Statsminister deemools gesot huet, wéi och seng Minn Villes ausseet - well et gesäit een him oft um Gesiicht of, wat hien denkt, well hien huet dann e Gesiichtsausdrock, deen zimlech explizit ass, wann eppes geschitt, wou hien net esou domat zefridden ass -, da mengen ech, datt deen hei Accord an der Koalitioun net esou gutt ofgeschloss ginn ass, wéi dat hei vläicht versicht gëtt duerzestellen.

Plusieurs voix.- Ah!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dat ass awer elo schued!

Dofir hätt ech bei där Remarque finale, déi am Projet de rapport steet, léiwer gehat, si wär dra bliwwen. Ech ginn dem Rapporteur éischter Recht, datt déi Remarque finale berechtegt gewiescht wär.

Une voix.- Widderhuelt dat nach eng Kéier fir de Statsminister.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech kann dat nach eng Kéier widderhuelen. Här President, wann ech dann e puer Minutten Zäit géif kréien, dann hunn ech domat kee Problem.

Ech hunn elo grad gemengt, Här Statsminister, datt, wéi de Statssekretär déi éischte Kéier ugekënnegt huet, datt den Accord salarial esou gutt wéi ofgeschloss wär, ech un Ärem Gesiichtsausdrock, deen ëmmer zimlech explizit ass, wann Dir Deklaratiounen no bausse maacht, festgestallt hunn, datt Dir deemools net esou zefridde waart mat deenen Deklaratiounen.

Ech hat éischter d'Impressioun, wéi wann Dir de Verlaf vun deenen Négociatiounen an och d'Resultat net als esou zefriddestellend géift beuerteelen, wéi dat elo hei de Mëtteg am Kader vun de Koalitiounsparteie versicht ginn ass duerzestellen. Dir kënnt mir jo dann herno vläicht soen, ob ech do Recht oder Onrecht hunn, wann ech dat einfach mol esou an de Raum stellen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Här Bausch, wann Dir bei där grousser Intimitéit dobäi wäert, déi meng Relatioune mam Här Schaack auszeechent, da géift Dir keng esou Interpretatioune maachen.

(Hilarité)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ech wosst net, datt d'Regierung well op deem Punkt wär, datt do en intimen Austausch besteet! Mä ech hu mech awer elo éischter op den Inhalt bezunn, an net op Äert intiimt Verhältnis mam Här Schaack. Ech hat gemengt, datt Dir éischter zum Inhalt vum Resultat vum Accord salarial eng aner Minn gezunn hätt, wou ech bei Iech hätt kéinten ofliesen, datt Dir net esou zefridden domat gewiescht wäert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Tëschent den Här Schaack a mech passt mol kee Löschblat!

(Hilarité)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Mir wäerten dat dann nach an deenen nächste Jore gesinn, well mat dësem Accord salarial ass et jo net fäerdeg. Et kënnt jo nach eng Gehälterrevisioun an en zweeten Accord salarial no.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Mir wäerten nach eng Kéier an zwee Joer "Jo" stëmmen. Dat ass richteg.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Mir gesinn dat dann!

Zum Accord salarial selwer. Ech ginn iwwert déi Punkte relativ séier ewech, wou mir eigentlech keng gréisser Problemer hunn. Et sinn der e puer dobäi, wou mir vläicht aner Akzenter gesat hätten, respektiv e puer, wou et wichteg ass, datt déi Règlements grand-ducaux, déi dat solle preziséieren, wat hei festgehale ginn ass, eng gewëssen Ausriichtung solle kréien. Mir fannen et wichteg, datt eng Rei Kritäre berücksichtegt ginn.

Zu der Punktopwäertung wëll ech net vill soen, well mir déi effektiv an der Rei fannen an och domat d'accord sinn. Och bei där Saach, wou mir vun der Biennale op d'Annale kommen, hu mir keng gréisser Problemer. Dat ass, wéi de Statssekretär dat an der Kommissioun gesot huet, fir do duerch eng Upassung un dat, wat am konventionéierte Secteur besteet, e gewëssenen Equiliber ze kréien.

Ech kommen awer dann zum drëtte Punkt. Dat ass dee vun der Allocation de repas. Mir wësse jo alleguer, firwat datt déi deemools agefouert ginn ass. Dat war net, well deemools gemengt ginn ass, dat wär eng immens gutt Saach.

Dat war, well déi Zäit ufanks den 90er Jore versicht ginn ass, eigentlech schonn eng ganz Rei Elementer an d'Gehälter am Statssecteur ze bréngen, déi net méi pensionnable sinn. Mir hunn déi Zäit den halwen dräizéngte Mount agefouert. Mir hunn och déi Allocation de repas agefouert.

Dat war eigentlech schonn déi Zäit en Artifice, fir eben ze versichen, fir net méi alles pensionnable bei de Gehälter beim Stat ze maachen, well déi Zäit huet jo nach d'Péréquatioun bestanen, an alles, wat sech um Punktwäert niddergeschloen huet, huet sech automatesch och op de Punktwäert vun de Pensionären niddergeschloen. Dat hei war esou ee Versuch.

Mir hunn och deemools gesot, mir géifen dee Versuch net glécklech fannen, well mir éischter op de Wee gaange wären, fir zum Beispill hinzegoen an an der Contrevaleur vun deem, wat dat do eigentlech kascht, Qualitéitsfuerderunge beim Stat anzeféieren an d'Qualitéitselementer beim Stat méi staark ze berücksichtegen. Zum Beispill kéint ee Congésdeeg aféieren oder aner Elementer, wéi de Bildungsurlaub an esou weider. Ech mengen, do hätt ee kënne senger Phantasie e bësse méi op d'Spréng hëllefen, fir an déi Richtung ze goen.

Dofir fanne mir och dat hei net déi glécklechst Léisung, fir elo nach déi Allocation de repas weider an d'Luucht ze setzen. Ech fannen, do hätt een da wéinstens kënnen dobäi bleiwen an an der Contrevaleur vun deem, wat dat de Stat kascht, méi op aner Elementer setzen, zum Beispill nach méi op de Congé.

De Punkt duerno ass d'Réduction générale vun der Durée vum Stage. Dat fanne mir eng excellent Saach. Mir wëssen alleguer, datt de Stat Rekrutementsschwieregkeeten an enger ganzer Rei Administratiounen a Carrièren huet. Dës Rekrutementsschwieregkeeten hu ganz sécher vill mat der Onattraktivitéit vun de Carrièrë beim Stat ze dinn, haaptsächlech um Ufank vun der Carrière.

E Primaner zum Beispill, dee bei de Stat schaffe geet an als Redakter do ufänkt, huet laang Stagezäiten a muss sech erëm direkt Exame stellen. Vum Revenu hier - fir meng Begrëffer - verdéngt en net esou iwwerméisseg, a fir deen ass et net onbedéngt interessant, fir bei de Stat ze goen. Dee geet da léiwer an de Privatsecteur, d'autant plus wou déi Leit haut manner Schwieregkeeten hunn, eng Plaz ze fannen.

Dat féiert dozou, datt de Stat Rekrutementsschwieregkeeten huet. Dat hei ass eng Mesure, déi mat Sécherheet zu engem Deel kann dozou bäidroen, datt déi Situatioun sech verbessert.

Ech kommen dann zum nächste Punkt. Dat ass d'Aféierung vum Service à temps partiel, 25%, 50%, respektiv 75%. Mir fannen dat eng interessant Mesure. Allerdéngs hu mir domat e bëssen e Problem, well hei eigentlech d'Ausféierungsbestëmmungen am Moment nach fehlen. Mir hunn och an der Kommissioun relativ laang iwwert déi do Saach diskutéiert. Do konnt een och scho feststellen, datt eigentlech d'Approchen zu där Saach ganz ënnerschiddlech sinn.

D'Regierung ass der Meenung, datt ee Kadere soll vun där Mesure ausschléissen. Dunn hunn ech d'Fro gestallt, wou een dat dann usetzt. Dat Wuert "Kader" ass jo eigentlech vague. Geet dat eréischt beim Conseiller de Gouvernement un, oder geet et schonn e puer Stufen drënner un? Éischtens ass dat net definéiert, an zweetens muss ech soen, datt mir net fannen, datt dat soll limitéiert ginn.

Et gëtt skandinavesch Länner, wou dat iwwerhaapt kee Problem ass, wou dat ouni Problem bei de Kaderen ugewannt gëtt. Firwat soll et dann net méiglech sinn, wann zwee Kadere Loscht hätten, mi-temps ze schaffen, datt déi sech dann ee Poste géifen deelen? Dat si Saachen, déi menger Meenung no haut schonn a ville Länner gängeg sinn an och eng Kéier bei eis méi eng Selbstverständlechkeet kréien. Et gëtt och beim Stat bestëmmt Leit an den ieweschte Carrièren, déi Loscht hätten, dat ze maachen.

Et muss een en plus bedenken, datt, wann een iwwert den Temps partiel schwätzt - 25%, 50% a 75% -, dat dann oft dee Gehälterniveau ass, wou vill verdéngt gëtt, dee sech et kéint leeschten, fir den Temps de travail ze reduzéieren. Een, deen de Mindestloun verdéngt, denkt iwwerhaapt net drun, fir nëmmen nach 50% ze schaffen, well dee kann dann net méi existéieren.

Et ass oft souguer grad an deenen ieweschte Gehälterstrukturen, wou dat éischter eng Akzeptanz fënnt. Dat aus verständleche Grënn, well de Revenu esou héich ass, datt si sech et kënne leeschten. Firwat solle mir dat da verbauen? Ech fannen, datt dat dofir soll beduecht ginn.

Et sinn awer hei och eng ganz Rei Geforen dran. Mir krute vun der Regierung gesot, datt dat hei an Zukunft dem Stat et erméiglecht, fir carrément Plazen esou auszeschreiwen. Dat heescht, datt de Stat géif oder méi 50%-Plazen aussschreiwen. Mir wëssen aus den Erfahrungen am Privatsecteur, datt dat natierlech dozou féiert, datt elo versicht gëtt, Ganzdaagsplazen an Hallefdaagsplazen opzesplécken, well et ass bekannt, datt een, dee mi-temps schafft, an der Regel méi produktiv ass, wéi een, dee plein-temps schafft. Dat huet och Ursaachen, ob déi ech awer elo am Detail net agoe wëll. Et ass fir de Patron dann interessant, fir Ganzdaagsplazen an Hallefdaagsplazen opzesplécken. Et soll net an déi Richtung goen, datt de Stat hei eppes festhält, wat no bausse schéin ausgesäit, wéi wann et en faveur vun de Salariés wär, mä wat awer herno en trojanescht Päerd gëtt fir d'Leit aus der Fonction publique selwer.

Datselwecht trëfft och fir déi Iddi zou, fir mat 55 Joer schonn unzefänken, d'Aarbechtszäit ze reduzéieren, wat u sech eng gutt Iddi ass. Och do stelle sech déiselwecht Froen. Do muss ee sech och déi Fro stellen, wien déi Statsbeamte sinn, déi dovu profitéiere wäerten. Dat sinn och éischter déi aus deene gehuewene Gehaltskategorien, wéi déi aus den niddrege Gehaltskategorien.

Dofir sinn och do déiselwecht Iwwerleeunge mat anzebauen, wann et drëm geet, fir de Règlement grandducal auszeschaffen, deen d'Ausféierungsbestëmmungen dovu festleeë soll.

Dann zum Congésdag, dee bäigesat gëtt, respektiv zu deem zweete Congésdag fir déi Statsbeamten, déi iwwer 55 Joer al sinn. Dat fanne mir prinzipiell eng ganz gutt Saach. Ech hu virdru gesot, datt mir souguer aner Elementer ewechgelooss an nach méi dorop gesat hätten, op d'Qualitéitsfuerderungen. Mir hoffen och, datt an deem nächsten Accord salarial - dee fir 2002/2004, dee jo och nach soll ausgehandelt ginn - et nach weider an dës Richtung geet, fir datt mir am öffentleche Secteur um Enn vun dëser Legislaturperiod déi sechst Congéswoch agefouert hunn.

Doriwwer eraus hoffen ech, datt souwisou - an ech hu jo och eng Proposition de loi an där Hinsicht gemaach - och am Privatsecteur déi sechst Congéswoch verallgemengert wäert ginn.

D'Erhéijung vun den Déplacementsfräen a vun de Frais de séjour ass berechtegt, well si si beim Stat immens laang net méi ugepasst ginn. Si ware wierklech vill zevill niddreg par rapport zu deem, wat haut d'Fräe sinn an deem dote Beräich. Dofir ginn ech och net weider dorobber an.

Och déi Saach vun der Subvention d'intérêts bei engem Prêt-logement - vu 4 op 6 Milliounen Eropgoe mam Plaffong - ass eigentlech just eng Adaptatioun vu Saahen, wéi se am Privatsecteur existéieren.

Ech wëll nach e puer Wuert verléieren iwwert déi Mesure, déi erausgeholl ginn ass wéinst der Opposition formelle vum Conseil d'Etat. Ech muss soen: Ech war e bëssen iwwerrascht, wéi déi Propos gemaach ginn ass, datt an Zukunft sollen am öffentleche Secteur d'Frais d'avocat rembourséiert ginn am Fall, wou e Fonctionnaire oder en öffentleche Beamten am Clinch ass mam Stat an e Recht kritt, well dat werft menger Meenung no net nëmme Froen op par rapport zu de Salariéen am Privatsecteur, mä dat werft iwwerhaapt Froen op an eisem Rechtsstat par rapport zu Privatpersounen, déi virun e Geriicht ginn.

Mir wëssen alleguer, dass et duerchweegs ka sinn, dass e Riichter haut d'Méiglechkeet huet, wann e feststellt, dass iergendeen eng Klo géint ee gemaach huet, nëmme just fir deem ze schueden, een ze condamnéieren, fir dass deen deementspriechend entschiedegt gëtt, mä ech fannen et geféierlech, wa mer en Automatismus aféieren an där heiten Hinsicht, sougutt am öffentleche wéi am private Secteur.

Ech muss soen: Op där enger Säit kléngt et jo och verlockend fir d'Gewerkschaften, well eng Gewerkschaft da ka soen, dann hu mer an eiser Rechtsabteilung herno manner Fräen, mä et ass awer och e Risiko dobäi. Well wann dat heite geschitt, da kann dat zur Konsequenz hunn, datt ganz vill Salariée sech soen, firwat brauch ech dann iwwerhaapt nach an eng Gewerkschaft ze goen, well ganz vill Salariée gesinn net ëmmer direkt den Intérêt an der Gewerkschaft par rapport zum Aushandele vun Accords salariaux, mä virun allem ginn der ganz vill an eng Gewerkschaft, well se sech erhoffen, wa se en Konflikt kréien, dass se da Rechtsschutz gebuede kréien iwwer hir Gewerkschaft. Dat hei kënnt menger Meenung no e Boomerang ginn an deem Sënn, datt herno, wann et souwisou rembourséiert gëtt, wa se Recht kréien, der manner syndiquéieren, wat ech keng gutt Saach géing fannen.

Ech wëll dann ofschléissend, Här President, nach e puer Wuert verléieren - an och eng Motioun an deem Sënn déposéieren - iwwert d'Verhandlungsprozedur als solch.

Ech mengen, et ass näischt Neies, wann ech hei feststellen, dass fir déi authentesch Fonction publique d'CGFP de loin déi representatiivst Gewerkschaft ass. Et brauch een nëmmen d'Resultater ze kucke vun alle Sozialwalen an deem Secteur. Da stellt ee fest, datt d'CGFP do esou eng Dominanz huet, wéi ee se kaum an engem anere Secteur fënnt. Dofir ass et fir eis als Gréng och total normal, dass d'CGFP de privilegéierte Verhandlungspartner ass vun enger Regierung, wann et drëm geet, en Accord salarial fir d'Fonction publique auszehandelen.

Et ass awer allerdéngs esou, dass e ganzen assiméierte Secteur un deem Accord salarial mat drun hänkt, an do muss ee feststellen, dass an deem assiméierte Secteur deelweis ënnerschiddlech Problemer bestinn.

Et ass mat Sécherheet net beim Punktwäert, wou d'Problemer sech stellen, mä et ass bei anere Mesuren, déi ëmmer erëm agebaut ginn an den Accord salarial, déi sech automatesch répercutéieren op déi Secteuren, wou vläicht d'Schwéiergewiichter an deene Secteuren anescht geluegt ginn, an dofir si mer der Iwwerzeegung, dass een endlech misst e Modus fannen, wéi een dee ganze Secteur assimilé besser bedeelegt kréich un deene Verhandlungen iwwert den Accord salarial an der Fonction publique.

Mir hunn als Gréng zesumme mat de Kolleege vun der LSAP eng Motioun an deem Sënn gemaach. Déi Motioun ass ënnerschriwwe vun dräi Leit vun deene Gréngen an zwee Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun, wou mer déi dote Saachen alleguer opzielen, wou mer selbstverständlech déi Representativitéit an dee Rôle primordial, deen d'CGFP ze spillen huet an deem Secteur, net wëllen a Fro stellen, mä wou mer einfach en Opruff maachen un d'Regierung, fir driwwer nozedenken, en vue vun deenen nächsten Accords salariaux, fir e Mechanismus ze fannen, fir déi gewerkschaftlech Organisatioune vum assiméierte Secteur méi enk un déi Verhandlunge mat erun ze zéien.

Et gëtt de Moment relativ vill iwwer Froe vu sektorieller Representativitéit diskutéiert, och am Privatsecteur. Dofir gesi mer net, firwat een net soll am öffentleche Secteur zumindest och iwwer ähnlech Saachen diskutéieren an nodenken a versichen, sech Mechanismen ze ginn, déi eiser Meenung no - an och der LSAP hirer Meenung no - méi demokratesch wieren.

Motion 2

La Chambre des Députés

- considérant que la Confédération Générale de la Fonction Publique est l'organisation syndicale la plus représentative du secteur public et qu'il est par conséquent justifié que cette organisation assure l'essentiel des négociations salariales avec l'Etat;

- considérant cependant que les résultats de ces négociations salariales produisent leurs effets sur l'ensemble des secteurs assimilés à la fonction publique;

- considérant que ces secteurs assimilés connaissent des problèmes qui leur sont spécifiques;

- considérant qu'il est donc utile d'en associer davantage les représentants à toutes les négociations ayant un lien avec les conditions de travail dans ces secteurs;

- considérant que cette participation des représentants des secteurs assimilés ne doit pas mettre en cause le rôle primordial qu'assure la CGFP en la matière;

- considérant qu'il convient de mieux associer les représentants syndicaux des secteurs assimilés aux négociations salariales futures;

invite le Gouvernement

- à élaborer un mécanisme permettant d'associer plus étroitement les organisations syndicales des secteurs assimilés aux négociations salariales futures.

(s.) François Bausch, Mars Di Bartolomeo, Camille Gira, Jean Huss, Jean-Pierre Klein.

Här President, ech wëll dann zum Ofschloss kommen. Mir als Gréng stëmmen net blann dësen Accord, mä mir wëssen, wat dra steet. Mir hunn en en long et en large gelies. Mir hunn en och en long et en large an der Fraktioun diskutéiert. Mir fannen insgesamt, dass et e gudden Accord ass, compte tenu der wirtschaftlecher Entwécklung vun eisem Land a compte tenu dass och d'Salariéen aus dem öffentlechen Déngscht e Recht hunn, un där Entwécklung deelzehuelen.

An deem Sënn bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Ugrëff vun der viregter Regierung op de Statut vun de Statsbeamten hat zur där Zäit eng grouss Mobiliséierung mat sech bruecht. Manifestatiounen an de Streik vun alle gewerkschaftlechen Organisatiounen am öffentleche Secteur waren den Ausdrock vun dëser Oppositioun.

Déijéineg, déi sech geduecht haten, Här Bodry, sech iwwert de Prozess vun der Mobiliséierung ewechzesetzen, hunn dat bei de Walen ze spiere kritt.

Déijéineg, déi geduecht haten, duerch den Ofbau vum Pensiounssystem am öffentlechen Déngscht géing eppes erausfale fir de Privatsecteur, hu misste feststellen, dass,

wann een engem eppes ewechhëlt, dat dann nach laang net bedeit, dass en aneren eppes bäikritt.

An dee politesche Mouvement, dee mam Schlagwuert "5/6-Pensioun fir jiddereen" an der Wielergonscht grouss ginn ass, huet als Resultat vu sengen Aktiounen erauskritt "5/6-Pensioun fir keen".

De sozialen Näid ervirruffen notzt leschten Enns kengem. Et ass nëmme just eng populistesch Demagogie.

Wann dësen Accord salarial och dat net réckgängeg mécht, wat d'DP an der Walcampagne versprach a wat hir och doduerch vill Stëmmen abruecht huet, sou beweist en awer, dass d'Mobiliséierung sech bezuelt mécht, besonnesch dann, wa se esou geschlossen ass, wéi dat zu där Zäit war.

Dësen Accord salarial bedeit awer grondsätzlech näischt Neies oder Revolutionäres. E schreift sech villméi an an eng gewësse Kontinuitéit, vun där net all d'Aspekter onbedéngt positiv sinn. E schreift sech awer och an an eng Signalwierkung fir de Privatsecteur, an et geet do net drëm, fir ze jéimeren, wéi den Här Jaerling dat gemaach huet, mä fir kämpferesch Fuerderungen ze stellen a sech op dësen Accord salarial ze beruffen, fir och am Privatsecteur - a besonnesch an deem, wou et keng Kollektivverträg gëtt - eppes ze bewierken, well déi prinzipiell Ofwendung vun der Lounmoderatioun ass vollkomme gerechtfertegt duerch de Wirtschaftswuesstum op där enger Säit am allgemengen, awer och besonnesch duerch de Wuesstum vun der Produktivitéit.

Den Här Juncker huet jo selwer gesot, dass hien der Meenung ass, dass mat dem Produktivitéitszouwuess och d'Léin missten an deem Verhältnis wuessen, dass esou eng Begrenzung sollt ewechfalen. Dat ass eng al Erkenntnis aus der marxistescher politescher Ekonomie, déi seet, dass, wann de Lounofhängege keen entspriechenden Undeel un dem Wuesse vun der allgemenger Produktivitéit huet, dann den Undeel vum Kapitalrevenu ëmmer zouhëlt. An dat ass och festgestallt ginn an de Statistiken.

An deene leschte Joren ass den Undeel vum Kapitalakommes um PIB, trotz deene ville Méiglechkeeten, fir dat ze verstoppen hannert dem Bankgeheimnis, méi schnell gewuess wéi den Undeel vum Lounakommes um PIB.

An dobäi muss een dann och nach soen, dass en Ofkomme vun där Lounmoderatioun och e positiivt Resultat an deem Sënn huet, dass et jo eng Erhéijung vun der Kafkraaft bréngt, an domadder dann natierlech och nach en Zousaz an der Aktivitéit.

Ech hu virdru gesot, dass et am Sënn wär vun enger bestëmmter Kontinuitéit. Ech wëll kuerz dorobber agoen. Fir d'éischt déi Linearitéit vun der Gehaltserhéijung, déi, géing ech mengen, net onbedéngt ëmmer misst applizéiert ginn, well am Interesse vun deenen niddrege Léin wär och vläicht en Undeel vu Fixum an esou enger Erhéijung vun Notzen. An eng bestëmmte Kontinuitéit läit och doranner, dass ëmmer erëm versicht gëtt - ech huelen un, dass dat de Fall ass vu Regierungssäit -, den Undeel vun dem net-pensionéierbarem Akommes ëmmer erëm eropzesetzen, sou wéi beispillsweis bei der Iessenszoulag oder beim 13. Mount. An da sinn och nach Tendenzen dobäi ze betruechte vun der Flexibiliséierung, besonnesch wat d'Aarbechtszäit an déi Methoden, fir se ze adaptéieren, ubelaangt.

Keng Aarbechtszäitverkierzung ass am grousse Sënn doranner ze gesinn, a virun allem ass menger Meenung no déi Geschicht vun den Zousazpensiounen net ganz positiv.

Mir wëssen, dass d'Regierung op Zousazpensiounen drängt, besonnesch och well se mengt, duerch d'Aktivitéit an d'Installéierung vu Pensiounsfongen erëm eng nei Aktivitéitsnisch hei entdeckt ze hunn.

Déi Pensiounsfongen - a besonnesch déi grouss nordamerikanesch an englesch Pensiounsfongen, déi während der Zäit, also ier se Maturatioun erreecht hunn, riseg Kapitalien unheefen, mat deenen ee spekuléiert - hunn déi Krisis a Südostasien ausgeléist. Déi Pensiounsfonge fonctionnéiere jo nom Kapitalisatiounsverfaren. Mir haten am allgemenge Pensiounsregim dat Kapitalisatiounsverfaren. An den 80er Joren ass dat ofgeschaaft ginn, nodeem gesot ginn ass, dat wier iwwerholl, mir missten elo iwwergoen op dat Ëmlageverfaren.

Elo, emol keng 20 Joer duerno, gëtt gesot, dat léisst sech net méi oprecht erhalen, an dofir musse mer erëm zu deem Kapitalisatiounsverfaren iwwergoen, awer a Form vu private Kapitalisatiounen um Pensiounssystem. Dat ass, menger Meenung no, mat engem bestëmmte Widdersproch behaft, an ech sinn der Meenung, dass een d'Fro vun de private Pensiounsfongen an de privaten Zousazpensioune vill méi moderat misst ugoen.

D'CSV, déi den Ugréff op de Statut mat duerchgefouert huet, wëllt elo - a besonnesch an der Ried vum Här Weiler - sech duerstellen, wéi wa si den absolute Verdeedeger vun der Fonction publique war an och ass. Si ass awer vun 1984 bis d'lescht Joer ëmmer déi gewiescht, déi d'Fonction publique an hirer Kompetenz hat während 15 Joer, an et kann ee sech also aus där Situatioun net einfach esou erauszéien.

Mir wëssen, dass et der CSV net liicht fällt, jesuitesch Argumentatioun ze féieren, a Wénkelzich. Wann eppes Schlechtes gemaach gëtt, dann ass de Koalitiounspartner schëlleg. Wann awer eppes Guddes oder wéineger Schlechtes geschitt, dann ass et de Mérite vun der CSV.

Här President, ech gesinn, dass meng Riedezäit scho bal eriwwer ass. Dofir huelen ech elo eng Rei vun Deelsaachen ervir, déi ech a Form vu Motioune virbereet hunn.

(Interruption)

Et ass heiansdo noutwendeg, dass een emol verschidde Saache richteg stellt.

Déi éischt Motioun betrëfft de System vun de Verhandlungen a geet an déiselwecht Richtung wéi déi Motioun, déi vun deene Grénge virgedroe ginn ass. Dofir wëll ech elo net méi weider dorobber agoen.

Déi zweet Motioun betrëfft den Iwwerganksregim, deen d'DP jo an hire Regierungsverhandlunge mat der CSV fale gelooss huet. Mir mengen, dee Regime sollt och an der Realitéit fale gelooss ginn.

Dat kéint elo ouni Weideres geschéien. Et gëtt kee finanziellt Argument, fir deen Iwwergangsregime do bäizebehalen.

Déi drëtt Motioun, déi ech wëll ofginn, bezitt sech op déi Spezialregimer.

Et gëtt eng Rei vu Statsbeamten oder Beamten an anere Beräicher, wéi z.B. bei de Pompjeeën, bei der Polizei oder bei der Eisebunn, déi e Spezialregime haten, deen elo ewechfält. Fir déijéineg, déi elo an de System antrieden, nom 1. Januar 1999, ass dee Spezialregime, fir éischter kënnen an d'Pensioun ze goen, ewechgefall. Ech mengen, dat misst erëm agefouert ginn, well et ass noutwendeg, och wat d'Aarbechtsbedingungen ubelaangt - an d'Sécherheetsbedingungen - an deem Beräich. Allerdings huet d'Regierung nach e bëssen Zäit, fir sou eppes ze maachen, well bis déi Éischt do an d'Pensioun ginn, dauert et jo nach eng Rei vu Joren.

Eng véiert Motioun betrëfft deen neie Regime…

(Interruption)

…an den Iwwergangsregime.

An deem neie Regime si verschidde Leit, besonnesch ënnescht Carrièren, benodeelegt. Fir si ass den Iwwergangsregime wéineger gutt, wéi wa se an deem neie Regime wären. Ech mengen, et wär noutwendeg, dass déi kéinten do optéieren, ob se fir den neie Regime sinn, oder fir den Iwwergangsregime.

An enger weiderer Motioun geet Rieds vun där Tendenz, déi ech och schonn ugeschnidden hunn, fir ëmmer méi Rémunératioun net pensionéierbar ze maachen, an dofir schléit déi vir, fir d'Iessenszoulag an och den 13. Mount an den Traitement de base eranzehuelen.

Déi Altersdeelzäit, déi hei ugeschnidde ginn ass, ass am Fong geholl keng richteg Altersdeelzäit. Ech géif léiwer gesinn, wéi et a Frankräich existéiert, dass eng "préretraite progressive" kéint agefouert ginn, déi kéint virgesinn, dass en Deel vun de Cotisatiounen och vum Stat kéint iwwerholl ginn, fir dass déi Leit schonn e puer Joer, ier se voll an d'Pensioun ginn, en Deel vun der Pensioun géife kréien, an och en Deel vun hirer Aarbechtszäit.

En Dag Congé méi - an dat ass och schonn hei gesot ginn - kascht de Stat am Fong geholl näischt! Et ass net sou, wéi den Här Jaerling dat gemengt huet. An engem Privatbetrib, wou produzéiert gëtt an e Produktiounsausfall ass, kascht natierlech en Dag Congé eppes, mä wann et an der Verwaltung ass, wou déi nämlecht Aarbecht leschten Enns…

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Wëllt Der domat soen, datt et beim Stat keng Produktivitéit gëtt?

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk)*.- Ma selbstverständlech gëtt et eng Produktivitéit, Här Jaerling, mä…

(Interruption)

…et ginn awer net real Produkter wéi Schung, Autoen oder sou produzéiert!

(Interruption)

Et ass net direkt doduerch e Produktiounsausfall do! Et ass eng administrativ Tätegkeet, déi an enger bestëmmter Zäit ka gemaach ginn. Soulaang de Stat dofir, fir deen Zäitausfall, net nei Leit astellt, ass et fir hien am Fong geholl eng finanziell Null-Operatioun, an dofir hätte mir gär, dass entspriechend och Leit géifen agestallt ginn, fir och am Sënn vun enger Vergréisserung vum Emploi…

M. le Président.- Här Bisdorff, Dir hutt Är Zäit iwwerschratt! Kommt zum Schluss!

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk)*.- Jo, ech kommen zum Schluss. Ech hu jo och Zäit gehat, fir déi Motioune virzebréngen. Dat geet elo alles an engems!

M. le Président.- Ah, wann déi abegraff ass, dann ass et gutt!

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk)*.- Déi virlescht Motioun betrëfft dann de Complément différentiel.

Dee Complément différentiel ass agefouert ginn - ech mengen, et war an engem Gesetz vun 1974, an och nach an engem vun 1986 -, an et existéiert an deem Zesummenhang och eng Gesetzespropositioun, déi et sollt erlaben, dass vun deenen, déi net dorënner gefall sinn - dat waren haaptsächlech deemools Eisebunner -, déi puer, déi elo nach liewen, wéinstens d'Geleeënheet kréien, de Complément différentiel ze kréien.

Déi lescht bezitt sech dann op déi Geschicht vun den Affekotekäschten.

De Statsrot huet do eng Opposition formelle gemaach. Ech hat scho gëschter d'Geleeënheet, fir mech driwwer ze wonneren, dass en déi Opposition formelle net gemaach huet bei deem Gesetz vu gëschter, wou de Pensiounsmaximum virgesinn ass, wou e fir sech eng Ausnahm mécht, genau sou wéi hei fir d'Chamber, wou en dat Argument vun der Gläichheet vun de Bierger virum Gesetz net gebraucht. Hei huet en déi Opposition formelle gemaach!

Ech mengen, et wier interessant oder souguer noutwendeg, dass een dann déi Saach géif ausdehnen op de Privatsecteur. Aus wat fir engem Grond? Et stellt sech

eraus, dass et Patrone gëtt - net alleguer, mä eng Rei vu Patronen -, déi bewosst géint d'Gesetz verstoussen an d'Leit z.B. entloossen, wou se wëssen, dass, wann e Geriichtsfall kënnt, se veruerteelt ginn, dat awer mat Liichtegkeet op sech huelen - an där Prozesser gëtt et der ëmmer méi -, soudass doduerch lues a lues d'Keese vun de Gewerkschaften, déi déi Prozesser mussen droen, ausgeplënnert ginn. Ech mengen dofir, dass et noutwendeg wär, dass do kéint sou eng Compensatioun geschéien, dass de Patron och veruerteelt gëtt, déi Affekotekäschten do ze droen!

Voilà, dat war et! Ech déposéieren dann nach zum Schluss déi ugekënnegt Motiounen.

Motion 3

La Chambre des Députés

- considérant l'évolution du secteur public, dont l'effectif s'est accru considérablement afin de pouvoir mieux répondre aux obligations croissantes du secteur afin de satisfaire les besoins des citoyens et de la société;

- considérant que l'accord salarial conclu entre le Gouvernement et la CGFP concerne directement et indirectement quelque 40.000 salariés occupés dans le secteur public;

- vu la représentativité manifeste de la CGFP pour les fonctionnaires et employés de l'Etat;

- vu que le résultat des négociations salariales concernent également les fonctionnaires, employés et ouvriers des communes, des CFL, du secteur socio-éducatif, du secteur de la santé, représentés par d'autres syndicats représentatifs pour ces secteurs;

- vu que la transposition de l'accord salarial dans ces secteurs se fait dans les limites des résultats négociés;

- vu qu'il ne s'agit nullement de mettre en question l'unicité de ces négociations et de l'accord salarial, ainsi que sa validité pour tout le secteur public;

- vu qu'il serait utile et démocratique que tous les partenaires sociaux concernés soient associés à ces négociations;

invite le Gouvernement

- à mener les prochaines négociations concernant le secteur public avec tous les partenaires sociaux représentatifs, aussi bien du côté salarial que du côté patronal, de préférence au sein d'une commission tarifaire représentative pour tout le secteur public;

- à négocier les grandes lignes et le volume (enveloppe) d'un accord global à ce niveau;

- à transposer cet accord global secteur par secteur en l'adaptant à travers les négociations avec partenaires et syndicats représentatifs pour chacun de ces secteurs.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 4

La Chambre des Députés

- considérant que l'introduction d'un régime de pension dit transitoire dans le secteur public en 1999 a rencontré une mobilisation large et décidée de la part des salariés;

- considérant que cette mobilisation large et unitaire a culminé non seulement dans une grève sectorielle des cheminots de deux jours les 19 et 20 janvier 1998 et une grève générale du secteur public le 21 juillet 1998 lors du vote de la Chambre des Députés;

- considérant que la protestation des salariés du secteur public a trouvé son prolongement dans les élections législatives du 14 juin 1999;

- vu que c'est essentiellement l'introduction d'un régime de pension dit transitoire qui a engendré le ras-le-bol des salariés du secteur public;

- vu qu'il s'agit de faire retrouver aux salariés du secteur public le calme et la dignité qu'ils ont revendiqués haut et fort;

- vu la mise à profit de cette aspiration légitime des salariés du secteur public par certains lors des élections législatives dont émane ce Gouvernement;

- vu que la transposition du régime de pension dit transitoire dans le secteur des communes et des CFL n'a toujours pas eu lieu;

- vu que la situation financière de l'Etat luxembourgeois permet, en ce qui concerne les agents en service au 1er janvier 1999, un retour vers le régime en vigueur avant le litige, tel que revendiqué (pacta sunt servanda);

invite le Gouvernement

- à présenter dans les meilleurs délais possibles à la Chambre des Députés un projet de loi visant l'abolition du régime de pension dit transitoire des fonctionnaires et employés publics et l'annulation des effets y inscrits.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 5

La Chambre des Députés

- considérant que le régime de pension statutaire comprenait et comprend toujours l'existence de régimes dits spéciaux consistant dans la faculté des chauffeurs d'autobus, des pompiers, des conducteurs de locomotives, des fonctionnaires et employés de la force publique de prendre leur retraite sous certaines conditions 5 ans plus tôt (3-5 ans pour les conducteurs de locomotives);

- considérant qu'en raison de considérations d'ordre financier cette faculté a été abolie dans les nouveaux régimes de pension pour les fonctionnaires de l'Etat, des communes et des CFL;

- vu que l'abolition de la faculté pour certaines catégories du personnel du secteur public de faire valoir plus tôt leur droit à la retraite constitue un facteur d'inégalité considérable entre les fonctionnaires du secteur public engagés avant resp. après le 1er janvier 1999;

- vu que cette inégalité risque de générer une mésentente généralisée entre fonctionnaires et employés ancien et nouveau régime;

- vu qu'une des considérations à la base de la création de cette faculté de certaines catégories du personnel du secteur public de faire valoir plus tôt leur droit à la retraite était motivée par des aspects majeurs inhérents aux tâches respectives;

- vu qu'une deuxième considération à la base de l'introduction de cette faculté était le stress, la fatigue et l'usure des capacités physiques et psychiques supplémentaire des agents affectés à ces fonctions pendant une certaine durée;

- vu que les effets de santé et de sécurité liés à ces considérations risquent d'être sous-estimés dans un environnement de travail de plus en plus intense;

- vu que l'effet financier réel de cette mesure ne saurait se manifester qu'à partir de l'an 2030 au plus tôt;

invite le Gouvernement

- à présenter dans les meilleurs délais possibles à la Chambre des Députés un projet de loi visant l'inscription dans les nouveaux régimes de pension pour les fonctionnaires de l'Etat, des communes et des CFL de la faculté de certaines catégories du personnel du secteur public de faire valoir leur droit à la retraite plus tôt, à l'instar de ce qui est prévu dans les régimes statutaires des fonctionnaires de l'Etat, des communes et des CFL;

- à entreprendre les démarches nécessaires pour étendre cette faculté aux salariés du secteur privé occupés à des fonctions similaires (chauffeurs sur route,...).

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 6

La Chambre des Députés

- considérant que l'introduction des nouveaux régimes de pension pour les fonctionnaires de l'Etat, des communes et des CFL modifie considérablement la base de calcul des pensions des fonctionnaires entrés en service après le 1er janvier 1999, surtout en amenant des pensions moins élevées pour la plupart des carrières;

- vu que pour un certain nombre de fonctionnaires émanant de différentes carrières inférieures et planes, entrés en service juste avant la date limite du 1er janvier 1999, le nouveau régime aboutirait à une pension plus favorable que sous l'ancien régime statutaire resp. sous le régime dit transitoire;

- vu que pour ces fonctionnaires il serait donc parfois plus avantageux de faire calculer leur pension sur base du nouveau régime;

invite le Gouvernement

- à présenter dans les meilleurs délais à la Chambre des Députés un projet de loi permettant aux fonctionnaires entrés en service avant le 1er janvier 1999 d'opter, lors de leur mise à la retraite, pour le calcul de leur pension soit sur base du régime statutaire, soit sur base des nouveaux régimes de pension pour les fonctionnaires de l'Etat, des communes et des CFL.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 7

La Chambre des Députés

- considérant que différentes mesures prises pendant les 10 dernières années ont considérablement augmenté la différence entre les derniers traitements des fonctionnaires et employés de l'Etat, des communes et des CFL, d'une part, et leurs pensions touchées au moment de leur mise à la retraite, d'autre part;

- considérant qu'il ne peut s'agir d'augmenter davantage cette réduction du revenu au moment de la mise en retraite mais de réduire la différence entre le dernier traitement et le montant de la pension à un taux moins élevé;

- considérant encore que l'allocation de repas revenant aux employés publics n'est pas calculée au prorata de leur degré d'occupation, que le mécanisme génère la perte de la moitié de l'allocation au cas où le degré d'occupation correspond à une tâche à plein temps moins une heure et que ce mécanisme implique la perte complète de l'allocation au cas où l'employé est occupé à mi-temps moins une heure;

- vu que l'accord salarial prévoit le relèvement de l'allocation de repas à 220.- par jour;

- vu l'introduction progressive dans les années passées d'une allocation de fin d'année, non pensionnable, égale au traitement de base du mois de décembre;

invite le Gouvernement

- à présenter à la Chambre des Députés un projet de loi visant

a) l'intégration de l'allocation de repas dans les traitements de base;

b) la transformation de l'allocation de fin d'année en une allocation pensionnable et sa rémunération moyennant la valeur du point indiciaire applicable aux indemnités pensionnables.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 8

La Chambre des Députés

- considérant que les fonctionnaires et employés du secteur public demandent la possibilité d'une mise à la retraite progressive ("Altersteilzeit");

- considérant que les propositions du Gouvernement visant l'introduction d'un service partiel ne donnent aucun avantage aux agents proches de l'âge de la mise à la retraite par rapport aux autres agents pouvant bénéficier d'un service partiel;

- vu qu'une mise à la retraite progressive bien comprise ("Altersteilzeit") devrait combiner service à temps partiel et indemnité de pension partielle;

invite le Gouvernement

- à présenter dans les meilleurs délais à la Chambre des Députés un projet de loi visant, après négociation avec les partenaires sociaux du secteur public, l'introduction dans le régime statutaire des agents publics ainsi que dans le nouveau régime de pension pour les fonctionnaires de l'Etat, des communes et des CFL d'une vraie mise à la retraite progressive, combinant service partiel et mise à la retraite partielle et progressive;

- à étudier ensemble avec les partenaires sociaux la possibilité d'introduire cette faculté également dans le régime général des pensions du secteur privé.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 9

La Chambre des Députés

- considérant que l'accord salarial du secteur public prévoit l'introduction de congé supplémentaire;

- considérant encore l'introduction d'un congé resp. d'un service à temps partiel;

- vu que le congé supplémentaire ne peut avoir l'effet de repos souhaité que si les agents concernés sont effectivement dispensés d'une partie de leur travail;

- vu que la réduction du temps de travail, même sous forme de congé, devrait contribuer à la création d'emplois et à la réduction du chômage;

- vu que le congé resp. le service à temps partiel devrait permettre d'occuper d'autres personnes pour les degrés de tâche libérés;

invite le Gouvernement

- à veiller à ce que l'introduction de congé supplémentaire soit compensée par la création proportionnelle d'emplois et un recrutement effectif;

- à veiller à ce que les congés à temps partiel resp. le service à temps partiel soient compensés par des emplois correspondants aux tâches libérées.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 10

La Chambre des Députés

- considérant que l'accord salarial entre la CGFP et le Gouvernement prévoit l'introduction dans le statut des fonctionnaires de l'Etat du service à temps partiel à 75% et 25%, ceci à côté du temps de travail à mi-temps existant déjà à l'heure actuelle;

- considérant que la motivation principale à la base du temps partiel consiste à mettre à la disposition des salariés - dans les limites des possibilités des services concernés - un degré d'occupation et un temps de travail choisis par le/la salarié/e;

- considérant qu'il n'y a pas de raison pertinente pour limiter le temps partiel au service partiel et de ne pas prévoir la possibilité d'un congé partiel;

- vu les expériences faites avec le congé pour travail à mi-temps;

- afin de permettre aux agents de l'Etat de pouvoir bénéficier d'un congé à temps de travail partiel de 75% resp. 25% aux mêmes conditions que le congé pour travail à mi-temps;

invite le Gouvernement

- à présenter dans les meilleurs délais à la Chambre des Députés un projet de loi visant à compléter le service à temps partiel par un congé pour travail à temps partiel de 75% resp. 25%, ceci sous les mêmes conditions que le congé pour travail à mi-temps, tel qu'il est inscrit actuellement dans le statut des fonctionnaires de l'Etat.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 11

La Chambre des Députés

- considérant que les lois des 26 mars 1974 et 27 août 1986 ont remédié à certaines injustices relatives aux mises en retraite des victimes d'actes illégaux de l'occupant;

- considérant que le bénéfice du complément différentiel y inscrit ne s'applique pas expressis verbis aux agents des CFL;

- considérant que - conformément à différents accords de principe du Conseil de Gouvernement et de l'avis du Conseil d'Etat - la Chambre des Députés à été saisie d'une proposition de loi (no 4580), visant à reconnaître également aux agents des CFL le bénéfice du complément différentiel;

- considérant que les avis et rapports que le Gouvernement doit ou veut présenter dans le cadre de cette proposition de loi font toujours défaut;

- vu que les mérites des victimes de la guerre sont indéniables;

- vu qu'il y a urgence pour faire bénéficier le maximum d'agents ou de veuves d'agents des CFL de la mesure visée;

invite le Gouvernement

- à soumettre dans les plus brefs délais à la Chambre des Députés ses avis et rapports nécessaires pour permettre à celle-ci de voter la proposition de loi no 4580, visant à inclure les agents des CFL dans le bénéfice du complément différentiel.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 12

La Chambre des Députés

- considérant que l'accord salarial entre la CGFP et le Gouvernement prévoit le remboursement des frais d'avocat, d'après des conditions et modalités à fixer par règlement d'exécution, dans tous les cas où l'agent l'emporte dans une affaire l'opposant à l'Etat-patron;

- considérant que le Conseil d'Etat, dans son avis relatif au projet de loi afférent, estime que cette mesure privilégierait les fonctionnaires par rapport à d'autres salariés qu'un litige de même nature opposerait à leur employeur et que ceci serait contraire à l'article 10bis de la Constitution;

- considérant encore qu'à cause de cette opposition formelle de la part du Conseil d'Etat le Gouvernement a été d'accord pour retirer cette mesure du projet de loi et pour la rediscuter avec son partenaire signataire de l'accord salarial;

- vu que cette mesure fait partie intégrante de l'accord salarial entre la CGFP et le Gouvernement;

- vu que la situation à la base de cette mesure n'est nullement étrangère au secteur privé;

- vu qu'il s'agit de répondre de façon positive au souci du Conseil d'Etat concernant l'égalité des salariés en pareille situation;

- vu qu'il ne s'agit pas de repousser aux calendes grecques une mesure utile et faisant partie intégrante d'un accord;

invite le Gouvernement

- à présenter dans les meilleurs délais et après discussion avec les partenaires sociaux à la Chambre des Députés un projet de loi visant à introduire aussi bien dans le secteur public que dans le secteur privé la possibilité d'indemniser les salariés, d'après des conditions et modalités à fixer par règlement d'exécution, des frais d'avocat dans les cas où le salarié l'emporte dans une affaire l'opposant à son employeur.

(s.) Aloyse Bisdorff.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Fred Sunnen agedroen. Den Här Sunnen huet d'Wuert.

M. Fred Sunnen *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Fraktiounschef, de Lucien Weiler, huet de politeschen a wirtschaftleche Kader vum Gehälteraccord gesat. Hien huet d'Virgabe vum Koalitiounsaccord beschriwwen an den Zesummenhang tëscht dëser "guide line" an dem Ofkommes mat der CGFP kloer an däitlech duergestallt. Nodeem souwuel bei vereenzelte Riedner wéi awer och op verschiddene Bänken d'Wellen de Mëtteg héichgeschloe sinn, wëll ech mech fir mäin Deel um Schluss, a Rou a méi kuerz, mat eenzelne Mesurë vum Gehälteraccord beschäftegen, déi sozial- a familljepolitesch besonnesch relevant sinn. Ech denken do zum Beispill un d'Aféierung vun der Deelzäitaarbecht beim Stat.

Am Rapport vun der Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative gëtt zu Recht drop opmierksam gemaach, datt den Temps partiel eng Mesure ass, déi et virun allem de Frae méi einfach wäert maachen, d'Familljeliewen an déi berufflech Aktivitéit harmonesch ënner en Hutt ze bréngen.

Am Kontext vum Temps partiel schéngt et mer allerdéngs och wichteg, datt een d'Bemierkunge vum Statsrot net op déi liicht Schëller hëlt. Et ass effektiv esou, datt duerch d'Aféierung vun ëmmer méi spezielle Forme vun ähnleche Regimer eng gewësse Konfusioun kann entstoen. Mä dat bedeit net, datt een op eng gutt Ouverture am Sënn vu méi Flexibilitéit a méi Liewensqualitéit am Secteur public verzichte soll.

D'Aféierung vum Temps partiel zu 25, 50 oder 75% ass eng positiv Saach, déi moderne sozialen Erausfuerderungen entsprécht. De Stat muss reagéieren op Entwécklungen, deenen am Privatsecteur schonn zënter Jore Rechnung gedroe gëtt. Dat geschitt heimat! Wa mir e modernen a leeschtungsfäege Statsapparat wëllen, da musse mir deene Leit, déi am Secteur public schaffen, och déi passend Kaderbedingunge ginn.

Här President, zréck zum Accord salarial.

Eng weider Mesure, déi am Kader vu sozialpolitischen Imperativen ze gesinn ass, soll et de Beamten erlaben, op fräiwëlleger Basis iwwert d'Limite vu 65 Joer eraus bis 68 Joer am aktiven Déngscht ze bleiwen. Konkret heescht dat, datt am öffentleche Secteur an Zukunft méi laang ka geschafft ginn, natierlech nëmmen dann, wann de Beamten dat och sou wëllt an de Stat als Patron säin Accord dozou gëtt.

Dat ass e Schrëtt an déi richteg Richtung. Wann ee bedenkt, datt hei zu Lëtzebuerg global gesinn ëmmer méi Leit ëmmer méi fréi an d'Pensioun ginn, wat am Beräich vun der sozialer Sécherheet zu finanzielle Problemer féiere wäert, ass dat fakultatiivt Eropsetze vum Déngschtalter wierklech e Signal.

Dat féiert mech zu engem weidere sozialpolitischen Akzent mat Signalwierkung, dem Eropsetze vum Plaffong bei engem Prêt fir de Wunnéngsbau vu véier op sechs Millioune Frang. Dës Moossnam am Beräich vum Prêt-logement ass net méi an net manner wéi eng Upassung vun engem Mechanismus, deen et beim Stat scho méi laang gëtt. Iwwregens gëtt et och eng ganz Rei vun Entreprisen a Pensiounskeesen am Privatsecteur, déi hire Leit op eng ähnlech Aart a Weis hëllefen. Mä déi Hëllef ass méi wéi e finanziellen Apport. Si soll virun allem jonke Leit d'Décisioun, sech en Eegenheem unzeschafen, méi liicht maachen. D'Eropsetze vum Plaffong huet sech op Grond vun der Präisentwécklung um Baumarché opgedrängt.

Als Upassungen un dat, wat sech an der Privatwirtschaft an doriwwer eraus an der Ekonomie sou deet, gesinn ech och d'Erhéijung vum Kilometergeld op generell 15 Frang, d'Erweiderung vun der Iessenszoulag op 4.400 Frang de Mount an d'Revisioun vum Reesgeld an den Openthaltskäschte vun de Statsbeamten.

Ech wëll et och ganz kloer soen: Hei geet et net drëm, ondifferenzéiert Kamellen auszedeelen! Wat mer hei wëllen an ustriewen, ass eng gerecht Behandlung vun de Leit, déi beim Stat schaffen. Si sollen net besser, awer och net méi schlecht behandelt gi wéi d'Aarbechter an d'Beamten am Privatsecteur.

Am Zesummenhang mat der Iessenszoulag wollt ech allerdéngs d'Fro opwerfen, ob et nach sënnvoll ass,…

(Interruption)

…un dësem Instrument festzehalen. D'Fro stellt sech, ob d'Iessenszoulag nach hir Daseinsberechtegung an eiser Zäit huet. Ech sinn éischter der Meenung, datt d'Opbesserung vum Akommes am Prinzip iwwert de richtege Wee, dat heescht iwwer Adaptatioune vum Punktwäert, geschéie soll.

Här President, am selwechte Kontext wéi déi erwähnten Upassunge betreffend d'Reesgeld, d'Openthaltskäschten asw. wëll ech och den zousätzlechen Dag Congé verstane wëssen, deen all Statsbeamten zougestane gëtt, an och de weideren Dag Congé fir d'Fonctionnairen, déi méi wéi 55 Joer al sinn. Och dës Mesure erlaabt et, Parallele mam Privatsecteur ze zéien, wou et an enger grousser Zuel vu Kollektivverträg méi Congé fir d'Personal gouf.

Eng weider logesch Adaptatioun ass d'Erofsetze vun der Stagezäit vun dräi op zwee Joer. Dës Moossnam kënnt besonnesch deene jonke Statsbeamten zegutt, déi e Joer méi fréi hir definitiv Nominatioun kréien. Duerch d'Reductioun vum Stage gëtt d'Carrière vum Statsbeamte méi attraktiv, eng Mesure, déi menger Meenung no och fir méi Motivatioun bei deene jonke Fonctionnairë suerge wäert. An dat ass schliesslech am Intressi och vun deene Leit, déi dat öffentlecht Déngschtleeschtungsugebot notzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems ech elo grad probéiert hunn, eng Partie sozialpolitesch Aspekter méi genee ze beliichten, erlaabt mer déi eng oder aner Remarque zu de Punktwäerterhéijunge vun 2,5% réckwierkend op den 1. Januar 2000 a vun engem weidere Prozent op den 1. Januar 2001.

Et schéngt mir an éischter Linn wichteg ze sinn, dorun ze erënneren, datt et am öffentleche Secteur schwéier ass, genau Parameteren ze fannen, déi engem Indicatioune ginn, wéivill d'Akommes kann an däerf klammen. Am Privatsecteur ass dat ganz allgemeng méi einfach. Do schwätzen d'Resultater fir sech an definéieren de Kader fir d'Verhandlungen tëscht Patronat a Gewerkschaften.

An der Fonction publique ass dat anescht. An dach gëtt et am Virfeld vu Gehälterverhandlungen alles an allem dräi Richtlinien:

1) de Wuesstem vun de Léin am Privatsecteur;

2) déi allgemeng wirtschaftlech Entwécklung vum Land, an

3) de budgetäre Spillraum vum Stat.

Wann een elo déi geplangten Erhéijung vum Akommes am öffentlechen Déngscht kuckt, stellt ee fest, datt sech un déi dräi Richtlinie gehale ginn ass, op déi iwwregens am Koalitiounsaccord tëscht CSV an DP Referenz gemaach ginn ass. D'Punktwäerterhéijungen entspriechen deem, wat och an de Betriber geschitt ass. Och do sinn et, reng op d'Léin bezunn, keng iwwerdriwwen Opbesserunge ginn.

Den Här Di Bartolomeo huet gesot, et wier keng moderat Lounpolitik bedriwwe ginn!

(Interruption)

Et kann een awer vun enger raisonnabler Tarifpolitik schwätzen, un déi sech leschten Enns och d'Regierung an d'CGFP gehalen hunn.

Här President, ofschléissend wollt ech soen, dass ech der Meenung sinn, dass dësen Accord salarial eng gutt Basis ass, fir mat deenen direkt Betraffenen iwwer wei-

der Reformschrëtter am öffentlechen Déngscht ze diskutéieren.

Am Koalitiounsaccord ass eng global Iwwerschaffung vum Beamtestatut ugekënnegt ginn, dëst fir de Stat nach méi modern, méi performant a méi effikass ze maachen. Wann ech modern soen, gëllt dat virun allem och fir de Fonctionnement vun der Administratioun, déi, wéi dat schonn hei ugeklongen ass, och wat den Equipement ugeet, op den neiste Stand vun der Technik gesat muss ginn.

An dësem Gehälteraccord sinn éischt Mesuren am Sënn vu méi Modernitéit enthalen, dat och wat beispillsweis de Pensiounsregime ubelaangt. Esou hu sech béid Parteien drop gëeenegt, eng Spezialkommissioun anzesetzen, déi de Volet Zousazpensiounen zugonschte vun den neie Statsbeamten, déi nom 31. Dezember 1999 agestallt gi sinn, ze analyséieren.

Dir gesitt, mat dem Accord salarial ass op där enger Säit de Virgabe vun enger verstänneger a kontinuéierlecher Tarifpolitik beim Stat Rechnung gedroe ginn. Op där anerer Säit sinn nei Pisten opgezeechent ginn.

Ech hoffen, dass op dësem Wee weidergeschafft gëtt, well dat ass net zulescht am Intérêt vun alle Bierger, déi e Recht op en effikassen öffentlechen Déngscht hunn, grad esou wéi d'Fonctionnairen e Recht hunn op uerdentlech Loun- an Aarbechtskonditiounen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Ministesch vun der Fonction publique, d'Mme Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 29. Mee hunn ech no aacht Verhandlungssitzungen, déi de 17. Dezember d'lescht Joer ugaange sinn a bis an de Mee gedauert hunn, am Numm vun der ganzer Regierung - an ech wëll dat betounen - a Presenz vum Stats- a vum Finanzminister - an ech hoffen, ech kann déi berouegen, déi sech virdrun doriwwer Gedanke gemaach hunn -, de Gehälteraccord an der Fonction publique fir d'Joren 2000 an 2001 ënnerschriwwen.

Mir sinn haut e bësse méi wéi sechs Wochen duerno, an Dir sidd um Punkt, fir dee Gesetzestext, deen all d'Mesurë vum Accord salarial soll ëmsetzen, ze votéieren, an dat, wann ech et richteg interpretéieren, mat enger ganz grousser Majoritéit.

Dir erlaabt mer, dass ech als zoustännege Minister wëllt direkt am Ufank meng Satisfactioun doriwwer zum Ausdrock bréngen, wéi schnell an zügeg souwuel d'Verwaltungsaarbecht wéi virun allem duerno dee ganze legislative Prozess konnte virugedriwwe ginn, esou dass dësen Text nach ka virun der Summerpaus ofgeschloss ginn, well nuren esou ass et méiglech, den Dag vum 1. September ze respektéieren, wou all d'Mesurë vum Gesetz sollen a Kraaft trieden, en Datum, zu deem sech d'Regierung am Accord salarial engagéiert hat.

Mäi Merci riicht sech dofir un all déi Acteuren, déi op dësem Wee a während där kuerzer Zäit matgehollef hunn, de Projet de loi virunzedreiwen, a ganz besonnesch an dësem Haus un de Rapporteur an un all déi Dammen an Häre Membere vun der Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative. Dir erlaabt mir natierlech och, an dee Merci meng Collaborateuren aus dem Ministère anzeschléissen.

Et sinn an Ären Interventioune virdrun eng Rei vu Gedanken an Iwwerleeungen zum Ausdrock komm, déi ech, vu mengem Standpunkt aus gekuckt, op dräi Haaptcharakteristiken an dësem Gesetzestext wëllt resuméieren.

Ech hunn, wéi gesot, den 29. Mee am Numm vun der Regierung e Gehälteraccord ënnerschriwwe fir all d'Beamten, Employéen, Aarbechter an all aner Leit, déi beim Stat schaffen, dee fir d'éischt emol dem Regierungsaccord vum 12. August 1999 entsprécht. Et ass verhandelt gi mat der CGFP, der representatiivster Gewerkschaft am öffentleche Secteur. Deen Accord ass och mat der CGFP ënnerschriwwe ginn. All déi aner Gewerkschaften am öffentleche Secteur goufen informéiert a consultéiert. De Statssekretär, den Här Jos Schaack, wäert duerno nach am Detail op déi Consultatiounen an op dëse Punkt agoen.

Et ass een Accord, dee Schrëtt hält mat der allgemenger Lounentwécklung - an dat ass heibanne jo vun alle Säiten unerkannt ginn - a sech aus der wirtschaftlechler Entwécklung vun eisem Land ergëtt. Wann ee weess, dass d'Lounentwécklung am leschte Joer am Privatsecteur an enger Gréissenuerdnung tëschent 2 an 3,5% loung, dann ass dat hei - an dat kann ee soen - en ausgeglachenen, e verantwortungsvollen Accord.

Et ass, an dat nach ëmmer am Kontext vun der Regierungserklärung, e Gehälteraccord, deem als Verhandlungsbasis eng Rei vu vergläichenden Etüde mam Privatsecteur virausgaange sinn, awer och innerhalb vum öffentleche Secteur, an och op déi Etüden - well dat ass hei gefrot ginn - wäert den Här Schaack nach am Detail zréckkommen.

Leschten Enns kann ee soen, dass dësen Accord d'Limitë vun de budgetäre Méiglechkeete vun eisem Stat net wäert dépasséieren.

Dëse Gehälteraccord huet, a mengen Aen, en zweete ganz wichtegen Aspekt, an dat ass deen, dass dës Regierung erëm mat der Traditioun am öffentlechen Déngscht ugeknäppt huet, esou wéi mer se bis 1994 kannt hunn. Esou wéi mir dat aus all klenger, mëttlerer an och gréisserer Privatentreprise kennen, wou de Patron seng Leit wëllt un der Entwécklung vu senger Sociétéit bedeelegen, esou war an esou ass et och d'Suerg vum Patron Stat, seng Leit mat an d'Entwécklung vun der Wirtschaft an an déi allgemeng Lounentwécklung anzebauen, an et

ass grad esou normal, dass d'Regierung am Numm vum Stat mat hire Leit doriwwer verhandelt.

Ech géing mengen, dass, wann dës Verhandlungen doriwwer ewech och nach zu deem vu béide Säite gewënschten Accord féieren, doran ee vun deene wichtegsten Akten an de Relatiounen tëschent dem Arbeitgeber, dem Stat, a senge Leit zum Ausdrock kënnt. A wa sech an esou engem Accord zwee Partner, an dësem Fall d'Regierung an d'CGFP, kënnen erëmfannen, wann ausserdeem déi ganz Verhandlungsronn - an erlaabt mer et ze soen - an engem oppenen a konstruktive Klima konnt ofgewéckelt ginn, da mengen ech, dass all dat zesummen déi beschte Viraussetzung fir soziale Fridden a motivéiert Beamten, Employéen an Aarbechter an deene kommende Joren ass, eppes, wat mir eis heibanne jo alleguer wënschen an, ech hoffen, och all matdroen.

Ech wëllt meng Satisfactioun zum Ausdrock bréngen, am Numm vun der Regierung, duerch meng Ennerschrëft ënnert dësen Accord mat derzou bäigedroen ze hunn, dass mer am Statssecteur zu deene bekannte geregelte Verhältnisser zréckfonnt hunn.

Erlaabt mer zum Schluss, eng drëtt wichteg Charakteristik an dësem Accord ervirzesträichen.

Mir schwätzen ëmmer vun engem Gehälterofkommes - an dat ass och dee consacréierten Terme -, well eng ganz Rei vu Gehältermoossnamen dora verankert sinn. Tatsächlech ass et awer esou, dass ganz besonnesch den Accord vum 29. Mee 2000 - a vläicht méi nach wéi an all de Jore virdrun - sech ausgerechent duerch seng vielfälteg an och verschiddenaarteg gelagert Mesuren auszeechent.

Mir fannen hei d'Lounelement gewëss als Plat de résistance erëm, awer de Räichtum vum Gehälteraccord, an domat och vum Gesetzesprojet, dee mer haut diskutéieren, ass eng ganz Rei vun anere Mesuren, déi, a mengen Aen, ganz kloer Zeeche setze fir eng modern an zukunftsorientéiert Fonction publique.

Et gëtt zum Beispill den Aspekt vum Statut mam Erofsetze vun der Stagezäit op zwee Joer, en Usporn fir jonk Leit, déi aus deem Grond méi fréi wéi virdru kënnen definitiv agestallt ginn.

Et gëtt den Aspekt vun der Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit allgemeng, der Altersteilzeit vun engem gewësse Moment un, an d'Verlängerung vun der Altersgrenz vu 65 op 68 Joer.

An et gëtt dee méi sozialen a familljepoliteschen Aspekt mat méi Congésdeeg an dem Eropsetze vun der Héicht vum Prêt, fir an de Genoss vun Zënssubventiounen ze kommen. De Statssekretär wäert op eng ganz Rei vun dëse Moossnamen nach méi am Detail agoen, mä ier ech him déi Éier wäert iwwerloossen, wëllt ech just op zwee Punkten nach zréckkommen, déi vun zwee Orateuren ugeschnidde gi sinn.

Ech kann et kuerz maachen: Wann den Här Di Bartolomeo - en ass de Moment net do, mä ech muss him awer drop äntweren - gesot huet, d'Demokratesch Partei hätt hire Prinzip "pacta sunt servanda" opginn, da kann ech do nëmmen ënnersträichen, dass deem net esou ass.

Dir kennt eis Meenung zu deem, wat virun zwee Joer geschitt ass an der Reform vun dem Pensiounswiesen, an Dir wësst och, mat wéi enge Vuë mir an d'Walen eragaange sinn.

Mir hunn awer mat eisem Koalitiounspartner keen Accord fonnt, fir op deem do Punkt eis Gesetzgebung ze änneren, a mir stinn dozou, esou wéi mir dat am Koalitiounsaccord ofgemaach hunn. Ech liesen Iech nach eng Kéier vir, wat do steet: "Les deux parties qui formeront le gouvernement ont dû constater l'impossibilité de concilier leurs points de vue respectifs en ce qui concerne le régime des pensions dans le secteur public. Ce désaccord concerne tant le nouveau régime que le régime dit transitoire. Il en résulte que les lois y afférentes en vigueur continueront à sortir leurs effets."

Dat hu mer an de Koalitiounsverhandlungen esou ausgemaach, a mir haten och keng aner Méiglechkeet, well ech gleewen och net, dass mat iergendengem anere Partner heibanne mer dat do hätte kënnen ëmänneren. Och vun der sozialistescher Säit hunn ech net an deem Sënn Téin gehéiert. Dofir ass dat hei fir eis e Constat, dee mer op eng demokratesch Aart a Weis gemaach hunn an zu deem mir stinn. Mir stinn och zu deem, wat mir virun de Wale gemaach hunn, a mir sti grad esou kloer an éierlech zu deem Koalitiounsaccord, dee mir ofgemaach hunn. Ech wollt dat heibannen nach eng Kéier - an ech hoffe fir d'lescht - ganz kloer gesot hunn.

Dann nach eng Fro vun dem Här Weiler, wéi eng Konklusiounen d'Regierung gezunn hätt aus deem Jugement, dat tëschent dem Stat an der CGFP an dërselwechter Problematik komm ass? Dat ass ganz einfach. Wat an deem Jugement festgehale gëtt, dat ass, dass zwee Partner, déi eppes ofgemaach hunn, sech och doru sollen halen. Esou gesi mir et och.

An deem heite Jugement ass kloer gesot ginn, dass am Fall vun deem, wat 1990 ofgemaach gi war, a mat deene Gesetzer, déi 1998 geholl gi sinn, ee vun de Partner - d'Regierung, doduerch datt si de Gesetzesprojet virbruecht huet - sech net méi un deen Accord gehalen huet. Gewëss ass och festgehale ginn, dass d'Regierung de Législateur net kann definitiv zu eppes engagéieren. Dat ass e kloere Prinzip. Dat heescht: Wann heibannen zum Beispill sech keng Majoritéit géing fanne fir een Accord, deen d'Regierung mat engem Partner ofmécht, da kann d'Regierung d'Chamber do net engagéieren. Dat ass effektiv an deem Jugement gesot ginn. Et ass awer grad esou kloer, dass déi zwee Partner, déi eppes zesummen ofmaachen, sech doru sollen halen. Esou gedenke mir et och ze maachen.

Dem Här Weiler seng prezis Fro war, wat geschéie géif, wann esou een Accord, deen d'Regierung gemaach huet - an dësem Fall mat der CGFP - net géing vun der

Chamber ratifizéiert ginn. Mä da wiere mir ganz kloer an enger politescher Kris, well da kënnt eppes net agehale ginn, op dat mir eis politesch engagéiert hunn, wou awer d'Parlament eis d'Ënnerstëtzung verweigert. Mir wieren dann an enger echter politescher Kris.

Ech hoffen a mengen, dass déi Diskussioune vun de Mëtteg bewisen hunn, dass mer fir dës Kéier net an esou engem Fall wäerte sinn. Wat allerdings d'juristesch Konsequenze vun deem Jugement wäerte sinn - well dat Jugement huet jo festgehalen, dass de Stat duerch déi Manéier, wéi e sech verhalen huet, seng Responsabilitéit engagéiert huet op Basis vum Gesetz vum 1. September 1988 -, doriwwer wëll ech mech net ausschwätzen. Dat ass och net an eisen Hänn. Do si mir um Niveau vum Pouvoir judiciaire, dat wäert d'Zukunft weisen.

Ech soen Iech merci a géing Iech als Ofschloss recommandéieren, deem Accord salarial, fir all deene Problemer, déi ech erwähnt hunn, definitiv aus dem Wee ze goen, herno Är Approbatioun ze ginn. Den Här Statssekretär Jos Schaack wäert op déi eenzel Punkten nach méi am Detail agoen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Statssekretär vun der Fonction publique, Jos Schaack.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.-* Merci, President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Mme Minister huet virdru mat Recht op d'Wichtegkeet vun de Lounverhandlungen a vum Zustanekomme vum Gehälteraccord an der Fonction publique verwisen. Ech däerf der Mme Polfer hir Satisfactioun also deelen an Iech doriwwer eraus soen, datt ech den 29. Mee ganz zefridde war, well ech konnt dozou bäidroen, fir erëm en normaalt a geregelt Verhältnis tëschent dem Stat als Patron a sengem Personal hierzestellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een als leschte Riedner un der Rei ass, dann ass ee bei all Diskussioun meeschtens an där glécklecher oder onglécklecher - wéi een et wëll huelen - Situatioun vun deem, dee sech kann op dat Wesentlecht beschränken, well eigentlech virdru scho vun deene verschiddene Säiten alles gesot ginn ass. Erlaabt mir dofir, mech op zwee Punkte rondrëm de Gehälteraccord an de Gesetzesprojet ze beschränken, nämlech fir op där enger Säit kuerz op d'Verhandlungen anzegoen an op där anerer Säit e bëssen am Detail déi eenzel Punkten ënnert d'Lupp ze huelen.

Ech gouf, Dir Dammen an Dir Hären, vu verschiddene Säiten, a ganz besonnesch vun de Gewerkschaften am assimiléierte Secteur, kritiséiert, datt mir nëmmen eleng mat der CGFP verhandelt an déi aner nëmme consultéiert an informéiert hätten. Ech däerf mol fir d'éischt drun erënneren, datt d'Mme Polfer an ech selwer am Numm vun der ganzer Regierung mat der CGFP verhandelt hunn an d'Marschroute op dësem Gebitt an der Regierungserklärung vum 12. August 1999 nozeliesen ass.

Ech zitéieren: "Le Gouvernement négociera avec l'organisation syndicale la plus représentative du secteur "Etat"."

Iwwregens kann ech mech net drun erënneren, datt an deene leschten drësseg Joer eng Regierung, egal wéi se composéiert war, hei eng aner Linn hat. Ech mengen, mir sinn eis jo awer doriwwer eens, datt een am Secteur vum Stat eenzeg an eleng der CGFP d'Representativitéit um nationale Plang muss unerkennen. Laut Gesetz ass dat déi Gewerkschaft "qui se signale par son nombre important de ses affiliés, par ses activités et par son importance."

Laut Jurisprudenz gëtt et periodesch Tester, fir Representativitéit, Afloss, Rayonnement vun enger Gewerkschaft iwwert d'Zuel vu sengen Affiliéierten ewech ze moossen. Dat sinn zum Beispill d'Sozialwalen an d'Beruffschamberen. Ech mengen, d'Zuele schwätzen hei fir sech. D'CGFP kënnt haut op ongeféier 20.700 Memberen, krut bei de Krankekeesewalen am November 1998 12 Sëtz fir d'CGFP selwer an dräi Sëtz fir d'CGFP-Feduse. Dat ass also en Total vu 15 Sëtz. Datselwecht Bild gouf et dunn am Mäerz bei de Beruffschamberwalen.

Fir mech ass et dofir ganz kloer - op Grond vun hirer nationaler Representativitéit -, datt d'CGFP déi eenzeg Gewerkschaft am Statssecteur ass, déi bei Lounverhandlungen an awer och bei anere Verhandlungen, wéi zum Beispill beim Beamtestatut oder bei enger Gehälterrevisioun, eleng d'Qualité de négocier huet, grad esou wéi den LCGB an den OGBL dës Qualitéit bei de Statsaarbechter hunn.

Dës exklusiv Qualité de négocier gëtt jo dann och erëm confirméiert duerch d'Dispositioun am Streikgesetz vum 16. Abrëll 1979, wou ganz kloer der CGFP als representatiivster Gewerkschaft, wann et sech ëm en allgemenge Konflikt am Statssecteur handelt, och eleng d'Qualité d'agir zouerkannt gëtt, wann et no der Conciliatioun an no der Mediatioun zum Streik sollt kommen, wat mir jo an der leschter Legislaturperiod zweemol erlieft hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir mech ass et ganz kloer, datt d'Eisebunnergewerkschaften, den LCGB an den OGBL am Statssecteur net national representativ sinn an dofir hei och net kënne mat um Verhandlungsdësch sëtzen.

Wat déi konkret Situatioun op der Eisebunn ubelaangt, esou hu mir et hei mat enger privater Gesellschaft ze dinn. D'Gewerkschafte vertrieden also d'Interesse vu Privatemployéen, deenen hire Gehältermechanismus wuel assimiléiert ass un dee vun de Statsbeamten, déi awer op Grond vun der Tarifautonomie mat hirer Direktioun nach ëmmer speziell Accore kënnen aushandelen an ofschléissen.

Déi iwwer 65 Fachverbänn vun der CGFP hunn iwwregens datselwecht Recht a kënnen am Zesummenhank mat hirer jeweileger Aarbechtssituatioun mat hirem

jeweilege Patron ähnlech Accoren aushandelen. Ech denken un d'Schoulmeeschteren an d'Professeren an der Relatioun mat hirem Patron, dem Educatiounsminister. Ech denken un d'Infirmiere vis-à-vis vum Santésminister an esou weider. Doraus ergëtt sech fir si awer kee Recht, och déi national Representativitéit fir de Statssecteur ze beanspruchen.

Ech wéilt dëse Punkt ofschléissen an nach eng Kéier op d'Regierungserklärung verweisen, wou ganz kloer drasteet, wie mat wiem verhandelt. Fir mech wäert sech an dëser Legislaturperiod dorun näischt änneren. Op Grond vun dësen Explikatioune géif ech d'Chamber bieden, d'Motioun 2 ofzelehnen.

Wat sinn also elo déi eenzel Punkte vum Gehälteraccord, déi ech haut am Gesetzesprojet 4677 zum Vote ënnerbreeden?

Ech mengen, et gouf an der Zwëschenzäit esou vill doriwwer geschwat, datt jiddfereen et bal misst auswenneg am Kapp hunn. Ech wollt mat e puer Wuert méi op den Detail vun deene wichtegste Punkten agoen.

A puncto Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit wollte béid Partner, déi de Gehälteraccord ënnerschriwwen hunn - d'CGFP, déi et gefuerdert huet, an d'Regierung, déi et wollt aféieren -, en däitlecht Zeeche setzen. Selbstverständlech kann ee soen, datt de Beamtestatut bis elo zimlech am Hannertreffe war, wann et drëm gaangen ass, traditionell Aarbechtsmodeller a Fro ze stellen. Déi klassesch Meenung war déi, datt de Beamte misst ganz do sinn a 40 Stonnen an der Woch schaffen. De Congé sans solde an de Congé pour travail à mi-temps sollten also d'Ausnam bleiwen.

Dofir froen ech mech, ob eigentlech jiddferee sech bewosst ass, datt déi Neierunge vu 25%, 50% oder 75% Service à temps partiel, déi mir elo aféieren, mat enger klenger Revolutioun an eisem Beamtestatut gläich ze stelle sinn. Selbstverständlech wäert an Zukunft kee sech säin Aarbechtsmenu individuell, selwer zesummestelle kënnen; et wäert och keen no eegenem Ermiesse säi Prozentsaz erop oder erof setze kënnen. D'Verwaltung wäert nach ëmmer e Wuert matschwätzen.

Dat sinn alles Punkten, déi nach auszehandelen an ze diskutéiere bleiwen, déi d'Regierung dann am Hierscht a Form vun engem Règlement grand-ducal wäert bréngen. Dat ass e Règlement grand-ducal, dee mir selbstverständlech och an der Kommissioun diskutéiere wäerten.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Här Statssekretär, just eng Fro. Et ass jo awer kloer, datt dee Regime vun de 25%, 50% a 75% och fir déi Fonctionnairë gëllt, déi am Moment en place sinn.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Selbstverständlech!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Well dat war net kloer aus deenen Aussoen an der Kommissioun ervirgaangen. Dir sidd also formell, datt dat fir déi nei Beamten ass, a fir déi, déi en place sinn.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Dat ass d'selwecht fir déi nei Beamten a fir déi, déi en place sinn!

Et ass ausschlaggebend, datt mat dësem Gesetz d'Dier opgemaach gëtt, fir dräi nei Aarbechtsvarianten - 25%, 50% oder 75% - nieft dem Plein-emploi anzeféieren, ouni - an dat ass wichteg - de Beamtestatut mussen opzeginn. Jiddfereen, dee wëllt, kann dëse Service à temps partiel beanspruchen, ouni datt dat eng Aarbechtsform nëmme fir déi beruffstäteg Frae wär, déi parallell no hire Kanner wëlle kucken.

Ech wëll awer am Kader vun enger méi flexibler Aarbechtszäit och ganz besonnesch vun där Altersteilzeitarbeit schwätzen, déi vu ville Säiten an de leschte Jore gefrot gouf an op déi sech d'Regierung an och d'CGFP gëeenegt hunn. Esou soll kënne vum Alter vu 55 Joer u Mann a Fra d'Méiglechkeet hunn, fir bis zu hirer Pensioun à temps partiel ze schaffen. Dat entsprécht dem Wonsch, fir vun engem gewëssen Alter un de Bezuch zu der Aarbecht net ze verléieren, awer am Volume erofzegoen, sech also a méi engem héijen Alter méi ze schounen, fir esou besser déi méi grouss Fräiheet kënnen ze profitéieren.

Och dat ass eng Mesure, géif ech mengen, déi an d'Entwécklung vun eiser Zäit, vun eiser Gesellschaft a vun eiser verännerter Aarbechtswelt passt. Ech wëll dobäi preziséieren, datt dës Bestëmmungen net nëmmen an de Beamtestatut ageschriwwe goufen, mä datt déi deementspriechend Änneruungen och an deenen zwee Pensiounstexter, am Iwwerganksregime an am neie Regime, zu eenzelnen Änneruunge gefouert hunn.

De Statsrot, Dir Dammen an Dir Hären, schéngt mat dëser Mesure net esou frou ze sinn. Hie proposéiert a sengem Avis, fir déi nei Bestëmmungen a puncto Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit einfach aus dem Gesetzestext erauszehuelen. D'Gestioun vun deenen neie Modeller wär komplizéiert an der Praxis, a souwisou géif jo elo schonn d'Méiglechkeet vum Travail à mi-temps bestoen. Dat sinn am Résumé dem Statsrot seng Argumenter.

D'Regierung war awer net gewëllt, mat op dee Wee ze goen. Fir de Prinzip vum Service à temps partiel iwwert de Wee vun dësem Gesetzestext an de Statut anzeschreiwen, war e kloert Zeechen, dat d'Regierung hei wollt setzen.

Et bleift Zäit, fir sech a Rou ze iwwerleeën an an der Commission du statut doriwwer ze diskutéieren, wéi een dës nei Mesuren op eng einfach a pragmatesch Manéier och elo kéint ëmsetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e weidere wichtege Punkt am Gehälteraccord, deen am Gesetzesprojet 4677 säin Nidderschlag fonnt huet, ass d'Méiglechkeet, fir iwwert déi augenblécklech Altersgrenz vu

65 Joer ewech nach kënne bis 68 Joer ze schaffen, dat an alle Fäll, wou een et vun der Regierung genehmegt kritt. Während deene Jore kann ee ganz oder à temps partiel schaffen. Et ass dat eng Fuerderung vun der CGFP, déi d'Regierung ugeholl huet, well si ebenfalls an der Entwécklung vun eiser Aarbechtswelt läit, wou déi meescht zwar scho viru 65 Joer an d'Pensioun ginn, wou et awer och Vereenzelter gëtt, déi selwer wëllen nach méi laang do bleiwen oder eventuell op Grond vun hirer grousser Beruffserfahrung gefrot ginn, fir nach ze bleiwen.

Och mat dëse Mesurë war de Statsrot net frou, an en ass souguer esou wäit gaangen, fir de Sënn an den Notze vun esou enger Moossnam radikal a Fro ze stellen.

D'Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, ass net där Meenung, mä wollt dem Statsrot hei an deem Sënn entgéint kommen, fir déi speziell Situatioun vun de Riichter mat ze regelen. Op Grond vun hirer sougenannter Inamovibilitéit, déi an der Constitutioun verankert ass, muss een d'Altersgrenz vun de Riichter och op 68 Joer setzen, dat awer generell, ouni dës Méiglechkeet elo kënne vun engem Agrément vum Regierungsrot ofhängeg ze maachen.

Dës Moossnam bréngt eng deementspriechend Ännerung an deenen zwee Gesetzer vun der Organisation judiciaire a vun der Administratioun vun der Juridictioun mat sech, eng Ännerung, déi dann och am Intitulé vum Gesetz zum Virschäi kënnt.

D'Regierung war och domat averstanen, fir zwou Mesuren an den Accord anzeschreiwen, déi ganz besonnesch fir jonk Leit däerften interessant sinn.

De Stage gouf erofgesat. Den absolute Maximum vun der Stagezäit ass vum éischte September un zwee Joer, mat enger Spezialdispositioun, fir datt all déi, déi elo schonn do sinn, net dépasséiert däerfe gi vu Kolleegen, déi nom 1. September 2000 eréischt an de Statsdéngscht wäerten antrieden.

Dat erlaabt alle Betraffenen, schonn no zwee Joer spéitstens eng definitiv Ustellung an domat verbonnen hiirt éischt fest Gehalt ze kréien. Et ass selbstverständlech, datt domat och d'Carrière an hirer jeweileger Entwécklung an Erwaardung schonn no zwee Joer ufänkt.

Doduerch datt een a jonke Joren och meeschtens méi Sue brauch, wäert déi aner Moossnam, fir d'Halschent vun de Biennalen a Form vun Annalë schonn ze erhalen, och besonnesch deene jonke Leit zegutt kommen, obschonn deen neie Mechanismus sech selbstverständlech duerch all Graden an all Karriären erduerch erstreckt.

Meng Servicer wollten dës Moossnam duerch déi nei Dispositioun vun enger Majoration d'indice aféieren - eng einfach Formel, géif ech mengen -, ouni op dee komplizéierte Wee ze goen, deen de Statsrot préconiséiert, nämlech fir déi nei Annalen an d'Barèmen anzeschreiwen. D'Gehältergesetz wär doduerch kaum méi transparent, mä op jidde Fall nach méi belaascht ginn.

Ee Wuert zum Statsrot senger Opposition formelle. Si bezitt sech op déi eventuell Prise en charge vun den Affekotekäschten duerch de Patron Stat, eng Dispositioun, déi an den Ae vum Statsrot contraire ass zu dem Artikel 10bis vun der Constitutioun an d'Salariéen am Statssecteur vis-à-vis vun deenen am Privatsecteur géif privilegiéieren.

Well dës Mesure och vum Prinzip hier am Gehälteraccord steet, also vun deenen zwee Partner ënnerschriwwe gouf, huet d'Regierung sech mat der CGFP eens gemaach, fir dës Moossnam aus dem Gesetzesprojet erauszehuelen, fir de Vote vun deem ganze Gehälterpakkage virun der Summerpaus net a Fro ze stellen. Béid Partner wäerten awer zu engem spéideren Zäitpunkt an an engem anere Kontext dorop zréckkommen.

Leschtlech ass de Statsrot domat d'accord, op Grond vum Arrêt vum Verfassungsgeriicht vum 6. Mäerz 1998 d'Forme juridique vun allen Texter ze änneren, déi d'Gehältersituatioun vu Stagiairen, Employéen a Chargés de cours regléieren.

D'Regierung hofft awer och, dass all déi nei Projets de règlements grand-ducaux nach kënne vum Statsrot virun der Summerpaus aviséiert ginn. Mat där neier Textpropositioun vum Statsrot, deen d'Dispositions habilitantes am Gehältergesetz soll preziséieren, ass d'Regierung d'accord.

Zum Schluss un all déi, déi matgehollef hunn, an där kuerzer Zäit dëse Gesetzesprojet zum Vote ze bréngen, e Merci, e Merci virun allem un de Rapporteur, un d'Membere vun der Kommissioun, un Iech alleguer, esou wäit Dir duerch Är konstruktiv Beiträg d'Debatte ronderëm dëse wichtege Gesetzesprojet fir d'Fonction publique beräichert hutt.

M. le Président.- Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.-* Här President, ech wollt awer nach op eng Rei Froen eng Äntwert ginn.

M. le Président.- Ass Är Ried nach net ofgeschloss?

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.-* Ech hunn nach laang net op d'Froen all geäntwert. Ech invoquéieren den Artikel 80 vun der Constitutioun.

M. Robert Mehlen *(ARD).-* Här President, ech froe parole après ministre.

M. le Président.- Dir hutt d'Wuert, Här Statssekretär.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.-* Här President, d'Problematik vun der Etude comparative tëschent dem öffentlechen an dem private Secteur ass ugesprach ginn. Heizou ganz kuerz e puer Explikatiounen.

Et échappéiert mat Sécherheet kengem, dass et extrem schwiereg ass, déi zwee Secteure mateneen ze vergläichen, an dat net zulescht duerch déi verschiddenaarteg Struktur vun deene verschiddene Secteuren, wat engersäits d'Aktivitéit vun de Secteuren ubelaangt, anerersäits d'Taille vun den Entreprisen an d'Qualifikatioune vun de Leit, déi do schaffen.

Wa mer de Secteur public ze kucken, dann hu mer do e Bloc homogène, wou, wa mer de Privatsecteur kucken, mir et éischter mat engem Bloc hétérogène ze dinn hu par rapport zu deem, wat ech virdrun exposéiert hunn, wat d'Aktivitéit ubelaangt, d'Taille vun den Entreprisen, d'Qualifikatiounen.

Éischt Feststellung: Et ass immens schwéier, mateneen ze vergläichen.

Déi honorabel Deputéiert, déi sech mat där Etude comparative beschäftegt hunn, konnte ganz in fine vun där Etüd ee Kapitel fannen, wou op d'Limitë vun der Etüd higewise ginn ass. Déi Etüd baséiert sech nämlech op Donnéeë vun dem CAS. A wéi Dir et alleguer wësst, droen déi Donnéeë vum CAS net sämtlechen Elementer Rechnung, déi een a Betracht muss zéien, wann ee Comparaisoune mécht. Zum Beispill droen déi Donnéeën an deenen eenzelne Secteuren net dem Niveau vun der Instructioun Rechnung, net der Anciennetéit an och net der Spezifissitéit vun deenen eenzelne Secteuren.

Aner Elementer, deenen an där Etüd net Rechnung gedroe gëtt, sinn d'Conditions d'embauche, d'Critaires de promotion, d'Strukture vun de Qualifikatiounen, den Niveau vun der Formatioun an, ganz wichteg, d'Durée vun de Congéën, well d'Congéë variéieren, wa mer den öffentleche Secteur vergläiche mat dem private Secteur, variéieren a verschiddene Secteure vum Secteur privé extrem staark par rapport zum öffentlechen Déngscht.

An zu gudder Lescht dréit déi Etüd och net dem Siwefache vum Mindestloun Rechnung. Dat ass fir eis e ganz wichtegt Element, well an der Fonction publique eng ganz Partie Leit schaffen, déi bestëmmte Critères de formation mussen erfëllen. E groussen Deel vun deene Leit, déi beim Stat schaffen, sinn an der Carrière universitaire. Dat heescht an anere Wierder, et missten och an där do Etude comparative Leit mat incorporéiert sinn, déi am Privatsecteur schaffen an iwwer siwemol de Mindestloun kommen.

All dat ass net de Fall, an dat hëlt där Etüd eben hir Glaubwürdegkeet. Dofir ass d'Regierung zu der Konklusioun komm…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wat fir eng aner Etüd hat d'Regierung dann, wann déi do net gutt war?

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- D'Regierung hat keng Méiglechkeet, zu deem Zäitpunkt, sech nach d'Méiglechkeet ze ginn, eng nei Etüd ze maachen, well d'Problematik läit an der Methodologie.

Mir kënnen eis an Zukunft nach de Kapp zerbriechen, wéi mer dat kënnten anescht maachen. Ech soen Iech awer direkt dat heiten: Da musse mer dat matenee vergläichen, wat ze vergläichen ass. Da musse mer Entreprisen huelen, déi absolut comparabel si mat dem öffentlechen Déngscht, an da musse mer och do Fonctiounen huelen, déi matenee comparabel sinn. Da sinn ech gäre bereet, doriwwer ze schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Wann déi Etüd, déi elo x-mol évoquéiert ginn ass, näischt daagt, Här Statsekretär, da froen ech mech, firwat dass an hiren Texter d'Regierung sech dauernd op déi do Etüd berifft, fir d'Erhéijung ze justifizéieren.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et kann een e puer Lecturen dervu maachen!

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Déi Lecture, déi ech elo gemaach hunn, ass déi richteg. Do kënnt Der ganz sécher sinn, an et ass relativ verdrësslech, dass déi Leit, déi déi do Etüd gemaach hunn, eréischt elo, dëst Joer, zu der Konklusioun komm sinn, dass hir Methodologie alles anescht wéi perfekt ass. Dat ass dat, wat ech Iech hei wollt kloermaachen.

Da wollt ech nach ee Wuert soen zu de Kollektivverträg, deene Vergläicher, déi do gemaach gi sinn. Do kann ech Iech soen, dass déi Kollektivverträg eis kuerz virun dem Ofschloss vun dem Accord salarial zougestallt gi sinn, dass et ganz schwéier ass - dat wëssen alleguer déi, déi d'Dokumenter, déi mir hinnen zougeschéckt hunn, studéiert hunn -, an deem Amalgam vun Elementer, déi an deene Verträg dra sinn, genau erauszefannen, wat an engem Secteur changéiert huet, dat souwuel wat d'Augmentatioun vun de Salairen ubelaangt, wéi och dat, wat am Fong d'Accessoiren ubelaangt, well ganz oft sinn et grad déi Accessoiren, op déi et ukënnt, an ee vun deene wichtegsten Accessoiren ass notamment d'Element Congé.

Ech kann Iech awer soen, dass kuerz virun dem Ofschloss vum Accord salarial eng Konventioun ofgeschloss ginn ass vun den Entreprises de gardiennage, wou ganz genau deeselwechte Pourcentage wéi deen, deen an der Fonction publique dra steet, ofgeschriwwe ginn ass.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Grad an deem do Beräich! Wann Der sot, mir musse vergläichen, wat ze vergläichen ass, dann däerft Dir deen do Verglach op kee Fall erunzéien.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.*- Ech kënnt Iech do och aner Konventiounen nennen, mä ech wëll awer verschidde Leit net a Verleeënheet bréngen!

Am Allgemenge kann een zréckbehalen, dass dëse Gehälteraccord sech virun allem un där allgemenger wirtschaftlecher Entwécklung inspiréiert huet, wat insgesamt vu ville Leit mat Satisfactioun opgeholl ginn ass.

Ech sinn och nach gefrot ginn, meng allgemeng Appréciatioun vum Gehälteraccord ze ginn. Eenzel Riedner hunn ugeschwat, ob deen Accord salarial elo eng Signalwierkung huet fir déi aner Secteuren, notamment fir de Privatsecteur.

Ech soen Iech elo fir d'éischt, wat meng allgemeng Appréciatioun vum Accord salarial ass. Hei huet de Patron Stat mat där national representativer Gewerkschaft am Kader vun der Tarifautonomie en Accord salarial ausgehandelt, en Accord salarial, dee Schrëtt hält mat där allgemenger wirtschaftlecher Entwécklung, deen där allgemenger Lounentwécklung vun 2 bis 3,5% laut Kollektivvertrag aus dem Privatsecteur Rechnung dréit, en Accord salarial, dee sech aus de spezifesche Gegebenheete vun der Fonction publique erginn huet, well et muss emol ee mir hei soen, wou d'Attraktivitéit nach vum öffentlechen Déngscht ass, nodeem Der d'Pensiounsreform ofgeschaaft hutt.

(Hilarité)

Dat muss emol nach ee mir hei explizéieren. Ech kann nëmme soen, dass et ganz schwiereg ass, wa mir Leit sichen, fir Leit ze fannen. De Statssecteur ass op fir jiddereen. Jidderee ka sech dohinner melden.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Kolleegen, esou kënne mir net weiderfueren. Während 3½ Stonn si Froen un d'Regierung gestallt ginn. D'Regierung ass elo amgaangen ze äntweren. Ob d'Äntwerten engem gefalen oder net, et soll een nolauschteren, a wann eppes ass, wou een net d'accord ass, huet ee laut dem Reglement d'Recht, parole après ministre ze froen.

Et geet net esou, wéi mir fir de Moment hei schwätzen. Et muss een de Statssekretär seng Argumentatioun opbaue loossen. Et kann ee jo herno d'Wuert froen, wann een net d'accord ass.

Et geet ëm e ganz wichtegt Gesetz, wou ganz vill um Spill steet, an ech bieden dofir ëm méi Disziplin. D'Demokratie besteet do dran, och engem nozelauschteren, deen eng aner Meenung huet wéi ee selwer.

Här Statssekretär, Dir hutt d'Wuert.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.-* Merci, Här President.

Ech kommen elo op d'Signalwierkung fir de Privatsecteur. Esou wéi ech et gesinn, fannen ech, dass et eng positiv Signalwierkung an deem Sënn ass, dass d'Aart a Weis, wéi verhandelt a mateneen ëmgaange ginn ass, exemplaresch war.

Ech kann nëmme recommandéieren, dass an Zukunft och an all deene Secteuren, déi nach Kollektivverträg mussen ofschléissen, konstruktiv verhandelt gëtt, ouni de gemeinsamen Intérêt aus den Aen ze verléieren.

Eng aner Iwwerleeung ass déi, dass am Privatsecteur d'Patronen an d'Gewerkschaften op Grond vun de Spezifissitéite an hirem jeweilege Secteur verhandelen a versichen, an deem Kader op Grond vun der Produktivitéit an deenen eenzelne Betriber zu engem Accord ze kommen.

Ob an deem Fall den Accord salarial an der Fonction publique Signalwierkung kann hunn, dat wäert d'Zukunft eis nach beweisen.

Et ass och nach iwwert d'Augmentatioun vum Congé geschwat ginn. Et ass gemengt ginn, dass an deem Fall missten deementspriechend Leit agestallt ginn. Tatsaach ass, dass während där leschter Regierungsperiod dräimol Verbesserungen am Beräich vum Congé komm sinn: Dat war de 7 Mäerz 1986, den 8 Januar 1996 an den 29 Juli 1999.

Bei deene Congéën, déi accordéiert gi sinn, ass keng eenzeg Kéier zousätzlecht Personal agestallt ginn, an ech géing och hei wëllen drop hiweisen, dass deen zousätzleche Congésdag an déi zousätzlech Congésdeeg, déi accordéiert gi sinn, och net fir den Enseignement zielen. Dat wëll ech hei kloerstellen.

Also geet et dës Kéier net anescht, virun allem wou dës Regierung an hirem Programm eng ganz Partie Mesurë virgesinn huet, zum Beispill duerch e verbesserten Asaz vun neien Technologië méi rationell a méi effikass Aarbechtsmethoden ze förderen.

Ee Punkt, deen ech awer net esou kann am Raum stoe loossen, ass deen, wou gesot ginn ass, dass d'Pensiounen am öffentleche Secteur géingen duerch den Accord salarial an d'Luucht goen. Heizou kann ech nëmme soen, dass dat eng allgemeng Desinformatioun a Saache Renteproblematik ass, ofgekierzt ADR.

Hei schéngen d'Leit d'Gesetz vum 8 Januar 1996 vergiess ze hunn. Dëst Gesetz huet de Prinzip vun der Péréquatioun vun de Gesetzer ofgeschaaft an de Prinzip vun dem Ajustement vun de Pensiounen, esou wéi en am Régime général besteet, ageféiert. Den Ajustement vun de Pensiounen assuréiert eng allgemeng Adaptatioun vun de Pensiounen un déi allgemeng Gehälterentwécklung. D'Péréquatioun hirersäits war eng individuell oder punktuell Adaptatioun vun de Pensiounen, déi sech aus der Spezifissitéit vun enger Carrière erginn huet.

Virun dem Aféiere vum Gesetz vum 8 Januar 1996, dat heescht virum 1 Januar 1995, huet all Erhéijung vum Punktwäert sech och op d'Pensioune bezunn, well et keng aner Adaptatioun wéi d'Péréquatioun ginn ass. Fir d'alleréischt sinn d'Statspensioune beim Ausbezuele vun der Mensualitéit vum Januar 1999 duerch den Ajustement adaptéiert ginn. Deen Ajustement entsprécht der Evolutioun vun der Moyenne vun de Gehälter aus de Joren 1996 an 1997. Deejéinegen, deen elo op den 1

Januar 2001 a Kraaft soll trieden, entsprécht der Evolutioun vun de Gehälter aus de Joren 1998 an 1999.

D'Konklusioun vun dësen Ausféierungen ass ganz einfach déi, dass zënter dem Ofschafe vun der Péréquatioun d'Resultat vun engem Accord salarial säin Nidderschlag net méi an der Pensioun fënnt. Dofir géif ech Iech bieden, d'Motioun 1, déi vum ADR gestallt ginn ass, ofzelehnen, well déi ass heimat sans objet.

Zu gudder Lescht gouf ech nach gefrot, vun dem honorablen Här Mars Di Bartolomeo, wéi et mat deem Bréif vun der CGFP wär, deen ech an der Kommissioun ugeschwat hat, wou d'CGFP eis informéiert huet, dass si bereet wär, am Kader vum Accord salarial op de Punkt vun dem Remboursement des frais d'avocat ze renoncéieren. Ech hunn dee Bréif hei. Et ass ee Bréif, deen datéiert vum 8. Juli, wou kloer an däitlech doraus ervirgeet, dass d'CGFP op dee Punkt renoncéiert.

Ech mengen, dass ech op déi Froen, déi hei u mech erugedroe gi sinn, eng Äntwert hat. Ech géing Iech alleguer nach eng Kéier villmools merci soe fir Är Opmierksamkeet a wënschen Iech eng schéi Vakanz.

Plusieurs voix.- Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean Asselborn fir parole après ministre.

M. Jean Asselborn *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nëmmen ee klengt Wuert soen zu der Mme Polfer. Dofir hunn ech parole après ministre gefrot. Ech wëll elo awer och e Wuert zu deem soen, wat den Här Schaack hei gesot huet.

En huet hei e Saz gesot, wou e sech e wéineg verschwat huet: En huet gesot, d'Attraktivitéit vum öffentlechen Dingscht wär fort, "nodeem Der d'Pensiounsreform ofgeschaaft hutt". E wollt eigentlech soen, nodeem dass Dir d'Pensiounsreform gestëmmt hutt.

Och haut schummen ech mech net, déi Pensiounsreform gestëmmt ze hunn, well vun do u bezillt jiddereen am Land 8% vu sengem Loun Cotisatioun fir seng Pensioun. Zweetens kritt jiddereen an Zukunft eng Pensioun, déi Funktioun ass vun deem, wat en abezillt. Drëttens gëtt den Ajustement fir all d'Leit am Land, ob se öffentlech schaffen oder privat, deeselwechten. Dat ass kee Crime, weder e sozialen nach e politesche gewiescht.

Elo kënnt awer hannendrun, Här President, dat, wat den Här Schaack gesot huet - en huet a sengem Numm hei geschwat selbstverständlech, mä wat en hei gesot huet - do froen ech mech, ob dat d'Meenung war vun der Regierung, esou wéi mäi Fraktiounspresident, de Jeannot Krecké, dat hei an engem Zwëscheruff gefrot huet.

Wann den öffentlechen Déngscht, Dir Dammen an Dir Hären, awer nëmmen attraktiv ass, well déi Leit, déi an den öffentlechen Dingscht ginn, gutt Pensioune solle kréien, da mengen ech awer - an ech hoffen dat -, dass mir déi Mentalitéiten ännere kënnen, an ech hoffen, dass d'DP do net an Zukunft an eng latent Sclérose verfällt, wou nëmme just nach domat Elektoralismus gemaach gëtt.

D'Fonction publique zu Lëtzebuerg muss dach och attraktiv sinn, wa mer déi Reform am Pensiounswiesen duerchgezunn hunn a mat anere Moyenen an anere Kanäl kënne fir den öffentlechen Dingscht verschidde Reformen alauden.

Dann zu deem Zweeten, wat ech wollt soen, der Déclinatioun vun der Mme Polfer iwwert dee latäineschen Adage vum "pacta sunt servanda". Ech weess, dass vill nei Leit hei an der Chamber sinn, an déi wësse vläicht net alles, an dofir wëll ech an zwee Sätz soen, wat virun engem gudde Joer war.

D'Demokratesch Partei huet sech géint den Iwwergangsregime ausgeschwat an implizit virun de Wale gesot - Mme Polfer, dat kënnt Der héchstwahrscheinlech elo net niéieren -, dass, wa si an d'Regierung kéim, dann deen Iwwergangsregime géif réckgängeg gemaach ginn. Dofir hutt Dir jo den Adage "pacta sunt servanda" ëmmer an ëmmer erëm benotzt. Dofir sidd Dir vu ville Leit gestëmmt ginn, déi d'Hoffnung haten a geduecht hunn, dat wär richteg, dat, wat Dir do géift soen, déi Hoffnung haten, wann Dir géift an d'Regierung kommen, dass dann dee "pacta sunt servanda" och géif agehale ginn an dann deen Iwwergangsregime géif falen.

Dir kënnt eis elo hei zielen, dass Dir fir méi wichteg Saachen an d'Regierung gaange sidd. Dir kënnt eis och zielen, dass Dir korrekt mat Ärem Partner, der CSV, wëllt ëmgoen. Alles dat ass richteg, mä, Här President, et kënnt een der Mme Polfer vläicht soen, dass et awer einfach gewiescht wär, fir wierklech hir Meenung duerchzesetzen, einfach dohier, well d'LSAP jo gesot hätt, si géif net an d'Regierung goen. Dat huet se e puermol gesot an ëmmer an ëmmer erëm widderholl.

Dir waart deen eenzege potentielle Regierungspartner vun der CSV, a wann Dir wierklech dru gegleeft hätt, wat Der do gesot hutt, hätt Dir Iech kënne vill, vill méi staark maachen an dee Prinzip och duerchsetzen. Dat ass, Mme Polfer, Äre Problem mam Prinzip "pacta sunt servanda". Dat ass dee vun haut, dee vu muer an och nach dee vun iwwermuer.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Mme Minister Lydie Polfer huet d'Wuert.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.-* Här President, ech gesinn, den Här Asselborn huet nach ëmmer net esou richteg verstanen, wat dat heescht "pacta sunt servanda". Ech géing proposéieren, dass mer vun haut un en neien Terme gebrauchen, esou wéi d'Kanner an der Schoul soen: Versprach ass versprach a gëtt net gebrach. Wann dat also méi en einfachen Terme soll sinn, fir dass dann de Prinzip besser soll verstane ginn, da sinn ech och domat averstanen.

Wat heescht dat, wat mir domat dénoncéiert hunn? Dat ass d'Attitude, déi eben - an ech ginn net méi an den Detail an, Dir wësst et - vun der viregter Regierung ageholl ginn ass, wou se sech net un dat gehalen huet, wat se ofgemaach hat, an dee Jugement, wou d'CGFP de Stat op d'Geriicht geholl huet, och als solche charakteriséiert huet.

(Interruptions diverses)

Wann Der wëllt, liesen ech Iech et vir. Mir kënnen eis heimat nach ganz laang ophalen.

Versprach ass versprach a gëtt net gebrach heescht, dass ee sech un dat, wat ee selwer ofgemaach huet, hält.

Mir hunn dat dénoncéiert, wat gemaach ginn ass, a mir hunn eis Positioun duergeluegt. Ech brauch se net nach eng Kéier ze erklären, si ass wuel bekannt.

Virun de Wale si mir ëmmer erëm gefrot ginn: Wat maacht Der dann, wann Der géingt an d'Regierung kommen? Mengt Der, Dir géingt ee Partner fannen, fir dat do duerchzesetzen? Dat si mir virun de Wale gefrot ginn. Dat sinn ech dënschdes virun de Walen an der Emissioun 10 vir 8 gefrot ginn. Ech hunn et och do nach eng Kéier klor gesot. Dir kënnt et roueg nokucken. Dat war déi klassesch Fro. Wat maacht Der dann, wann Dir kee Partner fannt? D'Fro war souguer nach méi prezis: Wat maacht Der dann, wa weder d'CSV nach d'LSAP d'accord sinn, fir dat do ëmzeänneren? Dat sinn ech fënnef Deeg virun de Wale gefrot ginn, an do hunn ech ganz kloer gesot, dass ech natierlech géif hoffen, dass mir géinge gestäerkt ginn, fir dat ëmzesetzen, mä dass een natierlech an enger Demokratie de Wielerwëlle misst respektéieren.

Wat war d'Resultat vun deene Walen? Wien hunn d'Wieler heihinner gescheckt?

D'DP huet 3 Sëtz gewonnen an ass hei vertruede mat 15 Sëtz. Esou wäit meng mathematesch Kenntnisser reechen, sinn awer 15 Sëtz vu 60 keng Majoritéit. Wann ech ronderëm mech kucken, sinn et vläicht d'Frënn vun der grénger Partei, déi d'accord gewiescht wieren, d'Gesetz ëmzeänneren.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Dat do ass ze einfach. Dat do musst Dir Iech patentéiere loossen. Schwätzt Der als Regierung oder als Parteipresidentin?

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Ech ginn Explikatiounen op eng Fro, déi mir hei gestallt ginn ass, an ech wëll erklären an hoffen, dass et dann ee fir allemol verstanen ass.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Neen, dat do kënnt nach oft.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Op Grond vun deem, wéi de Wieler sech den 13. Juni ausgeschwat huet, huet d'Demokratesch Partei 15 Sëtz, déi gréng Kolleege sinn zu fënnef. Mir wieren also zu 20 heibanne gewiescht, déi...

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk)*.- Zu 21.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Merci. Mir wieren also zu 21 gewiescht, déi d'accord gewiescht wieren, déi Gesetzer ëmzeänneren. 21 geet an dësem Land awer net duer, fir eng Gesetzgebung ëmzeänneren.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Da waart Dir der Meenung, déi viregt Regierung hätt richteg gemaach op deem Punkt.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Neen, guer net.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- No Ärer Interpretatioun jo.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Et muss ee fir allemol kloer sinn, vu dass d'CSV an d'LSAP virun de Walen dat kloer gesot hunn, an och no de Walen, souwuel d'CSV bei hirem Standpunkt bliwwen ass an - esou wäit ech dat och nach haut héieren hunn - d'LSAP och, a mir an engem Land sinn, wou, wann ee keng demokratesch Majoritéit huet, d'Gesetzer eben esou bleiwen, wéi se sinn, wann een en echten Demokrat ass, da muss een dat och kënnen acceptéieren. Dat hu mir gemaach, soss näischt anescht.

Wat hätt een nach soss kënne maachen? Et hätt een et kënnen esou maache wéi zu Esch. Et hätt ee kënne soen, deen do Verdict vum Wieler huele mir net un. Hätte mer dem Land dat och nach sollen undoen? Mir hunn net gemengt, dass dat eng demokratesch Aart a Weis gewiescht wier. Dofir hu mer de Verdict vum Wieler ugeholl an - an ech soen dat wierklech mat guddem Gewëssen - dat gemaach, wat och vun deene Leit erwaart ginn ass, déi eis hiert Vertrauen den 13. Juni ausgeschwat hunn. Mir hunn e Koalitiounsofkommes ofgemaach, dat an deem Sënn ass, a mir halen eis dorun, ob dat deenen engen oder deenen anere gefällt oder net. Mir si sécher, dass mer deem Vertraue gerecht ginn, wat déi Leit, déi fir eis gestëmmt hunn, an eis gesat hunn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Robert Mehlen.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Versprach ass versprach a gëtt net gebrach!

(Interruptions)

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären,…

(Interruptions)

…wéi d'DP an der Regierung de Sproch "pacta sunt servanda" interpretéiert, dat hu mer elo erlieft! Mir hunn et och scho viru kuerzem erlieft, wéi den Här Grethen seng Attitüd zum Fonds du Kirchberg duergeluegt huet, wou och de "pacta sunt servanda" mat der CSV op eng Kéier deen anere "pacta sunt servanda" iwwerwogen huet.

Här President, ech wollt no där e bësse méi emotionaler a mouvementéierter Diskussioun der Mme Minister op een Aspekt äntweren, dee se hei ugefouert huet, an zwar d'Mandat vun der Regierung, fir deen Accord hei auszehandelen.

Et ass ganz kloer, datt de Stat de Patron ass! D'Regierung ass awer net de Stat! Mir hätten et, contrairement zu där Attitüd, déi eng Partie Leit heibanne vertratt hunn, an och d'Regierung, normal fonnt, wann d'Regierung, déi déi Steiergelder engagéiert, déi mir hei als Chamber stëmmen a Form vu Steiergesetzer, d'Chamber virdru consultéiert hätt, wat hir Marge de manoeuvre wär, an et wär der Regierung och keen Zack aus der Kroun gefall, wa se während de Verhandlunge periodesch d'Finanzkommissioun, vläicht och d'Kommissioun vun der Fonction publique, informéiert a sech hire Spillraum au fur et à mesure ofseene gelooss hätt, wéi d'Verhandlunge virukomm sinn.

Dat ass op jidde Fall eise Standpunkt. Mir fillen eis - ech widderhuelen dat nach eng Kéier, wat de Kolleeg Jaerling hei gesot huet - net engagéiert duerch dat, wat d'Regierung hei ausgehandelt huet. Dat ass deen een Aspekt!

Zum zweete Punkt.

Här Statssekretär Schaack, Dir hutt eis hei wëllen de Prozess maachen! Dir hutt den ADR iwwersat als "Allgemeng Desinformatioun R", vläicht vun de Rentner, ech weess et net. Wann Der eis Motioun kuckt: Am zweeten Tiret steet ganz kloer dran: "entraînera une augmentation des pensions des fonctionnaires entrant en pension à partir du mois de janvier 2000 de plusieurs milliers de francs par mois"! Méi däitlech kann een et net schreiwen! Wann Dir heihi kommt an eis de Prozess maacht, hutt Dir dat do net richteg gelies gehat!

Mir soe ganz kloer, datt deen Accord hei fir déi Beamten, déi nom 1. Januar 2000 - well et jo retroaktiv geet - a Pensioun ginn - den Aly Jaerling huet hei d'Chiffere genannt -, ganz substanziell Pensiounserhéijunge wäert mat sech bréngen. Dat ass och ee vun de spréngende Punkten, woufir den ADR dee Projet hei net wäert stëmmen, well jo nach weiderhin de Refus vun der Regierung - an den Här Statsminister Juncker huet et beim Etat de la Nation gesot - do steet, fir generell, strukturell Pensiounserhéijungen am Privatsecteur unzegoen.

Ech wëll - ech huelen dat elo direkt mat duerch - dem Kolleeg Bausch, dee gemengt huet, mir hätten zwee Häerzer an eiser Broscht, den Här Jaerling misst sech hei als Gewerkschaftler diebelen, fir kënnen ze soen, den ADR oder hie selwer géif deem Projet hei säin Accord net ginn, ganz däitlech soen, datt mir am Nationalcomité en eestëmmege Vote geholl hunn, datt mer d'Gesetz net géife stëmmen.

Ech ziele stéchwuertaarteg d'Ursaachen…

(Interruption)

…op: dat eent ass d'Ongerechtegkeet am Pensiounswiesen, déi elo erëm verstäerkt gëtt - ech hunn et elo just gesot -;…

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Ass dat "parole après ministre"?

(Interruption)

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Ma selbstverständlech! Mir hu souwisou nach dräi Minutte gehat, Här Di Bartolomeo!

(Brouhaha)

…dann dat Argument vum…

(Interruption)

…Produktivitéitsgewënn.

(Interruption)

Woufir sidd Der da sou nervös?

(Hilarité)

Et kann een natierlech…

M. le Président.- Dir hutt "parole après ministre" gefrot, an elo polemiséiert Dir mam Här Bausch!

(Hilarité)

"Parole après ministre" ass geduecht, fir dem Minister…

(Interruptions)

…ze äntweren a Stellung ze huelen! Den Här Bausch huet dach näischt domat ze dinn!

(Hilarité)

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Ech…

M. le Président.- Är Riedezäit ass ofgelaf!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- ...wollt dem Här…

(Interruption)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech soen Iech merci dofir!

M. le Président.- Sou geet et jo awer net!

(Interruptions)

Jo, mä hien huet "parole après ministre" gefrot. Dat ass sënngeméiss geduecht, datt ee Stellung hëlt zu deem, wat de Minister gesot huet, mä d'Discussion générale ass ofgeschloss!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- ...Statssekretär,…

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- ...an der Mme Minister soen, Här President,…

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Da maacht Är Fro kuerz a bündeg,…

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Majo selbstverständlech!

M. le Président.- …datt mer hei ofstëmme kënnen! Dir bréngt et dach net fäerdeg, elo nach eppes ze änneren!

(Hilarité générale)

Also, loosse mer dach verstänneg sinn!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- …datt dat Argument - den Här Statssekretär huet hei vun den Etüde geschwat - vum Produktivitéitsgewënn a vun den Augmentatiounen am Privatsecteur net integral op de Stat kann iwwerdroe ginn. Do spille Froe vu Statsfinanzen eran. Et deet mer leed, datt en net méi do ass, den Här Statsminister Juncker, dee gesot huet: Dee Räichtum,…

(Interruption)

…deen duerch eise Wuesstum generéiert gëtt,…

(Interruption)

…geet just duer, fir d'Folgekäschte vun deem Wuesstem ze finanzéieren. Et soll ee sech net an eng Euphorie era steigeren a mengen, well mer elo Milliarden an der Statskeess hätten, kéinte mer um Niveau vun de Gehälter egal wat maachen!

Dat anert erspueren ech Iech! Dat huele mer dann déi nächst Kéier,…

(Brouhaha)

…well den Här President gemengt huet,…

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- …ech sollt nëmmen dorop äntweren, wat de Statssekretär hei gesot huet!

M. le Président.- Dat ass och richteg!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Da komme mer déi nächst Kéier drop zréck!

(Interruption)

M. le Président.- Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert och nach gefrot, "parole après ministre"! Dann huelt Der awer och Stellung zu deem, wat d'Mme Minister gesot huet, oder de Statssekretär, an net zu deem, wat soss ee gesot huet!

(Interruptions et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech wollt just eng Fro stellen, fir sécher ze sinn: Hunn déi zwee Regierungsvertrieder, déi elo de Mëtte geschwat hunn, am Numm vun der gesamter Regierung geschwat?

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- Op alle Punkten!

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Op alle Punkten?

Une voix.- Jo!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Natierlech!

(Interruption)

Majo, da soen ech der Mme Minister e ganz, ganz häerzleche Merci, dass se de Spidolsplang a senger Integralitéit, wéi en hei vun allen Deputéierte gestëmmt ginn ass,…

(Interruptions)

…realiséiert - mat Ausnahm vun e puer Enthalungen -, well d'Mme Minister huet gesot:…

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Neen!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- …"Versprach ass versprach a gëtt net gebrach!"

(Hilarité)

Da soen ech der Mme Minister e ganz, ganz häerzleche Merci, vu dass se jo am Numm vun der gesamter Regierung geschwat huet, dass de Rehazenter op Diddeleng kënnt,…

(Interruption)

…well: Versprach ass versprach a gëtt net gebrach!

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Hilarité)

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären,…

(Interruptions)

Ah, d'Mme Minister wëllt nach eng Kéier d'Wuert ergräifen!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

D'Mme Minister huet d'Wuert.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.-* Ech maache vun hei aus fir d'éischt den Här Mehlen nach op de Verhandlungsspillraum vun der Regierung opmierksam. Ech mengen, mir liewe Gott sei Dank an engem Rechtsstat, wou eben d'Séparation des pouvoirs ganz kloer ass. Dir hutt den Exécutif, de Législatif an dann eben de Judiciaire. Et ass nun emol der Regierung hir Prérogative, ...

(Interruption)

…als Exécutif eben déi Verhandlungen ze féieren an och duerchzezéien. Mir hunn dës Kéier fir d'alleréischt - et ass jo hei schonn ervirgestrach ginn -, ier ënnerschriwwe ginn ass, d'Chamberkommissioun an d'Bild gesat iwwert dat, wat mer ausgehandelt hunn. Mä et ass grad sou kloer, datt et natierlech der Chamber hir Prérogative ass, zu deem Accord salarial jo oder neen ze soen!

(Interruption)

Do interféréiert keen an deem anere seng Pouvoiren!

Hei ass e politeschen Accord fonnt ginn, zu deem d'Regierung steet, an et ass der Chamber hir Prérogative, hir Responsabilitéiten ze huelen! Dofir, mengen ech, ass et an deem dote Kontext ganz kloer!

(Interruptions)

Zu deem anere wëll ech elo den Owend, zu spéider Stonn, sou just virun der Vakanz,…

(Interruptions diverses)

…keng Polemik opbriechen! Ech wëll just dem Här Di Bartolomeo soen: Wann dat alles sou definitiv gewiescht wier, wann eng Autorisatioun vun der fréierer Regierung…

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Et ass e Gesetz gestëmmt ginn!

(Interruptions)

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Et ass e Finanzéierungsgesetz gestëmmt ginn,…

(Interruptions diverses)

…fir e Finanzplang ze maachen! Mä de Projet als Plang, wann e gestëmmt gi wier vun där fréierer Regierung a vun deem fréiere Gesondheetsminister, wann e souguer nach an den Deeg no de Walen accordéiert…

(Interruptions)

…gi wier, da géife mer haut iwwerhaapt net méi driwwer schwätzen!

Dat war just meng lescht Informatioun,…

(Interruptions)

…da wier alles definitiv fäerdeg!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Ech hu jiddefalls vill méi Vertrauen a Verspriechen…

(Coups de cloche de la Présidence)

…vun deenen, déi déi aner Säit sëtzen, wéi a Verspriechen, déi vun där dote Säit kommen!

(Brouhaha)

M. le Président.- Also, Dir Dammen an Dir Hären, mir wieren elo um…

(Interruptions diverses)

…Schluss vun der Diskussioun ukomm.

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Wéi e Verspriechen hunn ech Iech da scho gemaach, wat ech net gehalen hunn?

M. le Président.- Mme Minister!

Mir kommen zu der Lecture vun den Artikele vum Projet 4677…

(Interruptions)

…a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 11 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen elo zur Ofstëmmmung iwwert dat virleiend Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 52 Jo-, 7 Nee-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

S'est abstenu: M. Robert Garcia.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also sou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, da kéime mer elo zu de Motiounen, wou Der den Text virleien hutt. Si sinn och genügend erkläert ginn, a mir kënnen direkt ofstëmmen.

Motions

Zur Motioun 1 vum Här Jaerling.

Vote

Ween dofir ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Ween ass dogéint?

Et ass keen Zweifel: D'grouss Mehrheet ass dogéint! Si ass ofgelehnt.

Da komme mer zur Motioun 2, déi vum Här Bausch abruecht ginn ass.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Vote électronique!

M. le Président.- E Vote électronique hätt Dir gär?

(Assentiment)

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 2.

Vote

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 41 Neen- an 19 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Dann hu mer hei nach 10 Motioune vum Här Aloyse Bisdorff, déi awer net recevabel sinn. Et ass nëmmen eng Ënnerschrëft drop,…

(Interruption)

…oder et sief, datt nach een do ass, deen nach mat ënnerschreiwe wéilt, Här Bisdorff!

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Vläicht kéint d'Regierung dovun och déi eng oder aner unhuelen?

Une voix.- Wéi geet dat?

(Interruptions)

M. le Président.- Den Här Statssekretär huet awer erkläert,…

(Interruption)

Fir d'éischt mussen d'Ënnerschrëften do sinn. Sinn nach véier Leit bereet, fir déi Motiounen, déi abruecht gi sinn, ze ënnerstëtzen? Wann net, da si se net recevabel! Da gëtt net ofgestëmmt!

(Interruption)

Den Här Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Et ass déi eng oder aner dobäi, déi mir kéinte mat stëmmen, déi mer och bereet wären, mat ze ënnerstëtzen. Mat aneren hu mer Schwieregkeeten. Dat géif awer bedeiten, datt mer se eenzel missten duerchhuelen. Ech mengen, Här Bisdorff, mir hunn déi och elo eréischt de Mëtte gesinn, dofir…

Une voix.- Jo!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* …wësse mer net sou richteg, wéi mer elo sollen domat ëmgoen!

Plusieurs voix.- An d'Kommissioun domat!

M. le Président.- Ouni Ënnerschrëfte kënne mer net driwwer diskutéieren! Wa se net ënnerstëtzt sinn, si se net recevabel! Den Här Mehlen freet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).-* Laut Reglement huet den Här Bisdorff zu all Zäit d'Méiglechkeet, eng Motioun ze déposéieren!

M. le Président.- Mä et gëtt net driwwer ofgestëmmt!

(Interruption)

E ka se déposéieren, mä et gëtt eréischt driwwer ofgestëmmt, wa fënnef Ënnerschrëften do sinn!

(Interruption)

Also, ech stelle fest, datt déi Motiounen net ënnerstëtzt sinn! Si sinn also net recevabel, an domat si se verworf!

(Interruptions diverses)

2. Projet de loi 4605 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension et modifiant

a) le code des assurances sociales,

b) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat,

c) la loi du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois *(Suite)*

Mir hunn nach eng Motioun - entschëllegt, Kolleegen -, déi zu deem Gesetz, wat mer de Moie gestëmmt hunn, abruecht gi war vum Här Jaerling. Deen Text ass remaniéiert ginn an deem Sënn - ech mengen, et sou verstanen ze hunn -, op deen d'Parteie sech gëeenegt hunn a mat deem d'Regierung och d'accord ass!

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés

- considérant la complexité et le manque de transparence dans le système des assurances-pensions actuel;

- considérant les pertes financières que subissent de nombreux citoyens mal ou pas informés de leurs droits de pension;

- considérant que l'information doit porter sur les nouvelles dispositions législatives obligeant les ayants droit d'introduire une demande auprès des organismes de la sécurité sociale compétents;

invite le Gouvernement

- à demander aux caisses de pensions d'informer par voie postale leurs ayants droit, y inclus les préretraités, des prestations qu'ils peuvent faire valoir, en vertu de nouvelles dispositions législatives.

(s.) Aly Jaerling, Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Vote

Si mer d'accord mat där Motioun, wéi se elo virläit?

Plusieurs voix.- Jo!

M. le Président.- Déi si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Une voix.- Mir net!

M. le Président.- Ween ass dogéint?

Ech stelle fest, datt déi Motioun mehrheetlech ugeholl ass!

(Interruptions)

3. Discours de M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés

Dir Dammen, Dir Hären, léif Kolleegen a Kolleeginnen, eemol méi si mir um Enn vun eisen Debatte virun der Summervakanz ukomm.

Déi éischt Sessioun vun der neier Legislaturperiod ass awer nach net zu Enn a wäert den 28. September en his-